Conseil communal

Séance publique du 9 décembre 2011

Durée de la séance: *17.30 à 19.00 heures*

Présents:

Mellina Pierre, bourgmestre (CSV)		**Breyer Roland**, 1er échevin (CSV) **Conter-Klein Raymonde**, 2e échevin (CSV) **Linden Jeannot**, 3e échevin (LSAP)
Conzemius-Holcher Josette (CSV) **Gira Carlo** (CSV) **Polfer John** (CSV) **Rosenfeld Romain** (CSV)	**Brecht Guy** (LSAP) **Gonçalves Cátia** (LSAP) **Mertzig Romain** (LSAP) **Pierre Norbert** (LSAP)	**Becker Romain** (déi gréng) **Scheuer Romain** (déi gréng) **Welter Gilbert** (DP) **Thein Joé** (adr)

Absents et excusés:

Bosseler Camille (CSV)

ORDRE DU JOUR

Point unique:

Présentations et commentaires du collège échevinal sur le budget rectifié de 2011 et le projet de budget pour 2012 de l'administration communale.

COMPTE RENDU

1.

Présentation du budget rectifié 2011 et du budget prévisionnel 2012.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dir Dammen an Hären. An dëser zweeter Sëtzung vum neie Gemengerot presentéiert de Schäfferot de rektifizéierte Budget 2011 an de Budget 2012. Et ass kloer, datt dëse Budget 2012 en Iwwergangsbudget ass, an datt dësen haaptsächlech Projeten enthält, déi an der leschter Mandatsperiod op d'Schinne gesat goufen. Trotzdem begräift dëse Budget mat ausseruerdentlechen Ausgabe vun 25,8 Milliounen Euro eng Zomm, déi wesentlech iwwer deene vun de jeeweilege Budgeten aus de leschten 12 Joer läit. Mat dësem Dokument ënnersträicht de Schäfferot, datt hien och an den nächste Joere gewëllt ass, d'Investissementer am Intressi vun der Entwécklung vun eiser Gemeng op engem héijen Niveau ze halen. Gläichzäiteg ass de Schäfferot awer och bestrieft – sou wéi dat am gemeinsame Koalitiounsvertrag vun den zwou Majoritéitsparteien CSV an LSAP verankert ass – déi virsiichteg Finanzpolitik aus dem leschte Jorzéngt weider ze féieren.

D'Gemeng Péiteng dréit den Iwwerleeungen aus der Circulaire Nummer 2952 vum Inneminister Rechnung. Ech zitéieren : "... les communes font partie du secteur public et assument comme tel également une certaine responsabilité non seulement quant au respect des critères de Maastricht, mais également en matière de gestion de la situation financière caractérisée en cette période par une économie mondiale qui évolue dans un contexte difficile et volatile, marqué par les conséquences de la crise de la dette souveraine. Elles voudront donc se faire leur ces préceptes et poursuivre une politique de gestion financière prudente, ...". Dësen éischte Budget vun der neier Majoritéit ass ee virsiichtege Budget, deen dem däischtere konjunkturellen Ëmfeld gerecht gëtt, ee Budget, deen awer beileiwe kee Spuerbudget ass, ganz am Géigendeel. Engersäits bleiwen d'Investissementer weiderhin héich, op där aner Säit gëtt allerdéngs d'Entwécklung vun de lafende Käschten duerch eng dauernd Analys am A behalen.

Schlussendlech wäert den neie Schäfferot am 1. Semester vum nächste Joer dem Gemengerot e pluriannuellen Investitiounsprogramm mat sengem viraussiichtleche Finanzéierungsplang virleeën. Ee Programm, deen dat finanziellt Basisdokument fir déi aktuell Mandatsperiod duerstellt.

Et war sécherlech net ganz einfach fir an där kuerzer Zäit no de Gemengewalen an no der Installatioun vum neie Schäffen- a Gemengerot de Budget vum nächste Joer opzestellen. Dofir wëll ech besonnesch dem Finanzdepartement mam Thierry Balance e grousse Merci soe fir seng dacks schwiereg Koordinatiounsaarbecht an dësem Kontext. Et ass sengem Engagement ze verdanken, datt de Gemengerot den 2. Dezember, dat heescht viru genee enger Woch e méiglechst komplett an iwwersiichtlecht Budgetsdokument virgeluegt kritt hutt.

Et ass schonn eng Traditioun zu Péiteng, mä nach laang keng Selbstverständlechkeet am Lëtzebuerger Land; mir hunn et op en neits fäerdeg bruecht, e Budget fir d'Joer 2012 ze ficeléiere mat:

- engem Rekordiwwerschoss am ordinäre Budget,
- engem extraordinäre Budget, dee mat engem Total vu ronn 25,8 Milliounen Euro deen héchsten aus dem leschte Jorzéngt ass,
- engem weider Réckgang vun der Gemengeschold.

De Staatsbudget gesäit fir d'Joer 2012 am Verglach zum lafende Joer eng Progressioun vun de Recette vun 4,9% a vun den Ausgabe vun 6,1% vir. Fir d'Gemeng Péiteng klammen déi ordinär Recettë vun 2011 op 2012 ëm 9,5% an déi ordinär Ausgaben ëm 7,9%. Wichteg ass hei, datt op en Neits déi ordinär Recetten an enger gréisserer Proportioun klamme wäerten ewéi déi ordinär Ausgaben, wat eng weider Erhéijung vum ordinären Iwwerschoss mat sech bréngt a wat de finanzielle Spillraum fir Investissementer an eiser Gemeng weider erhéicht. Et ass awer falsch, d'Progressioun vun den ordinäre Recettë vun 9,5% iwwer ze bewäerten. Dës sinn zu engem wesentlechen Deel op affektéiert Recetten zeréckzeféieren, dat am Zesummenhang mat der Péitenger Crèche a mat der neier Maison Relais zu Péiteng. Recetten, déi och méi héich Ausgaben op där aner Säit viraussetzen.

Erfreelech ass natierlech, datt mer den ordinären Iwwerschoss weiderhin erhéiche kënnen. Mat knapp 11,4 Milliounen Euro am Joer 2012 hu mer et fir d'alleréischt fäerdeg bruecht am Budget d'Grenz vun den 10 Milliounen Euro ze depasséieren. Mat enger Progressioun bei dësem wichtege Parameter fir d'Aschätzung vun der Finanzlag vun eiser Gemeng, déi par rapport zum Joer 2011 bei bedeitenden 16% läit, ënnersträiche mer eis Beméiunge fir d'Entwécklung vun de lafenden Ausgabe konsequent am Gréff ze behalen. Tëscht de Joren 2006 an 2012 konnte mer den ordinären Iwwerschoss lafend verbesseren, an dat vun 3,43 Milliounen Euro op elo 11,4 Milliounen Euro, wat méi wéi eng Verdräifachung duerstellt. Dëst gëtt eis och an Zukunft den néidege Polster fir op en eventuellen Abroch vun den net affektéierte Revenuen ze reagéieren.

Am ordinäre Budget 2011 stellt een tëscht dem initiale Budget, deen am Dezember 2010 virgestallt gouf, an dem rektifizéierte Budget, deen ee Joer méi spéit virläit, nëmme liicht Verschibung fest. Op der Recettesäit ass eng Erhéijung vun 2,1% festzestellen, op der Ausgabesäit eng Erhéijung vun 2,0% a schlussendlech beim ordinären Iwwerschoss eng Progressioun vun 2,5%. Als positiv ass sécherlech zeréckzebehalen, datt den ordinären Iwwerschoss vun 9,8 Milliounen Euro op iwwer 10 Milliounen Euro klëmmt, eng Situatioun, déi sech Ufank vum nächste Joer beim definitive Kont 2011 nach eng Kéier substantiell verbessere wäert wann déi definitiv Zuele vun den net affektéierte Revenue bekannt sinn.

Wat sinn elo déi Haaptursaache vun dëse Variatiounen am ordinäre Budget? Fir d'alleréischt läit fir d'Joer 2011 d'Participatioun un de Fonctionnementskäschte vun der Crèche Kordall ëm 316.000 Euro méi héich wéi um Ufank virgesinn, esou datt esouwuel déi ordinär Recetten ewéi déi ordinär Ausgaben ëm dës Zomm erhéicht musse ginn. Weider klëmmt de finanziellen Apport fir den Office social vun 474.000 € op 614.000 €, eng Progressioun, déi drop zeréckzeféieren ass, datt de Familljeministère sech op Grond vu prozeduralen Iwwerleeunge strieft, bei enger Rei sozialen Hëllefen déi versprache 50% z'iwwerhuelen. No enger Reunioun mat de Beamte vum betraffene Ministère goufen den 30. September déi néideg Dispositioune geholl fir dës Situatioun am Joer 2012 ze vermeiden.

Am Budget 2012 belafen déi ordinär Recettë sech op 55 Milliounen Euro. Si besti gréisstendeels, dat heescht zu 75%, aus den net zweckgebonnene Recetten, dem „Fonds communal de dotation financière", der kommunaler Gewerbesteier an der Grondsteier.

Dogéint maachen déi affektéiert Revenue 7% vun allen ordinäre Recetten aus. Hei stelle besonnesch d'Maison Relaisen, wou jo am Hierscht eng weider Struktur zu Péiteng opgeet, an eis Crèche zu Péiteng mat 45% e bedeitenden Deel duer, mä och déi affektéiert Revenuen am Kader vun der Musekschoul spille mat iwwer 20% eng gréisser Roll.

14% vun de Gesamtrecettë vum ordinäre Budget 2012 kommen aus Taxenerhiewungen.

D'Loyere vu Gebailechkeeten, sief et vu verschidde Sozialwunnengen oder vu Raimlechkeeten, déi mer dem Staat, der Police a.s.w. deelweis oder ganz zur Verfügung stellen, maachen 1% vun alle Recetten aus.

Déi restlech 3% setze sech aus verschidden ordinäre Recetten zesummen, ënner anerem d'Remboursementer vun der *Mutualité des Employeurs*, d'Remboursementer vun der TVA, vun de Gehälter vum Office social, vum „congé politique" a vun de Bankzënsen.

Wat elo d'Brutto-Ausgabe vum Budget 2012 ugeet, esou klammen dës op 43,6 Milliounen Euro a stelle sech esou zesummen:

D'„Charge salariale" – an déi begräift esouwuel d'Gehälter vun dem gesamte Personal, dat vum Schäffen- a Gemengerot agestallt ass, also an eiser Verwaltung, an de Regiebetriber, de Maison Relaisen, dem Office social, der Musekschoul, de Schoulen an den zwou Schwämmen schaffen, esou wéi och de Remboursement un de Staat vun engem Drëttel vun de Gehälter vum Léierpersonal aus eiser Gemeng – klëmmt vum Budget 2011 op de Budget 2012 vun 21,1 Milliounen Euro op 22,9 Milliounen Euro, dat entsprécht 52% vun allen ordinären Ausgaben.

Am neie Budget 2012 beleeft sech den Undeel un de Fonctionnementskäschte vun den eenzelne Gemengesyndikater op 5 Milliounen Euro, wat 12% vun den ordinären Ausgaben duerstellt.

Mat 6% oder 2,5 Milliounen Euro leien d'Annuitéite fir d'Gemengeschold am Budget 2012 an enger Gréissenuerdnung, déi ze vertrieden ass.

Mat 3,1 Milliounen Euro, dat heescht 7% vun den ordinären Ausgaben, bleiwen d'Ënnerhaltskäschte vun eise Gebaier – ouni d'Gehälter vun eisen Aarbechter, déi an dëse Gebaier schaffen – méi oder manner op deemselwechten Niveau wéi déi Joere virdrun.

E wichtege Posten an eisem Budget stellen d'„prévisions sociales" duer, dat heescht de Fonctionnement vum Office social, de „repas sur roues", d'„Téléassistance", d'Beschäftegung vun CAEen oder Léierbouwen a – meedercher an d'Subventioune vun den Aktivitéite vum CIGL a ProActif an eiser Gemeng. Brutto-Ausgabe vu knapp 2

Milliounen Euro oder 4% vun den ordinären Ausgabe sinn am Budget 2012 fir dës Zwecker virgesinn.

D'Käschte vun eisem Fuerpark, dat heescht de Benzin oder Diesel, d'Versécherungen esou wéi den Ënnerhalt belafe sech am Budget 2012 op 468.999 Euro, wat 1% vun allen ordinären Ausgaben ausmécht.

Iwwer 900.000 Euro gi laut Budget 2012 un zwou Asbl-en iwwerwisen. Dat sinn op der enger Säit 745.000 Euro un d'Asbl *Foyer du jour Kordall* fir d'Gestioun vun der Crèche Kordall, déi d'Gemeng op der aner Säit integral vum Staat erëmkritt, an 160.000 Euro als 50-prozenteg Participatioun un de Fonctionnementskäschte vun eise Jugendhaiser zu Péiteng a Rodange.

Schlussendlech bleiwen nach ronn 16% oder 6,8 Milliounen Euro fir eng helle Wull vu verschiddenen ordinären Ausgaben.

Eng aner Analys vun dem ordinäre Budget besteet doranner ze kucken, a wat fir Beräicher déi net zweckgebonne Revenuen – dat heescht de „Fonds communal de dotation financière", déi kommunal Gewerbesteier an d'Grondsteier – verbraucht ginn. Hei schiele sech 10 gréisser Ausgabeberäicher eraus.

Dës net affektéiert Revenue vun der Gemeng Péiteng belafe sech am Budget 2012 op 41 Milliounen Euro, 3,8 Milliounen Euro oder 10% méi wéi am Budget 2011. Si sollen am Budget 2012 esou verdeelt ginn:

- Fir d'„Administration générale, ordre public, culte et sécurité" 6,6 Milliounen Euro, eng Erhéijung vun 6% par rapport zum Budget 2011.
- Fir d'Annuitéite vun eiser Gemengeschold 2,5 Milliounen Euro, kaum e Changement am Verglach mat 2011.
- Fir d'„Prévisions sociales" 1,9 Milliounen Euro, e Plus vun 18% am Verglach zum Budget 2011.
- Fir den „Enseignement" an d'Maisons Relaisen 9,5 Milliounen Euro, wat enger Progressioun par rapport zum Budget 2011 vun 6% ausmécht an zum Deel op d'Ouverture vun der neier Maison Relais zu Péiteng zeréckzeféieren ass.
- Fir de Sport, d'Kultur an d'Fräizäit 2,7 Milliounen Euro, dat heescht eng weider Progressioun vun 200.000 Euro.
- Fir d'Voirie, de Park, d'Ëmwelt an d'Kierfechter 3,8 Milliounen Euro, och eng Progressioun vun 200.000 Euro.
- Fir de Kanal, d'Kläranlag, d'Waasserversuergung an d'Müllentsuergung brauche keng net affektéiert Revenuen an Usproch geholl ze ginn. Am Géigendeel, et bleift op Grond vun der neier Gesetzgebung - wat de käschtendeckende Waasserpräis ugeet – an deem Beräich en Iwwerschoss am ordinäre Budget vu ronn 745.000 Euro, dee fir d'Couverture vun engem Deel vun den extraordinären Ausgaben an deem Beräich gebraucht gëtt.
- Fir eis Musekschoul 726.000 Euro, wat enger Erhéijung vun 200.000 Euro par rapport zu 2011 gläichkënnt.
- Fir eis Schwämmen 1,5 Milliounen Euro, och eng Hausse vun 200.000 Euro am Verglach mat 2011.
- Fir den ëffentlechen Transport 1,1 Milliounen Euro. Hei klëmmt de Bäitrag fir den TICE am Joer 2012 op en neits ëm knapp 100.000 Euro.

Deemno stinn am Budget 2012 11,4 Milliounen Euro, dat heescht bal 28% vun den net affektéierte Revenue fir extraordinär Projeten zur Verfügung. Dat ass, wéi scho gesot, eng exzellent finanziell Ausgangspositioun fir eis Gemeng an erlaabt eis, am 1. Semester vum nächste Joer en ambitiéisen Investitiounsprogramm fir dës Mandatsperiod opzestellen.

Positiv ass ze bemierken, datt, nodeem déi net affektéiert Recetten am Budget 2010 e schwéieren Abroch kannt haten, dës am Budget 2012 fir d'zweet Joer noeneen zolitt klamme wäerten. Dat ass sécher mat 10% bemierkenswäert. Trotzdem, fir e bessert Bild ze kréien, muss een dës Evolutioun iwwer eng länger Zäit am A behalen. Effektiv läit näämlech d'Progressioun par rapport zum Joer 2009 – dat heescht iwwer 3 Joer – bei 19%, wat enger jäerlecher Progressioun vun 6,3% gläichkënnt. Eng Progressioun, déi zum gréissten Deel noutwenneg ass fir den Effet vun der Präisdeierecht a vun der Evolutioun vun de Peien am Gemengesecteur opzefänken.

Et fält op, datt bis op eng Ausnam, dat heescht am Joer 2005, déi net affektéiert Revenuen am definitive Kont regelméisseg an de leschte Jore méi héich wéi am initiale Budget leien. Well mer am rektifizéierte Budget 2011 virsiichtshalber déi net affektéiert Revenuen op dem nämmlechten Niveau wéi am initiale Budget gelooss hunn, kënne mer deemno och dëst Joer dovunner ausgoen, datt sech dat allgemengt Resultat beim Ofschloss vun de Konten am Abrëll 2012 nach wesentlech verbessere wäert.

Am extraordinäre Budget 2012 stinn 25,8 Milliounen Euro zur Verfügung. Zesumme mat dem rektifizéierte Budget 2011 sinn dat deemno 43,3 Milliounen Euro am Total.

D'Ausgaben am extraordinäre Budget 2012 verdeele sech esou:

- D'Kapitel Sport, Kultur, Jugend a Fräizäit mat 7,5 Milliounen Euro oder 29% vun allen extraordinären Ausgaben.
- D'Kapitel Infrastrukturaarbechten an de Stroossen, op de Plazen an un den Netzer mat 4 Milliounen Euro oder 15,5% vun den extraordinären Ausgaben.
- D'Kapitel Schoulinfrastrukture mat 7,8 Milliounen Euro oder 30,4% vun den extraordinären Investissementer.
- D'Kapitel „Etablissements sociaux", dat heescht Maison Relais a Crèche, mat 3,7 Milliounen Euro oder 14,2% vun den extraordinären Aarbechten.
- D'Kapitel Verbesserungsaarbechten un de Verwaltungsgebaier an an de Regiebetriber mat 50.000 Euro oder 0,2% vun den extraordinären Ausgaben.
- D'Kapitel Bedeelegung un den Investissementer vun de Gemengesyndikater mat 422.000 Euro oder 1,6% vun den extraordinären Ausgaben.
- A schlussendlech nach verschidden aner extraordinär Ausgaben an Héicht vun 2,4 Milliounen Euro, déi 9,1% ausmaachen. Heirënner fale virun allem d'Acquisitioun vun Terrainen, vu Gefierer fir eis Betriber, déi technesch Berodung am Kader vun dem neie PAG a vu verschidde PAPen esou wéi verschidde Subsiden, déi d'Gemeng un hir Bierger ausschëtt.

Wéi ginn dës extraordinär Ausgaben dann elo finanzéiert? De Finanzement gëtt ofgeséchert:

- Zu 40% iwwer den ordinären Iwwerschoss vum Budget 2012, wou mer eis weiderhin op engem héijen Niveau bewegen.
- Zu 12% iwwer Staatssubsiden.
- Zu 40% iwwer de viraussiichtleche Boni, deen aus dem Joer 2011 iwwerdroe gouf.

- Zu 4% iwwer de „Fonds de réserve Pacte Logement“, wou mer 1 Millioun Euro eraushuele fir de Projet vun de Renovatiouns- a Vergréisserungsaarbechten un der Schoul *Beim Tëtelbierg* zu Rolleng ze finanzéieren.

Am Detail wäert d'Situatioun fir d'Gemeng Péiteng – wat de *Pacte Logement* ugeet – Enn 2012 esou ausgesinn: D'Gemeng Péiteng huet an den éischte Joeren, dat heescht vun 2007 bis 2009, Recetten am Total vu liicht iwwer 1,4 Milliounen Euro verbucht. Fir d'Joer 2010 erwaarde mer opgrond vun der Bevëlkerungsentwécklung eng Zomm vun nach emol 1,4 Milliounen Euro, a fir d'Joer 2011 nach emol ronn 1 Millioun Euro. Domat belafe sech d'Recetten iwwer de *Pacte Logement* an den éischte 5 Joer viraussiichtlech op 3,8 Milliounen Euro. Mir wäerten am Joer 2012 awer, wéi elo just ugekënnegt, op 1 Millioun Euro zeréckgräife fir een Deel vum grousse Renovatiouns- a Vergréisserungsprojet an der Schoul *Beim Tëtelbierg* ze finanzéieren, esou datt de viraussiichtleche Solde am „Fonds de réserve Pacte Logement“ Enn 2012 bei 2,8 Milliounen Euro leie wäert.

Dëst ass dann den 8. Budget hannereneen, deen ouni neien Emprunt an d'Gläichgewiicht bruecht konnt ginn. D'Gemengeschold wäert am Joer 2012 nach eng Kéier ëm 2.057.323 Euro reduzéiert ginn. Enn 2012 läit dann d'Gemengeschold bei 20.235.846 Euro, den niddregste Stand, deen d'Gemengeschold an eiser Gemeng an de leschte 15 Joer – dat heescht zënter 1998 – kannt huet. Allerdéngs ënnersträicht de Rapport tëscht der Gemengeschold engersäits an den net affektéierte Revenuen anersäits mat Nodrock, datt d'Verscholdung am Budget 1998 am Verglach zu därselwechter Verscholdung am Budget 2012 eis Gemengefinanze wesentlech méi belaascht huet wéi dat haut nach de Fall ass. Am Joer 1998 hu mer vun engem Verhältnis vun 1 zu 1 geschwat, haut hu mer e Verhältnis vun 1 zu 2.

D'Pro-Kapp-Verscholdung läit Enn 2012 bei 1.238,53 Euro. Am Verglach mat villen anere Gemenge leie mer mat dëser Pro-Kapp-Verscholdung ganz gutt an och par rapport zu der fréierer Situatioun vun eiser Gemeng ass eng wesentlech Verbesserung festzestellen. Dëst erlaabt et eiser Gemeng och erëm an Zukunft op en Emprunt zeréckgräife wann noutwenneg Investissementer am Intressi vun der Entwécklung vun eiser Gemeng dat verlaangen.

Ier dann elo meng Kollegen aus dem Schäfferot hir Beräicher am Detail beliichten, wollt ech dann och nach kuerz e puer Detailer vun deene Beräicher uschwätzen, déi laut Schäfferotserklärung an den nächste 6 Joer vu mir begleet ginn.

Am Schoulwiese stinn, ewéi scho gesot, 7.847.000 Euro am extraordinäre Budget 2012. Hei wäerten 3 gréisser Bauprojeten am Joer 2012 weidergefouert ginn.

Um Site vun der Éigent-Schoul ginn d'Vergréisserungsaarbechten am Hierscht 2012 ofgeschloss, esou datt bei der Schoulrentrée 2012/2013 déi 4 nei Säll fir den Zyklus 1 an déi 7 nei Säll fir d'Zyklen 2 bis 4 prett sinn. 3 Milliounen Euro sti fir dës Aarbechten am Budget 2012. An enger weiderer Phas ginn dann nach d'Alentouren an d'Schoulhäff op dësem Site nei gestalt. Zu Rodange ginn d'Aarbechte fir déi nei Schoul vum 1. Zyklus mat 4 zousätzleche Säll séier virun, esou datt do och fir d'Schoulrentrée 2012/2013 mam Enn vun den Aarbechte gerechent ka ginn. En éischten Akkont vun 1,5 Milliounen Euro oder ronn 50% ass am Kader vum Budget 2012 virgesinn. D'Aarbechten am Schoulgebai *Beim Tëtelbierg* hunn am leschten Oktober ugefaangen a wäerte sech iwwer 3 Joer erstrecken. 2,5 Milliounen Euro vun engem Total vun 6,2 Milliounen Euro, déi virgesi sinn, solle laut Budget 2012 verschafft ginn. Weider sinn Uschafunge vun neiem Miwwel vun 625.000 Euro fir dës 3 Gebaier am Budget 2012 virgesinn.

Schlussendlech soll engersäits och nach d'Fassad vun engem Deel vum ale Gebai vun der Éigent-Schoul erneiert ginn. Käschtepunkt: 100.000 Euro. Doriwwer eraus sollen d'Fiichtegkeetsproblemer am Keller vum Schoulgebai op der Fonderie definitiv geléist ginn. Fir dësen Zweck stinn dann och nach 72.000 Euro am Budget.

Wat elo eisen Office social ugeet, esou huet de Gemengerot sech jo de 4. Abrëll 2011 prinzipiell an eestëmmeg dofir ausgeschwat, fir um Site vun der fréierer Spillschoul an der Kierchestrooss zu Péiteng den definitive Sëtz vum Office social ze etabléieren. Mer hunn en Architektebüro mat der Ausschaffe vun engem Plang beoptraagt a wëllen dem Gemengerot am Laf vum nächste Joer e Projet virleeën. Am rektifizéierte Budget 2011 stinn 20.000 Euro an am Budget 2012 50.000 Euro fir dëse Projet, wou fir de Moment esouwuel iwwer e substantiellen Ëmbau vum Gebai, dat besteet, ewéi och iwwer en Neibau nogeduecht gëtt.

Wat elo d'Beschäftegungsinitiative vum CIGL a ProActif ugeet, esou stinn am Budget 2012 am Total 731.738 Euro am ordinäre Budget. Am ordinäre Budget 591.738 Euro an am extraordinäre Budget 140.000 Euro.

D'Projete vum CIGL, dat heescht den Ënnerhalt vu verschidde Spillplazen a Gréngflächen, d'Geschirkëscht, de Cyberhall mam Bichercube, d'„épicerie solidaire“ an de „jardin solidaire“ gi weidergefouert. Doriwwer eraus bekëmmert sech de CIGL ëm d'Uleeë vun enger Spillplaz an der rue Léonard Schroeder zu Péiteng a vu weidere pädagogesche Gäert an eiser Gemeng.

Wat de ProActif ugeet, esou wäert de Gemengerot den nächste Freideg eng detailléiert Konventioun virgeluegt kréie wat fir Aarbechten dësen am nächste Joer maache soll. Dat wäert sech op de Fond-de-Gras beschränken, wou engersäits e weideren Atelier gebaut gëtt, wou d'Renovatiounsaarbechten un al Eisebunnsmaterial weidergefouert ginn a wou de ProActif an Zesummenaarbecht mam Fierschter och eng Rei Ënnerhaltsaarbechte laanscht d'Gleiser um Tëtelbierg mécht.

Schlussendlech kommen ech op d'Revisioun vun eisem PAG ze schwätzen. Elo wou endlech déi noutwenneg gesetzlech Basis zënter August besteet, wëlle mer d'Aarbechte fir dësen iwwerschaffte PAG, déi schonn eng Rei Joeren amgaang sinn, endlech ofschléissen an esou séier wéi méiglech dem Gemengerot dëse fir d'Ofstëmmung virleeën. Am Budget 2012 sti fir dës Zwecker nach emol 43.700 Euro. Den Totalkäschtepunkt vun dësem neie PAG mat all sengen noutwennegen Etuden – déi strategesch Ëmweltprüfung, d'Verkéiersétuden, asw. – beleeft sech da viraussiichtlech op 265.700 Euro. Wann ee sech da virun A féiert, datt d'Revisioun vum PAG laut Gesetz all 6 Joer muss virgeholl ginn, da weess ee jo, wat dës gesetzlech Bestëmmunge fir d'Gemengefinanze bedeiten.

Ech soen iech Merci fir d'Opmierksamkeet.

Breyer Roland, Schäffen:

Dir Dammen an Dir Hären. Nodeems de Buergermeeschter déi finanziell Eckdate vum rektifizéierte Budget 2011 an den initiale Budget 2012 virgestallt huet, wier et dann u mär fir iech weider Erklärungen ze ginn iwwer déi Gebitter, wou ech responsabel sinn.

Ech wäert versichen, dat op eng verständlech Aart a Weis ze maachen an iech hei net mat ville weideren Zuelen ze bombardéieren, well där stinn der jo genuch an ärer Budgetsvirlag. E grousst Kompliment fir d'éischt un all déi Beamten, déi un dësem Budget matgeschafft hunn, och menge Kollegen am Schäfferot, fir datt mer en Dokument virleien hunn, dat liicht ze verstoen ass an duerch déi Libelléen, déi déi eenzel Artikele begleeden, och net méi vill méi Erklärunge brauch.

Dofir versichen ech och, iech verschidde Projeten an Ausgabe méi faarweg virzestellen oder mat där enger oder anerer Erfahrungsstatistik ze beleeën. Ech huelen un, datt op dës Manéier eis Bierger dobaussen och méi einfach sech kënnen an d'Bild setze wat op deenen eenzelne Sparten an eiser Gemeng geschitt.

Ech ënnersiche mat iech elo d'Personal, den Tourismus an d'Kultur, d'Jumelagen, eis Relations publiques an d'Kommunikatioun, d'Waasser an d'Ofwaasser esou wéi d'Stroossen, d'Plazen, eis ëffentlech Zeremonien a Fester, d'Auslänner, ekonomesch an Aktivitéiten iwwer d'Grenz eraus.

Personal

Mir beschäftegen de Moment eng ronn 299 Mataarbechter, an dat an eisen administrativen an techneschen Servicer, an eise Regiebetriber, der Musekschoul, de Maison Relaisen, Schwämmen, am Office social, dem Service médico-socio-scolaire, den Agents municipaux. Dovunner sinn 152 Männer an 147 Fraen. D'Gläichheet ass do bal do a wäert am Joer 2012 méi wéi sécher garantéiert sinn, well mer duerch eis nei Maison Relais, dem Keelenzenter, der Waxweiler Millen mä och duerch normal Ofgäng eng ronn 50 Plazen nei besetzen.

Mir hunn am Statut 81 Beamten oder employés communaux, 61 Privatbeamten an 157 Salariéen. Och do ass d'Gläichheet praktesch do.

Eisen aktuellen Organigramm gëtt Ufank 2012 vervollstännegt a gëtt dann un d'Membere vum Gemengerot ausgedeelt. Ech hoffen, mat de Fotoe vun all eise Mataarbechter, sollt deen informatesche Problem bis dohinner gekläert sinn.

Wann een iwwer 300 Mataarbechter beschäftegt, da sinn dat och hei an do iwwer 300 individuell Problemer a Konflikter. Dat kascht vill Zäit an och Nerven, muss awer sinn. An et leeft de Moment gutt, well de Schäfferot sech matzäite kloer Regelen an Direktive gesat huet. Eng vun deenen ass den Absentéismus ze géréieren an net nëmmen als Fatalitéit unzehuelen. Eng aner ass, sech bei all nei Ustellung Zäit ze huele fir op Grond vun engem Profil an de Kandidaturen eng „préselection sur dossier" ze maachen an dann no enger éischter Selektioun individuell Gespréicher oder esouguer Tester ze maachen. Domat hu mer d'Garantie, datt mer motivéiert an engagéiert Mataarbechter fannen. D'Zäiten, wou eleng eng Parteikaart gezielt huet, sinn domat definitiv eriwwer.

De Schäfferot hält sech also un d'Regelen, déi nieft dem Organigramm, der Postebeschreiwung an dem interne Reglement vereinbart goufen, an deem all fräie Poste fir d'éischt emol intern ausgeschriwwe gëtt, esou datt all Mënsch eng Chance huet eng nei oder eng aner Erausfuerderung unzegoen. Eréischt wa keng gëeegent Kandidatur erakënnt, gëtt de Posten dann extern iwwer eisen Internet oder duerch aner Publikatiounen ausgeschriwwen.

Och wëlle mer de jonke Chômeuren, Studenten, Léierbouwen, Persoune mat reduzéierter Aarbechtskapazitéit oder Leit, déi an enger aner Re-Insertiounsmoossnam sinn, eng Chance ginn. Mer hunn dofir dës Kreditter an eisem ordinäre Budget stoen: Emploi d'étudiants au cours de vacances (372.100 €); Occupation temporaire de jeunes chômeurs (157.000 €); Formation d'apprentis dans les services (117.600 €); Défi-Job (46.000 €).

Mir sinn ëmmer nach beméit, eise Mataarbechter dat beschtméiglechst Aarbechtsklima an och Ënnerdaach ze garantéieren, mat performantem Material a verbonne mat enger konsequenter Sécherheet. Dofir gëtt d'Software SIGIcom am techneschen Service nach ausgebaut (Kredit vun 60.000 Euro) wéi och de Modul Wiges (Verwaltung vum Stock) mat 10.000 Euro.

Bedéngt duerch den Ëmbau an der Rollenger Schoul gëtt de Service RMG op de Site vun der Gäertnerei op d'Lengerstrooss transferéiert an déi noutwenneg Infrastrukturaarbechte schloe mat 40.000 Euro zu Buch.

De Projet vun neien zentrale Garagen ass nach net gestuerwen, mee kéint an 2 Joer Realitéit ginn. Endlech gesi mer um Site op der Léngerstrooss Perspektiven. Léisunge fir de Problem vun der Verseuchung sinn zesumme mat der Ëmweltdirektioun gonnt gin. Däerselwechter mussen elo nach mat der Waasserverwaltung diskutéiert ginn, an da kinnt d'Commodo-Incommodo-Prozedur ulafen. Leider daueren esou Formalitéiten hei am Land elo tëscht 3 a 5 Joer. Dat nennt een „simplification administrative". Gott sei Dank hu mer awer scho gutt 2 Joer hanner eis.

Tourismus

Den Tourismus an d'Kultur brauchen an Zukunft eng méi koordinéiert an eng méi professionell Struktur fir den Aufgabe vun der Attraktivitéit, der Animatioun an der Verwaltung nozekommen.

D'Promotioun vun eiser Regioun an eise Site soll national iwwer den Office national du tourisme, regional iwwer den Office régional de tourisme, deen 2012 wäert geschaf ginn, interkommunal iwwer de Sikor an de franséischen a belsche Grenzstied geschéien. Mat hinnen hu mer en Interreg-Projet lafen, mä och kommunal soll et iwwer eng professionell Struktur lafen, mat fest ugestellte Mataarbechter, déi vu Fräiwëllegen encadréiert a vervollstännegt ginn.

All dat ass néideg, fir datt déi nei Perspektive vun engem Jugend- a Familljenhotel, der Waxweiler an der Rollenger Millen, an eis touristesch Siten an Attraktivitéiten – déi scho bestinn – och an der Zukunft nach lieweg bleiwen.

Dofir muss och um Terrain vun eiser Gemeng eng kohärent Politik ugestrieft gi fir datt all déi Acteuren, déi mat dem Tourismus verbonne sinn - ech denken do un eis Syndicat d'initiativen, eisen Interesseveräin, eise Parc industriel et ferroviaire vum Fond-de-Gras mam Train 1900 an der Minièresbunn, d'Site vum Tëtelbierg a Giele Botter, mä och un d'Geschäftsverbänn mat hire Memberen esou wéi d'Entente mat hire Veräiner an nach vill eenzel aner Acteuren -, un engem Strang zéien an ee gemeinsamt touristescht Zil upeilen.

Dofir ënnerstëtze mer schonn e puer Joer all gréisser Organisatiounen, déi iwwer d'Gemeng erausginn am Kader vun engem Partenariat. Dofir si mer och bereet, déi touristesch Infrastrukturen, déi scho bestinn, ze stäipen an ze ënnerstëtzen esou wéi zum Beispill en neien Atelier um Site vun der AMTF am Fond-de-Gras, dee mer am Joer 2012 mat 50.000 Euro ënnerstëtzen. Mär bleiwen och weider fiederféierend am Kader vum Parc industriel et ferroviaire, wou mer mat der Gemeng Déifferdeng eng professionell Marketingstruktur bedreiwen, déi wäertvoll ass an och an eis nei Perspektive kann agebaut ginn. Mer mussen och dofir suergen, datt vun eiser Säit dat néidegt Propaganda - oder lokalt Informatiounsmaterial zur Verfügung steet. Dofir hu mer dëst Joer scho verschidden touristesch Depliante vun eiser Gemeng entworf, déi och nach am Joer 2012 erweidert ginn. Dës touristesch Mappë stinn ab 2012 bei all gréisser Receptioun oder bei engem Conveniat esou wéi an den Hotelsstrukturen zur Verfügung.

Eng 50.000 Euro stinn dofir am Budget a sollen als Resultat hunn, lues a lues interessant touristesch Packagen opzebauen a bäizeleeën.

Mer hunn eis och zum neien Office régional du tourisme bekannt an hunn och déi Cotisatioun vun iwwer 16.500 Euro am Budget stoen.

Eise Projet vun dësem Joer, Indutiomaros, eng historesch „bande dessinée“ – e Kuerzfilm – soll an de kommende Joere weider ausgebaut an och touristesch genotzt ginn. Weider Verwäertunge kann dëse Projet um kulturelle Plang kréien.

Mer sinn der Meenung, datt mer eis als fënneftgréisst Gemeng aus dem Land méi mussen am Tourismus etabléieren. Sief et fir nach weider interessant touristesch Infrastrukturen an d'Gemeng ze kréien oder déi, déi scho bestinn, nach weider auszebauen. Eis Kontakter mat engem éisterräicheschen Hotelspromoteur sinn nach ganz lieweg a wäerten am Joer 2012 konkret Formen unhuelen. Och si mer gewëllt, eis gréisser Projeten an den 9. staatlechen touristesche 5-Joresplang androen ze loossen, an dat fir d'Period 2013-2017.

De Promotiounsfilm iwwer eis Gemeng huet eng liicht Verspéidung kritt duerch Problemer beim Réalisateur, wäert awer am 1. Trimester 2012 fäerdeg a virgestallt esou wéi touristesch agesat ginn.

Kultur

D'Kultur gräift zum Deel an d'Touristik an oder begleet se dacks, an och ëmgedréint. Sou sinn d'Ëmbauaarbechten an der aler Millen zu Rolleng ofgeschloss, e Konzept vun der Verwaltung an ass vun der Verwaltung ausgeschafft ginn, an elo stinn nach Verhandlunge mat dem Kulturministère an dem Sites et Monuments u fir d'Realisatioune vum Fonctionnement an nach weider kleng Investissementer ze klären.

Hei soll en didakteschen, touristeschen a pädagogesche Site entstoe mat der Mathëllef vun der Naturschoul vu Lasauvage, dem Léierpersonal aus der Gemeng, dem ProActif an dem Parc industriel et ferroviaire. Zil ass et, dat Haus zougänglech ze maache fir Schoulklassen, interesséiert Gruppen, Conveniaten an aner Leit, déi gären d'Mille besiichtegen an eventuell e Produkt vun der Mille wëlle schmaachen. De Staat bleift Propriétaire vun dem Site, mär gi Locataire a Concessionnaire.

D'Waxweiler Millen hei zu Péiteng ass um Enn vum 1. Semester 2012 betriibsfäheg a kann hir Aktivitéiten ophuelen. Hei soll jo eng soziokulturell Plaz vu Konschtgestaltung a Generatioune geschafe ginn. Déi funktionell Strukturen an och wéi dat Haus soll verwalt an animéiert ginn, leie vir a ginn Ufank 2012 ëmgesat. Fir d'Fäerdegstelle vun der Mille stinn 1,35 Milliounen Euro am Budget, zousätzlech nach 100.000 Euro fir d'Miwwelen.

Och gëtt de Site weider ausgebaut mat der „remise en valeur“ vum rouden Haus an der Verbindung tëscht dësem Haus an der Millen. Och dofir si 450.000 Euro virgesinn. Et stinn am ordinäre Budget och 15.000 Euro fir eng éischt „animation et initiation artistique“ ze garantéieren.

Am Zesummenhang mat dem Fonctionnement vun den Aktivitéiten op der Péitenger Mille gëtt en ökologesche Parking vu 25 Plazen op der Léngerstrooss aménagéiert. Déi néideg Autorisatioune leie vir an de Parking gëtt an Zesummenhang mat den Aktivitéiten an der Mille verwalt.

Dëst Joer hate mer als Dräi-Grenze-Gemeng wëlles, den europäesche Gedanken ze förderen an ze ënnersträichen an eng symbolträchteg Skulptur op der Ax vun der avenue de l'Europe opzeriichten. Leider si mer bis elo net mat de Ponts et Chaussées eens gi fir op hirem Gebitt esou eng Skulptur ze setzen. Mer hunn awer elo aner Alternative fir se op e Gemengesite ze stellen a kucken, och dat séier ze realiséieren. Dofir stinn 100.000 Euro am Budget. Bis elo hu mer net all ze vill Konschtzeien an eiser Gemeng stoen, mä Konschtzeien droen zur Identitéit an zur Attraktivitéit vun enger Gemeng bäi.

Zum Ofschloss vum Kulturelle gëtt de Projet Indutiomaros och an dësem Gebitt ausgebaut andeem mer drun denken, an den nächste Joere weider instruktivt an éducativt Material ze entwéckelen. Den aktuelle Kuerzfilm kënnt elo Ufank 2012 op de Maart a kann esouwuel éducativ ewéi historesch agesat ginn.

Mer mussen agestoen, datt mer relativ aarm sinn un eege Geschichtsmaterial vun eiser Gemeng. Ausser der Period vun 1900-2000 steet net vill Léiermaterial zur Verfügung. An dach hate mer scho viru Jesus Christus bedäitend Siedlungen hei op eisem Tëtelbierg. Dofir soll elo dës Geschicht fir Kanner zougänglech gemaach ginn duerch Molbicher, Zeechentrickfilmer, Filmer a Gadgeten - wou den Indutiomaros déi zentral Figur ass – verbonne mat Visiten, Erklärungen an Eventer um Site selwer. Duerno kënnen dann nach aner Perioden déiselwecht Renaissance erliewen.

Weider stinn nach an eisem Budget Kreditter fir d'Uschafe vu Konschtgéigestänn (5.000 Euro), esou wéi fir Chalete fir eis Manifestatiounen dobaussen (15.000 Euro) an och Podiumselementer fir deeselwechten Zweck (5.000 Euro).

Relations publiques, Publications, Cérémonies, Jumelages

D'Relatioune vun enger Gemeng mat senge Bierger a mat Gäscht, d'Organisatioun an de Verlaf vun ëffentlechen Zeremonien a Fester, dat ass nach ëmmer eng positiv Visitëkaart vun enger Gemeng. Do brauche mer eis bis elo net ze schummen an och net ze verstoppen. Am Géigendeel. Mer sinn nach ëmmer am Focus vu Visiten an Ufroe vun aner Gemengen, déi sech gär un eisem Modell inspiréieren.

Mir wëllen och weiderhin de Bierger regelméisseg e Bilan virleeën, wat mat den uvertraute Gemengesuen alles geschitt ass. Aus Respekt virun alle Parteien hei am Gemengerot hu mer kee Bilan gezunn ëm d'Gemengewalen 2011, mä deen nächste Bilan soll dann no 2 Joer vun der neier Majoritéit virgeluegt ginn an dann esou weider. Datselwecht geschitt mat der Aktualiséierung vun eisem Guide du citoyen. Do maache mer e komplette Relook an eng Aktualiséierung Ufank 2012. All Bierger kritt dann e kompletten neie Guide du citoyen a franséischer Sprooch an d'Haus geliwwert. Eng Versioun an däitscher Sprooch ass op Ufro hi méiglech.

Déi aner Publikatiounen ewéi de Meng Gemeng an de Péiteng Aktuell kommen zu deenen ugekënnegte regelméissegen Termäiner eraus.

Mer hunn e ganz dynameschen an interessanten Internet-Site www.petange.lu deen all praktesch Informatiounen un de Bierger vermëttelt, Formularen zur Verfügung stellt oder Neiegkeete matdeelt. Duerch de Site Ma commune kommen nach weider Perspektiven derbäi. Och ass dëse Site nach erweidert gi mat Verkéiersinformatiounen, Schanterchers-informatiounen an der Gemeng esou wéi enger Videosrubrik Pétange.tv, wou ee bannt enger 10 Deeg déi gréisser Organisatioune vun der Gemeng ka verfollegen. Dat war elo zum Schluss 2011 net méi de Fall well eise Produzent intern Schwieregkeeten hat a mir nëmmen e Kontrakt pro Evenement mat him haten. Mer sinn op der Sich no engem neie Produzent a mengen och, Ufank 2012 nees derbäi ze sinn.

Bierger- an Informatiounsversammlunge gi regelméisseg weider organiséiert an dëst am Kader vu gréissere Stroosse-schantercher ewéi d'rue Jos Philippart, d'rue Léonard Schroeder, d'„plans directeurs“ oder gréisser PAPen an de PAG oder och op verschidden Interessegebidder ewéi zum Beispill bei der Gemeinschaftsantenn.

Mer striewen eng Glasfaservernetzung mat all eisen interne Servicer a Gebaier u fir esou d'Kommunikatioun méi séier a méi perfekt ze maachen. Den Info-Kanal kann een esou wuel

digital ewéi analog kucken an eisen SMS-Service steet de Bierger zur Verfügung fir ee ganze Koup aktuell Informatiounen. Et brauch ee sech nëmmen unzemellen.

Wat eis Organisatiounen an Zeremonien ubelaangt, esou fuere mer dat deene beschtbekannten Organisatiounen, déi och gutt fonctionnéieren, weider.

D'Rentnerfeier: Hei maache mer eis Gedanken, wéi mer dat nach besser gestalte kënnen. Mer hu festgestallt, datt vun deenen, déi sech perséinlech aschreiwen, eng 15-20% awer ni op d'Rentnerfeier kommen, mä nodréiglech de Kado siche kommen. Dat huet net nëmme mat Verhënnerung oder Krankheet ze doen, dofir maache mer eng deementspriechend Ëmfro.

D'Journée des méritants bleift an hirer Form a mat 10.000 Euro am Budget. D'Journée du Grand Âge idem mat ronn 5.000 Euro.

Mer ginn och regelméisseg – wann dat gewënscht ass – deene Persounen heem wënschen, déi 90, 95 oder 100 Joer al ginn. Organisatiounen, déi d'Gemeng selwer organiséiert, schloe mat 25.000 Euro zu Buch.

De „Fonds de support d'organisations communales", oder och Partenariat genannt, steet mat 50.000 Euro dran. Do si schonn eng 8 Demandë fir 2012 erakomm.

D'„Fêtes publiques" – an dat begräift all eis Receptiounen (Gedrénks a Personal) – sti mat 55.000 Euro am Budget. Dës Rubrik ëmfaasst och eisen Neijoersempfang, d'Personalfest LaPeRo, d'Navetten op déi eenzel Manifestatiounen an och sämtlech Fändelen un eise Gebaier.

Eis zwee offiziell Jumelagë sinn 1992 an d'Liewe geruff ginn a kommen elo 2012 op hiren 20. Gebuertsdag. Zäit, eng kritesch Bilanz ze zéien. Den Dynamismus an d'Begeeschterung vun den éischte Stonne sinn net méi do, mä haaptsächlech bei eise Partner, a besonnesch bei der Stad Maribor. Wann d'Stad Schio nach periodesch eemol d'Joer vu sech héiere léisst, esou ass op der Säit vu Maribor „Funkstille". E Jumelage ass awer keng Einbahnstrooss, mä soll nieft dem politesche Kontakt och d'Bierger an d'Veräiner abezéien. De Bilan an deem Sënn ass net positiv, huet awer seng Grënn duerch engersäits politesch Changementer zu Maribor an anersäits awer och duerch déi grouss Distanzen tëscht eise Stied. Mir wäerten 2012 versichen, eng nei Dynamik an eng nei Regelméissegkeet an eis Relatiounen ze kréien an domat den 20. Anniversaire ënnersträichen, mä och op e positiven Echo vun eise Partner waarden. Sollt dat net esou positiv verlafen, siche mer Kontakter mat Stied oder Institutiounen, déi an enger „win-win"-Situatioun kënne fonctionnéieren an d'Handikappe vun der Distanz oder der politescher Instabilitéit net hunn. Et däerf net nëmmen e politeschen Tourismus sinn, mä et soll och eise Veräiner, eise Bierger eppes bréngen. Mer hunn dofir e Kredit vun 40.000 Euro am Budget stoen.

Waasser an Ofwaasser

Duerch dat neit Waasser- an Ofwaassergesetz si mer als Gemeng verflicht, de reelle käschtendeckende Präis fir Waasser an Ofwaasser un de Bierger weider ze leeden. Mer hunn a lange Virbereedungen an Aarbecht dës Donnéeë mat eise Servicer a mat dem SIACH zesummegesat an d'lescht Joer en neie Waasser- an Ofwaasserpräis agefouert. De Ministère huet am grousse Ganzen eis Iwwerleeunge guttgeheescht, huet awer drop gepocht, datt eng Differenzéierung tëscht Privat, Betrib a Landwirtschaft miisst gemaach ginn. Mer sinn awer net eleng an dësem Fall. Vill Gemengen hunn nach méi Problemer fir hir Statistiken a Präisanalyse fäerdeg ze maachen. D'Waasserwirtschaftsamt soll elo nei Questionnairen ausschaffen, an da musse mer nach eng Kéier doduerch.

Zum Waasser: Mer hunn am ganzen 70,4 km Waasserleitungen an der Gemeng leien an nach zousätzlech 25 km Haiseruschlëss. Zesummen also 95,4 km Waasserleitungen. Zu Rodange ass den Zoustand vu ronn 26% als schlecht ze bezeechnen, well se iwwer 40 Joer am Buedem leien. Zu där Zäit louch d'Liewenserwaardung bei 40 bis 45 Joer. Zu Rolleng ass dat bei 11% de Fall an zu Péiteng bei 17%. Mer wëssen also, wat an deenen nächste Joeren ze maachen ass. Duerch d'Botze vun eise Leitungen an d'Sich no Fuiten hu mer dëse Prozentsaz niddereg gehalen. Dofir muss och domat weidergefuer ginn.

Mer hunn am Budget dës Ausgaben am Déngscht vum Waasser virgesinn:

- D'Receptioun vum neien techneschen Dossier vum Waasserwirtschaftsamt mat ronn 25.000 Euro.
- D'Refektioun vun der Waasserversuergungsleitung op de Bassin vu Rodange mat engem Käschtepunkt vun 25.000 Euro.
- Eng regelméisseg Inspektioun an d'Botze vum Waassernetz, wat nees 15.000 Euro kascht; de regelméissegen Ënnerhalt duerch eis Servicer mat 160.000 Euro; d'Erneierung vun de Waassercompteuren duerch elektronescher mat 60.000 Euro; an net zu Lescht de Bau vun engem neie Waasserbasseng zu Péiteng um Hierschtbierg, wou eng lescht Tranche vun 980.000 Euro ageschriwwen ass.

Zesumme mat eisem Personal ergëtt dat e Käschtepunkt vun 1.806.652 Euro.

Nodeems den neie Waasserbasseng fäerdeg ass, gëtt eng nei Leitung duerch d'Belair-Strooss an de Rond-point vum Contournement gefouert. D'Konsequenz ass dann d'Erneierung vun dëse Stroosseninfrastrukturen dat Joer duerno.

Kanal

Wat d'Kanaltaxen ugeet, esou sinn do praktesch déiselwecht Kriterie fir de Präis ze berechnen. Et sinn erëm dräi verschidde Sektoren – Haushalter, Industrie a Landwirtschaft -, mä déi fix Tax gëtt hei bei den Haushalter net op den Diameter vum Rouer, mä op d'„Einwohnergleichwerte" (EGW) berechent, an et gëtt keng TVA drop berechent. Och do wäerte mer op Uweisung vum Waasserwirtschaftsamt nei musse rechnen.

Eng gutt Kanalisatioun ka bis 50 Joer hale wa se am gudde Buedem gebaut ass. Dat ass zwar net iwwerall de Fall an eiser Gemeng. Mer hu ronn 20% vun eiser Kanalisatioun, déi méi al ewéi 50 Joer ass. Duerch regelméisseg Kamerainspektiounen an d'Botzen oder Flicke vun ondichte Plazen hu mer, wat de Prozentsaz ubelaangt, awer nëmmen 11% vum Gesamtnetz wat an den Zoustand vun iwwer 50 Joer erënnert. Et muss een also konsequent um Ball bleiwen.

Mer liwweren 1.185.000 Kubikmeter Ofwaasser un de SIACH a bezuelen do am ordinäre Budget eng Participatioun vun 1.710.621,15 Euro an zousätzlech nach 290.000 Euro am extraordinäre Budget.

Wat ass nach um Gebitt vun de Kanalisatiounen a vun der a vum Assainissement ze soen? D'Kanalisatiounsuschlëss an der Athuserstrooss gi vun 2011 op 2012 verluecht. Hei gëtt de Projet no deem vun der Mille fäerdeg gemaach, an dat mat engem Käschtepunkt vun 100.000 Euro.

De Fonçage vun der Nidderkuererstrooss an d'rue de la Liberté gëtt no dem Enn vun den Aarbechten an der rue du Chemin de fer aktualiséiert. Hei sti Käschte fir d'Etudë mat 20.000 Euro un.

Eisen Deel un dem Assainissement vum ënneschten Deel vum Brouckerwee beleeft sech op 62.000 Euro.

Mer hunn de Moment eng ronn 10 km vun eisem Kanal inspektéiert a gebotzt. Den Ënnerhalt, d'Kamerainspektioun an d'Botze fir 2012 belafe sech op 410.000 Euro.

Fir d'Industriezon Grand Bis un eis Kläranlag unzeschléisse brauche mer 50.000 Euro als Käschte fir Etuden. Datselwecht fir de Site vun der Fonderie. Fir eise Site vu Rolleng ze sanéiere brauche mer 47.500 Euro.

Mer hunn dernieft och nach eng 1.500 Kanalschächt ze ënnerhalen an och eng 2.400 Avaloiren a Siphonen. D'Botze vun deenen – 2 Mol am Joer – kascht 40.000 Euro.

Auslänner

Mer mussen eis bewosst sinn, datt mer an enger Multikulti-Gemeng liewen an och als grouss Gemeng eise sozialen an humanitäre Flichte mussen nokomme wat d'Asylanten ubelaangt.

Mat bal 50% vun Net-Lëtzebuerger Bierger an iwwer 88 Natiounen ass d'iewescht Gebot openaner zouzegoen, mateneen ze schwätzen an ze wierken. Mer gedenken do d'Noperschaft erëm méi ze ënnerstëtzen, verschidden Initiativen ze huele fir een deen aner besser kennen ze léieren. Mer kéinten eis virstellen, an deenen nächste 6 Joer déi gréisst Usammlunge vun auslännesche Matbierger (Portugisen, Fransousen, Belsch, Italiener, Montenegriner a.s.w.) duerch gezielten Organisatiounen a Manifestatiounen uneneen erunzeféieren. Dofir sinn 5.000 Euro am Budget virgesinn. Donieft kann een och iwwer eis Relations public-Instrumenter wierken ewéi Info-Kanal, Internet, Meng Gemeng a.s.w.

Stroossen a Plazen

Mer schaffen d'nächst Joer an dëse Stroossen zu Péiteng:

- An der rue des Ateliers, zesumme mat der Gemeng Käerjeng: 170.000 Euro.
- An der rue de l'Eglise gëtt zesumme mat de Ponts et Chaussées en neie Projet ausgeschafft: 20.000 Euro.
- An der rue Léonard Schroeder hunn d'Aarbechten ugefaang a gi weidergefouert fir ronn 1.030.000 Euro.
- Studie gi gemaach fir d'rue Bommert fir 50.000 Euro, d'rue des Champs gëtt nei gestalt fir 40.000 Euro, d'rue du Chemin de Fer och fir 40.000 Euro.
- E Reprofilage vum Belag geschitt an engem Deel vun der Batty Weber-Strooss.

Zu Rolleng:

- E Reprofilage vum Belag geschitt an der rue des Prés, enger Partie vun der Grousswiss an an der rue de la Montagne.

Zu Rodange:

- Do fänke mer mat den Aarbechten an der rue Philippart un. Et stinn do 700.000 Euro am Budget fir den definitive Projet an d'Ariichte vun engem provisoreschen Opfangparking an der rue des Ecoles. Ier mer do ufänke gesi mer d'Awunner an enger Opklärungsversammlung, wou si déi verschidden Etappe vum Schantjen erkläert kréien.
- E Reprofilage vum Belag geschitt an der rue Guillaume an an der rue Adolphe.

Och op dëse Plaze geschitt eppes:

- An der avenue Dr. Gaasch zu Rodange gëtt eng nei Chrëschtbeliichtung installéiert mat engem Käschtepunkt vun 25.000 Euro.
- D'Beliichtung ronderëm d'Stadhaus zu Péiteng gëtt erneiert fir 40.000 Euro an och d'Kandelabren an d'Armature vun aner Stroosseluuchte fir 45.000 Euro.
- Verschidde Foussgängerpassage gi behënnertegerecht gemaach andeems mer d'Borduren erofsetzen (20.000 Euro).

Mëttelstand, ekonomesch a regional Affären

Mir sinn dauernd a Kontakt mam Wirtschaftsministère mä och mat der Ëmweltverwaltung fir dräi Gewerbezonen an eiser Gemeng méiglechst séier attraktiv a viabel ze maachen. Et ass net méi zouzemudden, datt mer eng Lëscht vu Betriber, déi sech bei eis wëllen etabléieren an Aarbechtsplaze mat sech bréngen (mer schätzen iwwer 500 fir déi dräi Zonen), scho joerelaang duerch Prozeduren, Buerungen an Etude waarde loossen. Et gëtt onnëtz Suen doranner investéiert – iwwer 500.000 Euro an de leschte Joeren – an et stoungen nach keng konkret Léisungen am Raum.

Et schéngt elo Damp an der Kichen ze sinn an d'Léisunge profiléieren sech um Horizont, esou datt mer zouversiichtlech sinn, nach dëst Joer 2012 mat där enger oder anerer Zone kënnen unzefänken.

Dës Gewerbezonen – de Grand Bis zu Rodange, en Deel vum PED an d'Zone laanscht d'Athuser Strooss zu Péiteng a Verbindung mat der Athuser Zone – stinn de Moment an intensive Gespréicher mat der Gemeng mä och mam SIKOR, deen dës Zone mat aneren aus deene 4 Kordallgemenge soll bedreiwen. Eis Participatioun um SIKOR beleeft sech 2012 op 31.942 Euro.

Eng Etude fir d'„zone artisanale et industrielle" um Site vum PED soll 200.000 Euro kaschten, an den Ufank vun der Kommodo-Inkommodo-Prozedur um Grand Bis schléit mat 80.000 Euro zu Buch.

Mä och um kommunale Geschäftsplang muss e Gesamt-konzept ausgeschafft ginn, an dat, wa si et wëllen, mat deenen zwee Geschäftsverbänn a mat de Geschäftsleit. Sécher wier et gutt, wann nëmmen ee representativt Sproochrouer vun der Geschäftswelt do wier fir zesumme mat der Gemeng Visiounen an Zilsetzunge fir d'Zukunft opzestellen. Mer sinn agekreest vu grousse Geschäfter a mussen an deem Ëmfeld eis Maartlück erausschielen an attraktiv maachen.

Nieft eise gudden a regelméissege Kontakter mat de Kordallgemenge si mer eis bewosst, datt d'Grenzen net méi do sinn, a wat d'Kollaboratioun an dat regelméissegt Treffen an d'Konsultatioune mat belschen a franséischen Noperen ubelaangt. Mat de Gemengen Ibbeng, Longlaville a Lonkesch sti mer am Kontakt wat verschidde Projeten ubelaangt, a mer hunn e gemeinsamen Interreg-Projet verfaasst wat déi kulturell an touristesch Animatioun vun der Groussregioun ugeet.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Dir Dammen, Dir Häre,

De Budget fir d'Joer 2012 ass, wéi schonn ernimmt, en Iwwergangsbudget. Eng nei Équipe steet no de Walen un, eng nei Verdeelung vun de Ressorten ass scho vollzunn, en neie Modus fir d'Gestioun vun de Ressorte bedeit fir déijéineg, déi an der Flicht stinn, nei Erausfuerderungen. Erausfuerderungen, deene mer eis jo bewosst stellen an iwwergräifend an der Exekutioun fir d'Wuel vun de Bierger astinn.

An der Kontinuitéit vun der Politik vun de leschte Joere wäert dëse Schäfferot d'Investitioune fir eis Gemeng op de Budget orientéiert weiderféieren.

Et ass gewosst, déi geschriwwe Press an aner Medie bréngen Dag fir Dag nei Hiobsbotschaften iwwer grouss a gréisser Schwieregkeeten an der Stolindustrie. Eng Situatioun, déi gläichzäiteg déi kleng a mëttel Betriber an d'Familljenenterprisen an d'Bredouillë bréngt. Mir sti fest dozou fir d'Intresse vun eiser Gemeng, sief dat an der Industrie oder am Commerce, ze verdeedegen. Als Gemeng musse mer d'Méiglechkeete kréie fir eis Industriezonen ze viabiliséieren an domat net nëmmen den Awunner vun eiser Gemeng en dezent Liewen ze garantéieren. Mat vereente Kräften, zesumme mat de privaten Investoren an de Ministërë, miisst dës Erausfuerderung eis geléngen.

Meng Ressorten, fir déi ech déi nächst Joeren d'Verantwortung fir de Fonctionnement hunn, sinn d'Maisons Relaisen, d'Crèchen, d'Musekschoul, d'Famill, d'Jugend, d'Spillplazen an d'Fräizäit, d'Chancëgläichheet an d'Gesondheet.

Als fënneftgréisst Gemeng am Land si mer mat de Suerge vun deene ville jonke Leit, déi um Aarbechtsmaart musse present sinn, Dag fir Dag konfrontéiert. Eng vun de grousse Suergen ass d'Kannerbetreiung baussent de Schoulstonnen an an de Vakanzen.

Nieft den zwou Maisons Relaise vu Rodange a Lamadelaine, déi schonn eng Rei Joere Kanner daagsiwwer an der Obhut hunn, geet de Bau vun der Maison Relais zu Péiteng an déi lescht Phas.

Fir de Juli 2012, als Optakt zur grousser Vakanz – dësen Datum huet den Architekt eis bestätegt -, kënne mer ufänken, dëst Haus a Betrib ze huelen. 240 Kanner kënne vu moies 6.45 Auer bis owes 19.00 Auer op dësem Site betreit ginn. 60 Kanner kënnen des Weideren mëttes an de Foyer iesse kommen. Rodange behält 132 Kanner a Lamadelaine 64. Vun der neier Rentrée u kënne mer ronn 500 Kanner versuergen. Mer wëssen, datt domat déi grouss Nofro, déi besteet fir eng Betreiungsplaz an enger Maison Relais kënnen ze kréien, nach net erfëllt ass. Fir de jonke Familljen och an der Zukunft Satisfactioun op dësem Punkt ze ginn, musse mer weiderhi plangen.

Fir de Fäerdegbau vun dësem Haus brauche mer nach am extraordinäre Budget 3,3 Milliounen Euro. Dobäi kommen nach 365.000 Euro fir d'Miwwelen an d'Accessoiren. Déi Uschafunge vun 2010, déi fir de provisoresche Foyer de midi zu Rodange gebraucht goufen, gi mat an d'Haus op Péiteng geholl.

Fir en Haus vun 300 Kanner optimal ze leeden, muss eng Rei neit Personal agestallt ginn. Mer brauche bis zu 36 Persounen, Educateuren an Educatricen – gradué(e)s oder diplômé(e)s -, Aiden asw. Eng grouss Lëscht mat neie Posteschafungen, déi mer am Gemengerot vum 16.12. stëmme fir de Juli optimal prett ze sinn.

Am ordinäre Budget si fir de Fonctionnement vun de Maisons Relaisen 1.958.175 Euro verbucht. Mer erhoffen eis eng Participatioun vun den Elteren an der Héicht vun 247.250 Euro. De Familljeministère iwwerhëlt 75% vum Budget inklusiv d'Hausaufgabenhëllef. Doduerch sollen eis 990.000 Euro vum Staat zoufléissen. Fir de Budget 2013 kënne mer iech méi präzis Zuele virweisen. De Moment beweege mer eis an approximativen Zuele well eng Ongewëssheet besteet, wéi séier dat grousst Péitenger Haus komplett wäert schreiwen.

D'Vakanzaktioun gëtt fir de Summer 2012 vun den Educatricen aus de Maisons Relaisen organiséiert. Wéi an de vergaangene Joere ginn d'Aktivitéite bis op e puer Ausname gratis fir eis Kanner ugebueden. Fir d'Gemeng bedeit dës Moossnam eng Ausgab vun 97.000 Euro.

An eise Crèchë ginn eng 130 Kanner versuergt. De Modus vun der Gestioun vun de Crèchen ënnerscheet sech vun deem vun de Maisons Relaisen. D'Gemeng huet de Bau finanzéiert, eng Asbl huet d'Gérance. Mer hunn an der Crèche Villa Bambi an an der Crèche Kordall jee eng Asbl, wou d'Memberen op Basis vum Bénévolat schaffen. Am Verwaltungsrot ass jee ee Member aus dem Schäfferot an aus dem Gemengerot. D'Crèche Kordall steet ënner enger neier Konventioun säitens dem Familljeministère. Eng Konventioun, déi sech Maison relais-Crèche nennt. No dëser Konventioun iwwerhëlt d'Gemeng de Virfinanzement an de Ministère rembourséiert integral duerno. D'Villa Bambi gëtt nach ganz vum Ministère virfinanzéiert. Dofir si bei dësem Artikel 745.675 Euro am Budget agedroe fir d'Crèche Kordall.

Bleiwe mer nach bei deene méi Klengen.

<u>D'Spillplazen</u>

Eis 22 Spillplazen hunn de Label 'Sécher Spillplazen' vu Luxcontrol kritt. Eng Sécherheet, déi mer selbstverständlech fir déi Kleng och gäre bäibehalen. Mer mussen eis Kontrollen op de Spillplazen an d'Refektioune regelméisseg duerchféieren, an ech erlabe mer vun dëser Plaz aus nach emol en Opruff ze maache fir de Vandalismus z'ënnerloossen, dee mer ëmmer an ëmmer erëm leider do hunn, wou eis Klengst sollen a Sécherheet spillen. 35.000 Euro sti fir 2012 am ordinäre Budget fir den Ënnerhalt an déi kuerzfristeg Erneierungen, déi kënnen ufalen. A 15.000 Euro, wa mer Refektiounen iwwer eng privat Firma géinge realiséieren.

45.000 Euro sinn am extraordinäre Budget verbucht fir d'Erneierung vun der Spillplaz an der rue Léonard Schroeder, déi vum CIGL gebaut a montéiert gëtt. Dës Plaz ass ofhängeg vum Fortgang vun der Refektioun vun der Strooss, muss awer fir d'grouss Vakanz bespillbar sinn. Nei Iddie fir eng weider grouss Event-Spillplaz mat enger „zone de loisirs" ginn analyséiert an am Laf vun 2012 ausgeschafft.

<u>D'Jugend</u>

D'Jugendhaiser vu Péiteng a Rodange, déi bannen – an zu Péiteng zousätzlech och baussen – e Lifting kritt hunn, ginn de Moment vu 4 Educateure betreit. Bei der Zuel vu Jugendlechen, déi während den Ëffnungszäiten do flott Aktivitéiten ënnerhuelen ('Mol mer e Bild', wou déi Jugendlech zesumme mat engem Pensionär aus der Seniorie gemoolt hunn an och priméiert gi sinn), kënne mer e Budget vun 160.000 Euro guttheeschen. Dës Zomm ass d'Halschent vum Budget. Mer hunn hei e Partner, dat ass de Familljeministère, deen iwwerhëlt déi aner Deel. Zesumme mat der Jugendkommissioun, mat de Verantwortleche vun de Jugendhaiser, a mat der Abezéiung vun den Iddie vun de Jugendlechen, solle speziell Projeten ausgeschafft a verschiddener iwwerduecht ginn.

Wichteg fir déi Jugendlech ass d'Modernisatioun vun der Skateboard-Pist, zougeschnidden op déi heiteg Bedierfnesser vun de Skateren. Op dësem Site géing déi méi laang scho programméiert Spraywand sech och gutt afügen. Also Realisatiounen, déi an nächster Zukunft programméiert sinn.

Eng fruchtbar Zesummenaarbecht ass amgaang sech mat dem 'Service Volontariat' vum SNJ opzebauen, e Service, dee sech haaptsächlech un déi Jugendlech adresséiert, déi d'Schoul ofgebrach hunn an eng nei Orientatioun brauchen. D'Zuel vun de Jugendlechen, déi duerch Konventioune kënne plazéiert ginn, geet lafend an d'Luucht. Dëse Service kascht d'Gemeng all Joer 16.735 Euro fir de Loyer vun dëser Antenn, 1.800 Euro Käschten, déi variabel sinn, kréie mer vum SNJ no dem Dekont zeréckbezuelt.

Ech wollt iech nach a Kenntnis setze vun engem Projet, deen an dëse Kontext passt. Ech erhoffe mer e positive Votum, well e grousse Besoin do ass. Et geet ëm eng Hëllef fir déi Jugendlech an Nout. Eng Initiativ, déi mer an eiser Gemeng bis dato nach net konnten ubidden. Eis Sozialwunnengen zu Lamadelaine sinn net méi altersgerecht ageriicht. E Bereetstelle fir Jugendlecher an Nout ass virgesinn. Eng Asbl huet sech bereet erkläert, d'Chargen z'iwwerhuele fir déi Jugendlech, déi do sollen opgeholl ginn. An dat encadréiert vu Psychologen an Educateuren. Fir dee wäertvollen Déngscht zu Gonschte vun deene Jugendleche froe mer der Asbl nëmmen de symboleschen Euro als Loyer. De Waasserverbrauch, d'Elektresch, d'Heizung, dës zousätzlech Käschte muss d'Asbl all Joer no dem Dekont un d'Gemeng weiderleeden. E Service, dee mer Ufank 2012 mat ärem Accord wëlle starten.

Weiderhin huet d'Gemeng am Budget 326.100 Euro stoen als Rémunératioun fir zäitlech begrenzt Aarbechte fir déi jugendlech Chômeuren, fir d'Studenten, fir d'Apprentien. Et ass vu grousser Wichtegkeet, an et gëtt an der Zukunft ëmsou méi wichteg, fir d'Aarbechtslosegkeet bei der Jugend ze bremsen a fir iwwer verschidden Aarbechtsinitiativen deene Jonken nei Perspektiven unzebidden.

D'Musekschoul

An der Musekschoul besichen iwwer 500 Schüler d'Coursen. Vereenzelter sinn 2 bis 3 Mol an der Woch an dësem Gebai. 22 Chargéen ënnerriichten eis Schüler, organiséieren Auditiounen, spille mat op Concerten a programméiere Stagen. Mär erwaarden eis eng Recette fir 2012 vun 901.500 Euro opgedeelt op Aschreiwunge mat 76.000 Euro, 1.500 Euro fir d'Locatioun vun den Instrumenter, 820.000 Euro Participatioun vum Kulturministère a 4.000 Euro Participatioun vun deene Gemengen, mat deene mer eng Konventioun ënnerschriwwen hu fir auswäerteg Schüler, déi bei eis Unterrecht kréien. Ausgaben an der Héicht vun 1.628.185 Euro sinn hei virgesinn. Mer sinn derbäi, verschidde Siten z'analyséiere fir de Bau vun enger neier Musekschoul a mer erhoffen eis 2012 gutt weider ze kommen an dësem Dossier.

Gemengebauten, déi mer verlount hunn, bréngen eis eng Recette vum Loyer vun 203.698 Euro. Dozou kommen nach eis Sozialwunnengen, déi eis 108.324 Euro erabréngen.

D'Familljepolitik muss duerch spezifesch Projete méi an de Virgrond geholl ginn. Nei Konzepter fir eng optimal Familljepolitik ginn an den nächste Joeren ausgeschafft. D'Zesummenaarbecht mat der Eltereschoul soll intensivéiert ginn, Konferenze mat Spezialiste sollen e feste Bestanddeel vun dëser Politik ginn.

An der Chancëgläichheet musse mer d'Oploe vun der europäescher Charta weider ausschaffen a realiséieren. Fir d'Joer 2012 si fir eis Belegschaft speziell Workshope virgesinn. D'Thematike ginn zesumme mat deene Betraffenen an Ugréff geholl. Am Budget hu mer fir dës Fortbildungen 15.000 Euro virgesinn.

Wat d'Gesondheet ugeet, mussen d'Evakuatiounspläng, d'Hëllefspläng fir verschidden Noutsituatiounen ewéi z.B. bei Pandemiën oder Naturkatastrofen um leschte Stand gehale ginn. Wann esou Situatioune géifen antrieden, musse mer ganz séier déi gréisst Sécherheet fir eis Matbierger garantéieren.

Ech soen iech Merci fir d'Nolauschteren.

Linden Jeannot, Schäffen:

Dir Dammen, dir Hären,

Nodeems meng Kollegin an d'Kollegen aus dem Schäfferot hir Erklärungen zum rektifizéierte Budget 2011 an dem previsionelle Budget 2012 zu hire Ressorte virgedroen hunn, wëll ech als Leschten am Bond e puer Erklärungen zu deene Ressorte ginn, déi mär operluegt goufen.

De Sport

Wann ee Sport seet, da weess een, datt domat e grousse Beräich gemengt ass. Deen Domaine komportéiert Sportsterrainen am Fräien, Sportshale mat Terrainen, Schwämmen an och Terraine fir aner Sportaarten. Fir déi Beräicher bestinn am extraordinäre Budget d'Recetten zu engem groussen Deel aus Subsiden, déi de Staat der Gemeng bei Projeten, déi der Allgemengheet zegutt kommen, zougesteet.

Ënner den extraordinären Ausgabe si e.a. fir 2012 virgesinn, d'Fäerdegstelle vun den Aarbechte fir den Nationale Keelenzenter mat Tennishal an dem direkten Ëmfeld. D'Parkplazen inklusiv. Da muss de Mëtteldeel vun der Péitenger Sportshal ëmgebaut ginn. De Projet betrëfft d'Haaptentrée an d'Buvette esou wéi déi laang Gäng. Och d'Sportshal selwer an d'Annexe ginn no den heitegen Erkenntnisser an der heiteger Technik op de leschte Stand bruecht. Um Daach mussen och nach Reparature virgeholl ginn. Fir dës Aarbechte stoungen am Budget 2010 9.932.045,17 Euro. Nom rektifizéierte Budget sinn 2,8 Milliounen Euro verschafft ginn, fir 2012 sinn dann nach 2,5 Milliounen Euro ageschriwwen, a fir Mëtt 2012 sollen d'Aarbechte fäerdeg si wat de Keelenzenter an d'Tennishal ugeet.

D'Aarbechten an den Ënnerhalt op de Sportfelder ginn ewéi an der Vergaangenheet weider gefouert. Op den Terrain vum CSP ginn 2 Bänken ubruecht, an datselwecht zu Rodange um Terrain Jos. Philippart. Käschtepunkt: ronn 20.000 Euro. All Veräiner ginn an Zukunft weiderhin esou ënnerstëtzt ewéi se dat gewinnt waren.

Dann eis Schwämmen. No der gelongener Erneierung vun der Péitenger Schwämm mussen dann och zu Rodange am PiKo nach eng etlech Aarbechte fäerdeg gemaach ginn. Déi nei Keese solle fir Mëtt Januar fonctionnel sinn. Dass dat geschleeft huet loung eenzeg an eleng un der mangelhafter Organisatioun vun der Firma, déi dem Optrag net fachmännesch nokomm ass. Allerdéngs mussen Aarbechten am Keller gemaach ginn. D'Ursaach ass déi, datt Grondwaasser duerch d'Maueren andréngt a sech doduerch eng grouss Fiichtegkeet ausbreet an d'Armature vun der Installatioun ugegraff ginn. Am Budget hu mer dofir 110.000 Euro virgesinn.

Verkéier a Signalisatioun op eise Stroossen.

Zu Péiteng an der rue des Ateliers gëtt eng „signalisation tricolore" ubruecht, an do sinn am Budget 2012 nach 170.000 Euro festgehalen. Da gesi mer eng Etude vir op der Kräizung Rodanger Gare mam Zil, de blannen a behënnerte Matbierger Sécherheet ze bidde beim Betriede vum Foussgängersträifen. Am Budget si fir d'Etuden 20.000 Euro virgesinn. An enger éischter Etapp ginn 8 Dréckknäpp mat akusteschen Zeechen a Vibréiermechanisme montéiert. D'Knäpp loosse sech spéider ofmontéieren an op enger aner Plaz nees ubréngen. Da ginn op verschidde Foussgängersträifen nei Luuchten, déi vill méi hell liichten ewéi déi eeler Modellen, opgestallt. Dofir sinn 20.000 Euro am Budget 2012 ageschriwwen. D'Ersetze vun den ale Foussgängerpoteaue gëtt an Zukunft weider gefouert. Och aner Aarbechte gi konsequent weider gefouert wéi z.B. d'Ofschréie vun de Bordsteng zur Erliichterung fir d'Rollstullfuerer a Frae mat Kannerkutschen, d'Zeechne vu Parkplazen, d'Ersetze vu Verkéiers- an anere Schëlder. An eiser Gemeng gi pro Joer plus oder minus 200 Schëlder a Poteauen ersat. Ganz vill ginn der duerch Vandalismus beschiedegt.

Parken, Bëscher a Kierfechter.

Fir Aarbechten op eise Feld- a Bëschweeër sti ronn 150.000 Euro am Budget 2012. Eise Parkservice brauch eng Remorque (25.000 Euro), eng speziell Maschinn fir d'Grief ze botzen (10.000 Euro), eng Méimaschinn (35.000 Euro). Och gëtt nach en Auto 4X4 mat enger ofsetzbarer Schnéiplack ugeschaf, fir deen 55.000 Euro am Budget 2012 ageschriwwe sinn.

Op dem Péitenger Kierfecht gi Kolumbarie fir 10.580 Euro aménagéiert, zu Rodange fir 13.524 Euro. Da gi mer nach 7.500 Euro aus fir Griewer, déi d'Gemeng vu Famillen zeréckkritt huet, nees an d'Rei ze setzen. Och si fir 20.000 Euro Etudë virgesinn. Domat soll d'Astandsetze vum Haus, an deem den Doudegriewer seng Raimlechkeeten huet, endlech ulafen. Virgesinn ass och d'Uleeë vun enger Streewiss am Beräich vum Péitenger Kierfecht. Dat ass virgesinn op dem Terrain iwwer dem Kierfecht. Um Kadasterplang dréit den Terrain den Numm Kaepchesfeld. En Themewee soll derzou bäidroen, den Terrain opzewäerten. 100.000 Euro stinn am Budget 2012 ageschriwwen.

Fir d'Asammele vum Hausmüll muss dréngend deen ale Müllwon T392 aus dem Joer 1997 duerch en neie Müllwon ersat ginn. De Präis vun esou engem Müllwon läit bei 255.000 Euro, déi am Budget 2012 ageschriwwe sinn.

Hanner der Péitenger Schwämm gëtt an Zesummenaarbecht mat Sudgaz eng Kogenerationszentral installéiert mat dem Zweck, déi ëffentlech Gebaier ronderëm unzeschléissen an doduerch Heizkäschten ze spueren. Mer bezuelen en Deel vun den Infrastrukturen an de Sudgaz iwwerhëlt d'Gestioun.

Eis Bestriewunge fir de Schutz an d'Erhale vun der Natur an zur Sécherheet vun eise Matbierger gi konsequent weider gefouert a wa méiglech nach verbessert. D'Miessunge vun der Loftqualitéit a vun Nidderschléi duerch Bio-Monitor gi weiderhin duerchgezunn. D'Zesummenaarbecht mat Sicona a mat aner Ëmweltverbänn an –organisatioune lafe weider. Och Aktiounen, vun der Gemeng iwwer d'Schoulen ugestrieft, musse strikt a voll ënnerstëtzt ginn. Den drëtten Alter fënnt an der Zukunft grad esou wéi an der Vergaangenheet all d'Ënnerstëtzung vu Säite vun der Gemeng. An dat mam Zil, eisen eelere Matbierger den Alldag esou freedeg, flott an agréabel wéi méiglech ze gestalten.

Bei den ordinäre Recette faassen ech mech kuerz. Festgehale goufen:

- Kierfecht: Konzessiounen - 45.000 Euro am Budget 2012, eng minim Veränneru**n**g zum rektifizéierte Budget 2011.
- Asammele vum Müll: Verkaf vun Dreckskëschten a Containeren – 25.000 Euro am Budget 2012; Verkaf vu Plastikstuten – 72.000 Euro sinn am Budget 2012 virgesinn.
- Schwämmen (Total): Mer hate Recette vun 1.123.707 Euro laut rektifizéiertem Budget 2011, a fir 2012 si Recette vun 1.085.980 Euro festgehalen. Déi 50.000 Euro Minus kommen duerch d'Zeréckbezuele vum Staat fir d'Schoulschwammen am PiKo.

Bei den ordinären Ausgabe sief festgehalen:

- Repas sur roues (Total): Am Budget 2011 stoungen 273.330 Euro an am rektifizéierten 264.000 Euro. Festzehale bleift, datt déi Ausgabe liicht zeréckgaange sinn. Et si manner Bestellunge gemaach ginn, an dann ass et esou, datt haut all Restaurateur d'lessen heem liwwert. Fir 2012 stinn 268.742 Euro am Budget.
- Ausgabe fir eis Matbierger ginn awer nach vun der Gemeng getätegt duerch Konventiounen an duerch d'Organisatioun vu Feieren. Konventioune gëtt et mat dem Club Senior Prënzebierg, Help, Hëllef doheem, Téléassistance – Téléalarm. Op där aner Säit ginn et Feiere fir de Grand Âge, d'Rentnerfeier, a.s.w.
- Ëmweltservice: Do gëtt et och weider Ënnerstëtzung vun der Gemeng beim Kaf vu Kompostkiwwelen, Ree-waasserbehälter, Fassadenerneierungen, nei Frigoen a.s.w. Dann huet d'Gemeng och nach Abonnementer bei ökologesch orientéierte Vereenegungen.
- Kierfechter: D'Ausgabe fir d'Kierfechter stinn am Budget 2012 mat 257.446 Euro, dovunner sinn 219.364 Euro ageschriwwe fir de Loun vum Doudegriewer an den Ënnerhalt vun de Kierfechter an de Morguen.
- Asammele vum Müll (Total): Am Budget 2011 stinn 1.857.774 Euro, am rektifizéierten 1.942.534.82 Euro, a fir 2012 klammen déi geschaten Ausgabe viraussiichtlech op 1.951.517 Euro.

D'Gesamtausgabe fir 2012 sinn esou:

- Sportshalen – 861.578 Euro.
- Schwämmen – 2.564.436 Euro.
- Stroosseninfrastrukturen – 1.976.297 Euro géint 1.803.870 Euro am rektifizéierte Budget 2011.

Ech soen iech Merci fir d'Nolauschteren.

Questions des conseillers communaux

Questions écrites du 23 novembre 2011 de M. Joé Thein (adr):

1. Wéini gouf d'Gemeng doriwwer informéiert, datt se Flüchtlinge misst ophuelen?
2. Aus wéi engen novollzéibaren Asylgrënn sinn déi betraffe Leit hei?
3. Wéi eng Beweggrënn ginn et, datt d'Flüchtlinge grad bei d'Schoul gesat goufen?

Réponses écrites du 8 décembre 2011 du collège des bourgmestre et échevins:

1. Dat war an der Woch virun der Allerhellegevakanz. Et sinn och schonn aner Gespréicher gelaf am Mäerz/Abrëll 2011, wourauser awer näischt ginn ass.
2. Dat läit eenzeg an eleng an der Kompetenz vum Ausseministère.
3. Well de Stat do op sengem Terrain eidel Schoulcontainere stoen huet.

Séance publique du 12 décembre 2011

Durée de la séance: *14.15 à 17.00 heures*

Présents:

Mellina Pierre, bourgmestre (CSV)		**Breyer Roland**, 1er échevin (CSV) **Conter-Klein Raymonde**, 2e échevin (CSV) **Linden Jeannot**, 3e échevin (LSAP)
Bosseler Camille (CSV) **Conzemius-Holcher Josette** (CSV) **Gira Carlo** (CSV) **Polfer John** (CSV) **Rosenfeld Romain** (CSV)	**Brecht Guy** (LSAP) **Gonçalves Cátia** (LSAP) **Mertzig Romain** (LSAP) **Pierre Norbert** (LSAP)	**Becker Romain** (déi gréng) **Scheuer Romain** (déi gréng) **Welter Gilbert** (DP) **Thein Joé** (adr)

Absents et excusés:

Bosseler Camille (CSV)

ORDRE DU JOUR

Séance à huis clos (14.00 heures)

1. Démission d'un fonctionnaire communal décision.
2. Changement de carrière d'un fonctionnaire communal - décision.

Séance publique (14.15 heures)

3. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
4. Administration générale: plainte contre la distribution d'une feuille diffamatoire aux ménages de la commune de Pétange - décision.
5. Urbanisation: projet d'aménagement particulier du centre de Rodange - décision.
6. Budget rectifié de 2011 et projet de budget pour 2012 de l'administration communale: discussions et appréciations des conseillers communaux – réponses aux membres du collège des bourgmestre et échevins.

COMPTE RENDU

1. & 2.

Les points 1 et 2 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.

3.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech begréissen iech zu dëser Gemengerotssëtzung. Den Här Bosseler ass entschëllegt. Hien ass krank, en ass am Spidol, mä kënnt awer muer nees heem, esou datt hien normalerweis e Freideg erëm do wäert sinn.

Mer kommen dann direkt zum Punkt 3. Do wollt ech iech matdeelen, datt den Här Thein Froen eraginn huet. Esou wéi eist Reglement et virgesäit hu mer déi Froe schréftlech beäntwert. All d'Conseiller an och d'Press huet déi Äntwerten um Dësch leien, esou datt mer do dee Punkt och kënnen ofschléissen. Ech géif awer och nach beim Punkt 3 dem Här Breyer d'Wuert ginn. Hien huet och eng Kommunikatioun un de Gemengerot ze maachen.

Breyer Roland, Schäffen:

Der wësst, datt mer eng kuerzfristeg Aktioun gemaach haten ënner dem Numm *Péiteng hëlleft*. Ech wollt iech just Bescheed soen, datt et en immens groussen Erfolleg ginn ass. Mer sinn iwwerrannt ginn. Den éischten Dag war et roueg. Et ware jo 3 Deeg, op deenen ee konnt Saachen ofginn. Mer hunn, wat d'Quantitéit an d'Qualitéit ugeet, ganz gutt Saache kritt. Elo kucke mer fir dat ze sënneren. Dofir e grousse Merci un all déi, déi op der Plaz gehollef hunn. Dat waren d'Amiperas Sektioun vun der Gemeng Péiteng, d'Rout Kräiz Sektioune vu Rodange/Lamadelaine a Péiteng esou wéi d'Sektioun Lamadelaine vum Foyer de la Femme. Si ware bereet, sech där Saach unzehuelen an den Tri ze maache vu Kanner-, Dammen- an Häresaachen. Elo hu mer alles prett. Den 19. an den 21. Dezember géife mer dat gären un eis manner

bemëttelt Bierger weiderginn. Déi ginn opgeruff. De Kommunikee läit der Press och vir. Dat ass déi zwee Deeg mëttes vun 3 bis 6 Auer an der fréierer Spillschoul oder Ediff nieft dem ale Pompjeesbau. D'Leit sollen awer virdrun am Office social passéieren, well se do eng Referenzkäertche kréien. Da kënnen se laanscht kommen an déi Saache mathuelen, déi se brauchen. Mer hunn och e ganze Koup Fotoe gemaach a mer ginn dem Gemengerot och herno méi en detailléierte Bericht a mer kucken och, ob mer déi Joeren duerno keng fest Institutioun dorauser solle maachen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Merci fir déi Informatiounen. Dann hoffe mer, dat och gutt op en Enn gefouert ze kréien.

4.

Administration générale.

Plainte contre la distribution d'une feuille diffamatoire aux ménages de la commune de Pétange.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Hei geet et ëm eng Plainte, déi mer als Gemeng maachen an ech haaptsächlech a mengem Numm als Buergermeeschter. Ech sinn elo e puer Mol kontaktéiert ginn, ë.a. och vun engem Kolleg aus dem Gemengerot, dee selwer eng Plainte gemaach huet géint déi Tracten, déi ausgedeelt goufen an eiser Gemeng an déi sécherlech vis-à-vis vun eisen auslännesche Bierger net esou sinn eméi ee sech dat kann a soll virstellen.

Engersäits muss ee soen, datt mer eng Gemeng si mat iwwer 46% Net-Lëtzebuerger a mat 88 verschidden Nationalitéiten. An da kënne mer net zouloossen, datt do Tracten ausgedeelt ginn an eiser Gemeng - a gewësse Stroossen, net an der ganzer Gemeng -, wou mer awer wierklech d'Impressioun hunn, datt se géint eis auslännesch Frënn a Leit geriicht sinn, déi hei schaffen an och wunnen an och déiselwecht Rechter hu wéi mir fir hei ze wunnen. Ech géif iech dofir virschloen, en „tour de table" ze maachen. Sécher ass deen een oder aneren drun interesséiert, zu esou engem Punkt Stellung ze huelen. Dofir ass et wichteg, datt een dat eng Kéier hei thematiséiert. Mer wëssen awer wuel, datt, opgronn vum „Code d'instruction" a vum Artikel 23, ech perséinlech als „officier public" eng Plainte wäert maache beim Procureur an deen och informéieren iwwer dat, wat hei geschitt. Ech wäert hien och froe fir z'analyséiere wéi wäit dës Tracten rassistescher Aart sinn. Dat zur Aféierung. Ech froen dann, wien sech nach hei zu Wuert wëll mellen.

Polfer John (CSV):

Dir Dammen an dir Hären. Meng Generatioun huet déi direkt Nokrichszäit nach matgemaach. Do haten d'Leit hei am Land nach vill ënner deene schwéiere Krichsjoeren ze leiden. Ech hunn op menger Aarbechtsplaz – den Här Buergermeeschter war och e puer Mol bei mär um Büro – mat engem Här zesumme geschafft, deen zwangsverpflicht, zum Doud veruerteelt an op Mauthause verschleeft gi war. Meng Generatioun ass sech bewosst, wat Hetzblieder an Aussoe kënne bewegen, esou wéi mer se elo erëm erliewen, an dat zu Lëtzebuerg an och an Däitschland zanter d'Mauer gefall ass.

Och an de Joere virum Krich huet et esou ugefaangen. Mä et versäit ee sech wierklech hanner de Leit. Ech wëll heimatter soen, datt ech deen Här Peters perséinlech als Tauchmoniteur kennen. Hien huet mir am Péitenger Tauchclub an den 90er Jore beim Ofhale vun de Brevetë vill gehollef. Ni huet hien esou Aussoe géint Auslänner oder och nëmmen eng Undeitung vu Rassismus gemaach. Dofir sinn ech wierklech enttäuscht vu senger Persoun, déi ech als Taucher kennegeléiert hunn. Meng Meenung zu den Aussoen a Schrëften: „wehret den Anfängen".

Becker Romain (déi gréng):

Här Buergermeeschter, dir Dammen an Hären. Ech fannen et begréissenswäert, datt de Schäfferot dee Schratt matgeet. Et huet just missen esou wäit kommen, datt meng Persoun un de Schäfferot erugetrueden ass fir en e bëssen z'iwwerzeege fir matzemaachen an fir en z'informéieren, wat ausgedeelt ginn ass. Woubäi ech awer sécher weess, datt Leit aus der Pierre Hamer Strooss vu Péiteng ufanks November scho mat esou engem Tracte an d'Gemeng komm sinn. Doropshin ass näischt geschitt. Et huet mussen esou laang dauere bis ech meng Plainte gemaach hunn. Ech hunn déi Plainte a mengem Numm gemaach, well ech einfach net domatter kann averstane sinn eméi dat ofleeft an am ganze Land iwwer dat brongt Péiteng geschwat gëtt. Dofir déi Plainte. Wat awer den Ausschlag ginn huet war, datt eng portugisesch Madame bei mech kräische koum a just den éischte Saz verstanen huet. Do steet „étrangers dehors". D'Madame war ausser sech, wéi se dat gelies huet. Si huet mech gebieden, ze liesen, wat am Rescht vum Text steet, well se wierklech näischt domatter kéint ufänken. Do sot ech zu hir, et wier besser, ech géif hir dat net iwwersetzen.

Ech mengen, mär mussen elo als Péitenger Gemengerot versichen aus deem Numm, dee mer mëttlerweil am Land hunn, erauszekommen. Dat hei ass dee richtege Wee. Ech soen iech Merci.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech soen och Merci. Engersäits ass d'Aktioun, déi ee mécht als „officier public", an anersäits ass et déi Debatt, déi mer hei am Gemengerot gefouert hunn. Mer hunn als Schäfferot gemengt, datt mer déi Problematik eng Kéier hei sollen thematiséieren. An dat well mer wëssen, datt mer déi ganz Diskussioun am Kader vun eise Flüchtlingsleit materlieft hunn. Dofir hu mer gemengt, mer miissten dat maachen. A priori ass et net onbedéngt d'Kompetenz vum Gemengerot.

Mer hunn eis och informéiert, an dofir och déi Entscheedung, déi Délibératioun, déi mer haut huelen, fir eis mat engem gewëssenen „écoeurement" géint déi mënschefeindlech Gedanken auszeschwätzen, fir anersäits déi Distributioun ze veruerteelen a schlussendlech fir mech an der Funktioun vum Buergermeeschter als Gemengerot ze ënnerstëtzen, an zwar bei der Prozedur fir de Procureur d'Etat mat dëser Problematik ze befaassen. Dat anert ass eng individuell Saach vu mär fir dat och ze maachen. Dat hei ass just eng Ënnerstëtzung an och fir et eng Kéier ëffentlech ze soen, datt mer dat absolut net als Gemengerot guttheeschen an eestëmmeg veruerteelen, wat an deene leschte Woche geschitt ass a wat sech elo awer vläicht e bësse berouegt huet.

Brecht Guy (LSAP):

Wéi den Här Becker gesot huet, huet een als Gemeng direkt e schlechten Numm. Ech wëll nëmmen drun erënneren eméi viru Joeren déi Affaire zu Biissen war. Well do just ee Pädophilen am Duerf war huet d'ganz Duerf, d'ganz Gemeng e schlechten Numm kritt. Dofir ass et wierklech gutt, alles z'ënnerhuele fir direkt d'Wuerzele vun deem ze zerstéieren, esou datt näischt bei eis dovunner opkënnt.

Gonçalves Cátia (LSAP):

Ech wollt och just nach soen, datt ech dës Initiativ begréissen. Wéi gesot, den Här Peters ass net bei sengem éischte Versuch a Saachen „fremdenfeindlech" an nationalistesch Aussoen. Schonn zanter den 80er Joeren ass dee Mann aktiv, ë.a. an der nationaler Bewegung an aner rassistesch a rietskonservativ Gruppéierungen. An dofir

fannen ech et immens wichteg, datt mer dat do och veruerteelen. Schlussendlech weisen esou Aussoen och op net begrënnten Ängschten hin, déi déi wirtschaftlech a finanziell Kris, an där ganz Europa stécht, ausnotzt fir eis solidaresch Wäerter, eis Ouverture an eis sozial Kohesioun z'attackéieren. Dat kënne mer ganz sécher net toleréieren.

Thein Joé (adr):

Ech wëll mech och ganz kuerz zu deem immens wichtegen Thema do äusseren. Och den adr ass géint sämtlech verfassungsfeindlech Tendenzen hei a Lëtzebuerg. Ob dat vu lénks ass oder vu riets ass. Béides ass geféierlech a muss a Form vu politesche Moossname bekämpft ginn. Mer bedaueren och virun allem, datt de Patriotissem ëmmer erëm mëssbraucht gëtt fir auslännerfeindlech Parolen, well am eigentleche Patriotismus ass jo näischt Falsches drun. E Rassist, dee seet Auslänner eraus. E Konservative seet, beméit iech ëm d'Integratioun. An et muss een einfach ënnerscheeden tëscht engem Konservativen an esou Leit ewéi den Här Peters. Ech mengen, et ass och allgemeng e Problem vum Tabuiséiere vun Themen ewéi d'Integratioun an d'Immigratioun. Um Niveau vum Gemengerot, mä och um Niveau vun der Chamber, muss méi gemaach gi fir doriwwer ze schwätzen, esou datt esou Fäll net virkommen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Da géife mer iwwer dëse Punkt ofstëmmen, an zwar an deem Sënn, datt de Gemengerot sech géint esou xenophob Gedanken ausschwätzt an dee Flyer, deen do ausgedeelt gouf, veruerteelt. Net nëmmen e bësse veruerteelt, mä ganz staark veruerteelt. An och datt de Gemengerot mech ënnerstëtzt a menger Initiativ fir de Procureur d'Etat mat deem Dossier ze befaassen.

Accord à l'unanimité.

5.

Urbanisation.

Projet d'aménagement particulier du centre de Rodange - décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Wann een de Punkt 5 „en revue" passéiere léisst, da wësse mer, datt mer den 24. Januar vun dësem Joer déi provisoresch Approbatioun vun engem PAP am Zentrum vu Rodange gestëmmt hunn. Mer hunn och dat doropshi publizéiert. Et ass eng Reklamatioun komm. Esou wéi d'Gesetz dat virgesäit, huet de Schäfferot nogelauschtert. Doropshin huet dee Reklamant seng Reklamatioun zeréckgezunn, esou datt mer dat den 21. Mäerz 2011 nach eng Kéier am Gemengerot haten. Well do keng Reklamatioun méi virlouch, hu mer déi provisoresch Ofstëmmung als definitiv Ofstëmmung ugesinn. Duerno hu mer et ageschéckt an et huet ganz laang gedauert bis mer eng Äntwert kritt hunn. Mer hunn och am zoustännege Ministère e puer Mol nogefrot, wou deen Dossier dru wier bis mer – dat hutt der an ärem Dokument leien – den 27. Oktober 2011 eng Äntwert kruten, datt do awer e Problem wier. Well do eng Kéier eng Reklamatioun virlouch, an obwuel déi zeréckgezu gouf, hätte mer laut Interpretatioun vum Text vum Ministère déi ganz Geschicht nach eng Kéier stëmmen an da 14 Deeg aushänke miissten.

Well mer elo net ufänken ze diskutéieren ob dat eent oder dat anert richteg ass, hu mer entscheet, dem Gemengerot dat nach eng Kéier virzeleeën an den definitive Vote ze widderhuelen. Mer hänken et dann duerno nach eng Kéier 2 Wochen aus an da schécke mer et nach eng Kéier fir Approbatioun un de Ministère. An dann hoffe mer, datt mer dann, no engem Joer Délai, dëse PAP autoriséiert kréien.

Accord à l'unanimité.

6.

Budget rectifié de l'année 2011 et projet de budget pour l'exercice 2012.

Discussions et appréciations des conseillers – réponses des membres du collège des bourgmestre et échevins – information.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Da géife mer zum wahrscheinlech gréisste Punkt, de Punkt 6, kommen, wou d'Conseilleren d'Méiglechkeet kréien hir Kommentaren zum rektifizéierte Budget 2011 an zum Budget 2012 ofzeginn an hir Froen ze stellen. Ech schécke viraus, datt de Schäfferot versicht, ewéi all Joer, déi Froen direkt ze beäntweren, déi gestallt ginn. Sollt eng technesch Fro virkommen, déi net direkt beäntwert kéint ginn, da géife mer iech virschloen, déi Fro zeréckzestellen a se dann e Freideg ze beäntweren. Ech ginn awer dovunner aus, datt mer dee gréissten Deel, wann net alles, kënnen direkt beäntweren.

Polfer John (CSV):

Den Här Buergermeeschter a seng Schäffen hunn et scho gesot, datt mer hei en Iwwergangsbudget hunn. Nei grouss Projete sinn net virgesinn. An awer stinn am extraordinäre Budget 25,8 Milliounen Euro bei den Ausgaben. Dat ass eng gewalteg Zomm fir déi Projeten, déi ugefaange sinn a fäerdeg gemaach ginn oder fir se esou séier ewéi méiglech unzefänken. Fir déi vill Suen ze verschaffen däerfen awer keng Pannë virkommen oder schlecht Wieder ginn. Ech stellen och fest, datt mer hei deen 8. Budget ouni Emprunt hunn. Mer maache keng nei Schold fir al Scholden zeréckzebezuelen. En Iwwerschoss vun 11,4 Milliounen Euro si virgesinn. Dovu kënne vill Gemengen nëmmen dreemen. Des Weidere geet eis Gemengeschold ëm 2 Milliounen erof. An der heiteger wirtschaftlecher Situatioun ass et ganz wichteg, d'Recettë virsiichteg anzeschätzen.

Ech wëll hei nach eng Kéier ervirhiewen, datt 75% vun de Recetten iwwer d'Grondsteier, d'Gewerbesteier an d'„Dotation de l'Etat" erakommen, an nëmmen 14% iwwer d'Gemengentaxen. An dësem Budget gëtt déi konsequent Wuesstemspolitik vum Schäfferot an der neier Legislaturperiod weidergefouert. Dem Schäfferot leeën ech un d'Häerz, deen ordinäre Budget am An ze behalen – wat net ëmmer esou einfach ass. Mer wëssen a mierke jo och vun doheem aus wéi d'Präisser klammen. Mat 52% ass d'„masse salariale" deen déckste Posten am ordinäre Budget.

Och eis Participatioun an de Syndikater ewéi Tice, Minettkompost, Sigi, Siach, stellen eng grouss Ausgab duer. Och wann de Stat matfinanzéiert, kascht den Office social d'Gemeng e Batz Suen. An do stellen ech fest, datt mer ëmmer méi Leit an der Gemeng wunnen hunn, déi d'Enner net méi zesummebréngen.

Dauerbrenner hu mer och an eisem Budget. An ëmmer nees kréie mer deier Etuden opgezwong. Beim Grand Bis nees 80.000 Euro fir eng nei Etude. Op der belscher Säit ass scho laang Buedem opgetippt a gläichgemaach gi fir nei Infrastrukturen ze schafen. Just bei eis am Land erfanne mer ëmmer nei Schikanen. Op der Léngerstrooss bei eisem Gaardebetrib och eng nei Etude vun 50.000 Euro. Déi wéivillt Etude ass dat schonn? Sanéierung Rodange Fonderie, eng Etude fir 50.000 Euro. Fänke mer do nees vu vir un? Amplaz,

a wéi versprach, déi administrativ Hürdë bei de Ministèren ze vereinfache ginn se ëmmer méi komplizéiert a méi laang.

Vill Sue ginn och an eist Stroossennetz investéiert. E Beispill ass d'Leonard Schroeder Strooss mat 1.030.000 Euro. Endlech sinn 700.000 Euro fir d'Philippart Strooss am Budget. Dat gëtt e laangen a schwéiere Schantjen, deen och nach méi Sue wäert kaschten. Hei gesinn ech, datt och nach 15.000 Euro fir Emprisë virgesi ginn. Sinn déi Problemer no all deene Joeren nach ëmmer net ofgeschloss?

An der PiKo hu mer Waasserproblemer am Keller. Hei sinn 110.000 Euro virgesinn. Datt do vill Waasser wier, dat war dach scho beim Bau gewosst. Ass deemools deem net Rechnung gedroe ginn?

Ech wëll awer hei dervu profitéiere fir och nach eng Kéier ze soen, datt mer, zanter der Erneierung vun der Péitenger Schwämm bei staarkem Reen am Keller ëmmer Iwwerschwemmungen hunn. An deene Raim, wou Material stockéiert ass, stinn op d'mannst 3 cm Waasser. Hei hu sech scho virun etlech Méint vill verantwortlech Leit de Misär ugekuckt, notéiert, fotografeiert an esou guer naass Féiss kritt. Mä méi ass net geschitt.

An der rue des Ateliers gi rout Luuchten ubruecht. Hei sinn 170.000 Euro virgesinn. Dës Strooss gehéiert jo op enger Säit der Käerjenger Gemeng. Bedeelegt sech dës Gemeng dann och un de Käschten?

Da wënschen ech, datt mer mat der Waxweiler Millen an dem rouden Haus an dem ökologesche Parking fir 2,9 Milliounen Euro deen néidegen Erfolleg fannen, an datt mer mat deem aneren Haus virdrun eng verstänneg Léisung fannen.

All déi aner grouss Projeten ewéi d'Schoul vu Rolleng, de Sportszenter zu Péiteng, de Keelenzenter, déi an Ugrëff geholl ginn oder déi deemnächst fäerdeg ginn, sinn am Intressi vun de Péitenger Bierger aus der Gemeng. Alles an allem en akzeptabele Budget 2012, deen, wéi ëmmer, dem Buergermeeschter besonnesch, an dem Schäfferot hire leschten Nerv kascht a fir d'Mataarbechter vill Aarbecht bedeit.

Breyer Roland, Schäffen:

Grand Bis, 80.000 Euro fir eng nei Etude. Dat ass keng nei Etude, et ass eng Weiderféierung vun den Etuden, déi do gemaach gi sinn. Mer hunn elo eng Léisung. Bei dem verschmotzten Terrain ass et jo ëmmer esou, datt fir d'éischt emol festgestallt gëtt, wat do läit. An da muss een der Ëmweltverwaltung Propositiounen ënnerbreeden. A wann eng hinne gefält, da soen se 'jo' oder 'neen'. A bis elo hu se ëmmer refuséiert. Elo gi mer emol endlech op eng Léisung zou. Fir déi Léisung ëmzesetze mussen Etuden derbäikommen, dat ass näischt Neies. Et wäert och déi lescht Etude sinn, déi do gemaach gëtt.

Och op der Lénger Strooss hu mer deeselwechte Szenario. Do ware mer mat hinnen op der Plaz an do ass och eng Léisung fonnt ginn. Fir déi Léisung gemaach ze kréien, musse mer nach eng Kéier moosse goen. Dat heescht, et war de Moment net genuch Waasser do fir d'Grondwaasser, fir d'Stréimungen ze kontrolléieren. Mer mussen elo waarde bis et eng Kéier gutt reent an da mussen nach eng Kéier Prouwe gemaach ginn. All dat kascht Suen. D'Ëmweltverwaltung wëll ëmmer ganz genee sinn. Se hunn awer selwer keng Léisung ze proposéieren. Et muss een hinnen eng Léisung virschloen. An da mat Saache begrënnen.

Rodange Fonderie, eng Etude fir 50.000 Euro. Do geet et net nees vu vir un. Mer wëssen, datt Rodange-Bas nach net un d'Kläranlag ugeschloss ass. Mer haten elo ee grousse Projet wëlles. Wann alles matenee gelaf wier, hätte mer de Grand Bis, d'Fonderie an de Klopp matenee mat enger Pompelstatioun ugeschloss fir hydraulesch an d'Kläranlag ze pompelen. Dat konnt net geschéie well de Lotissement um Klopp scho vir komm ass. Do hu mer scho mussen eng separat Léisung sichen, a mer wäerten och eng separat Léisung fir d'Fonderie a fir de Grand Bis sichen. Net datt, wann deen ee fäerdeg ass, deen aneren da miisst waarden.

De Schantjen an der rue Philippart geet un. Déi 15.000 Euro fir d'Emprisë sinn déi, déi mer de Leit nach musse bezuelen. Do sinn d'Akten nach net gemaach. Et ass alles ënnerschriwwen an et si Compromisë gemaach. Dat muss awer elo nach alles reglementéiert ginn. Et feelen nach e ganze Koup kleng Parzellen – een Zentiar oder esou – déi nach mussen aktéiert ginn.

An der rue des Ateliers weess mäi Kolleg Jeannot och Bescheed. Do ass et esou, datt mer zesummen de Schantje gemaach hunn. Käerjeng kritt en ënnerierdesche Reeniwwerlafbecke gemaach fir d'Waasser opzefänken an d'Kanalisatioun ze stäipen. Dat iwwerhuele si och dann. A mär bedeelegen eis un de Luuchte fir de Passage méi sécher ze kréien.

D'rout Haus an d'Waxweiler Mille mat dem ökologesche Parking. Do hu mer elo eng Léisung fonnt. Den Här Becker huet jo och eng Fro dozou gestallt, ob déi mer ze schwätze kommen. Et goufen 3 Méiglechkeete fir d'Alentouren ze gestalten. Den Terrain hanner der Millen, een op der Millen an een ausserhalb vum Site. Mer hunn elo entscheet fir de Site vu baussen ze huele well mer do och am séierste virukommen. Ma deenen aneren zwee Besëtzer hu mer keng Léisung fonnt, esou datt mer mengen, mer kéimen am séierste mat dëser Léisung virun.

Linden Jeannot, Schäffen:

Jo, wat déi Froen, déi zum PiKo gestallt goufen, ugeet, déi hat ech jo och schonn déi lescht Woch ugeschwat. Et ginn do wierklech Waasserproblemer. Ech war mer dat kucken. Et ass wierklech esou, an dat ass net deen eenzege Problem am PiKo, et sinn nach anerer do. Mä deen heite muss emol behuewe ginn, well do kënnt jo Waasser eran. Dat ass jo Grondwaasser. Fir et richteg ze maache miisst ee ronderëm en Drainage zéien. Wat dat da kascht, dat miisst een dann och emol kucken, well dat wier da wahrscheinlech e ganz anere Chiffer. Mä dat si Feeler, déi wahrscheinlech geschitt sinn ewéi d'Fundament gebaut gouf. An duerno ass dann net méi gemaach ginn. Ech mengen, elo musse mer awer kucken, datt mer déi Saach propper kréien, eleng fir déi Leit, déi do schaffen. Awer och fir dat Material, dat do steet. Well do sti jo awer och fir Dausende Material. Esou och elektresch Saachen, déi an de Schief sinn, an op déi sech eppes Klenges niddersetzt. Mer mussen elo kucke fir dat an de Grëff ze kréien. An da kucke mer virun, wat nach muss gemaach ginn a wéi mer da virginn.

Déi aner Geschicht vun der Péitenger Schwämm, do ginn ech elo iwwerrannt, dat ginn ech och zou. De Moment sinn ech och nach vu kengem ugeschwat ginn. Dat ginn ech mer dann och gär ukucken. Ech sinn awer nach vu kengem vun eise Beamten do drop ugeschwat ginn. Mä wéi gesot, ech verspriechen awer op alle Fall, datt ech mer dat ukucke gi fir eng Léisung ze fannen an deem do entgéint ze kommen.

Deen anere Problem ass jo dee vun der rue des Ateliers, wou den Här Breyer elo schonns eng Äntwert ginn huet. Dat heescht, mer bedeelegen eis do un deenen dräi Luuchte mat der Gemeng Käerjeng zesummen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech géif just nach op dee Punkt mat den Emprisë fir 15.000 Euro agoen. Dat sinn nei Emprisen. Mer sinn dauernd amgaangen, op allen Niveauen ze kucken, wou an de Stroossen nach Terraine leien, déi eis als Gemeng net

gehéieren. An där ginn et nach eng helle Wull. Déi 15.000 Euro sollen eis hëllefen, weider Dossieren ze regulariséieren. Do ass aus de leschten 30, 40, 50 Joer genuch nozehuelen. Mer wäerten och nach net esou séier un d'Enn vun eise Beméiunge kommen, well do sinn nach ganz vill Problemer ze léisen. Loosse mer léiwer soen Dossiere regulariséieren, well eigentlech stellt dat kee Problem duer. No an no, esou wéi d'Leit sech bei eis mellen oder wéi mär dat bei Projete mierken, regulariséiere mer déi Emprisëgeschichten.

Da ginn ech iech Recht wann der sot, datt mer sollen oppassen an deen ordinäre Budget am A behalen. Ech mengen, dat hu mer an deene leschte Joere konsequent gemaach wann ee gesäit, datt eisen Iwwerschoss Joer fir Joer eropgeet. Dat beweist ganz kloer, datt mer eis ordinär Ausgaben net méi séier klamme loossen eréi eis ordinär Recetten. An dat ass eng positiv Tendenz déi - wéi der richteg sot -, eis och erlaabt, ëmmer méi en héijen Iwwerschoss ze hunn. 11,4 Milliounen Euro ass deen héchsten Iwwerschoss, dee mer bis elo haten an dee mer bis elo konnte realiséieren. Dat gëtt eis och d'Méiglechkeet fir z'investéieren ouni noutgedrongen op Schold oder op en Emprunt zeréckgräifen ze mussen.

Gonçalves Cátia (LSAP):

Ech wollt just kuerz op de Budget 2012, a besonnesch op e puer Schwéierpunkte vun den extraordinären Ausgaben, agoen. Wa mer genee hikucken, da stelle mer fest, datt genee 30,4% vun den extraordinären Ausgabe ganz staark an d'Schoulinfrastrukturen investéiert ginn. Et kann een dat nëmme begréissen, an et ass e kloert Zeechen do fir datt eis Kanner sech an deene Raimlechkeete wuelfille sollen an esou den néidege Kader fir gutt Edukatiounsméiglechkeete kréie sollen.

Direkt hannendrun, a mat 29% vun den extraordinären Ausgaben, kommen d'Investissementer a punkto Sport, Kultur a Fräizäit a Jugend. Zesumme mat de sozialen Etablissementer eréi de CIGL an anerer stelle mer fest, datt déi gesamt sozial Ausgabe méi wéi 70% vun eisem extraordinäre Budget 2012 ausmaachen. Och wann déi zirka 19 Milliounen Euro 2012 net ganz ausbezuelt ginn, esou sinn dat awer Suen, déi eise Bierger, a besonnesch eise jonke Bierger, zegutt kommen.

Dëse Budget weist och, datt et trotz enger virsiichteger Finanzpolitik kee Verloscht ass, an de soziale Sektor an an eis Bierger z'investéieren an deene méi Schwaachen entgéint ze kommen. Als Conseiller kann ech de Schäfferot nëmmen dozou opfuerderen op där Schinn ze fueren an de soziale Volet an den nächste Joeren auszebauen. An dat besonnesch wat de soziale Wunnengsbau ugeet, de Grondsteen vun eiser Walcampagne an e wichtege Punkt vun der Schäfferotserklärung.

Becker Romain (déi gréng):

De Gemengebudget muss „dans l'intérêt public et des citoyens" sinn. Dëst ass esou ze soen den Haaptmessage fir d'Opstelle vum Budget. Esou wéi all Joer wëll ech dann och mat engem Zitat aus dem Inneminister senger Circulaire ufänken. Dee seet a senge Circulairë vun 2009, 2010 a vum 26. Oktober 2011 hoergenee deeselwechte Saz, an zwar „Aux yeux du Gouvernement, il importe donc de respecter ces règles de conduite et de poursuivre une politique budgétaire rigoureuse afin de conserver les atouts favorables actuels de notre situation financière". Här Halsdorf, mer wëssen et elo.

Oder och net, well - wann ech hei däerf eng Klamer opmaachen - et gi schéngs Schäfferéit, déi déi sëlleche Circulairen net un hir Conseillerë weiderginn. De Minister wäert nach eng Kéier bei de Schäfferéit intervenéieren andeems hien se opfuerdert, dat ze maachen. Well dee ganze Gemengerot soll um selwechte Stand vun den Informatioune sinn. „Ein Schelm, wer Böses dabei denkt".

Dësweidere seet de Minister, d'Budgetsdokument recto-verso anzegi fir den Archivage ze vereinfachen. Léiwe Schäfferot, dat gëlt och fir de Gemengerot. Recto-verso wier vill manner Pabeier, vill manner schwéier a vill méi einfach fir z'archivéieren. Denkt w.e.g. dat anert Joer dorunner.

Et freet eis, datt de Buergermeeschter gesot huet, datt am Koalitiounsvertrag verankert wier, déi virsiichteg Finanzpolitik aus dem leschte Jorzéngt weider ze féieren. Mä dat miisst jo dach awer selbstverständlech sinn an net onbedéngt an engem Vertrag verankert ginn.

D'Experte soen, datt et 2013/2014 vill méi kriddleg gëtt an net méi esou vill Suen erakomme wäerten duerch d'Gewerbesteier. Souwisou sollte mer eis net zevill op d'Gewerbesteier verloossen, well déi absolut net viraus ze gesinn ass. Well bei Entreprisen déi vun hirem Gewënn bezuelen, heescht dat awer och kee Gewënn ass gläich keng Gewerbesteier.

Wat och ganz flott nozelauschtere war bei der Presentatioun, dat waren dem Tourismusschäffe seng Iddien. Et duecht een, hie géif vu Venedeg, Roum oder Amsterdam schwäermen. Ech fäerten, wa mer eis Gemeng wëllen touristesch vermaarten, da musse mer awer eng Schëpp bäileeën. Mer mussen onbedéngt ophalen, riseg Residenze laanscht d'Haaptstroossen ze bauen, wou een d'Gefill huet, et géif een duerch en Tunnel fueren. Mer mussen drun denken, Gréngflächen unzeleeën, de Verkéier ze berouegen, d'Vëlospist ze bauen, asw. Dat ass Attraktivitéit, an net Flyeren a Formatiounen am Tourismus.

Ech géif da gären all eise Leit vun der Gemengeverwaltung, déi dëst Joer nees um Budgetsdokument matgeschafft hunn, Merci soen. Et war bestëmmt net ëmmer einfach. Dann nach e puer Punkten aus dem Dokument.

„Adaptation du plan d'aménagement général et modifications ponctuelles du PAG" – wéini kann de Gemengerot endlech de PAG virgeluegt kréien? Virun allem, well dat Dokument immens wichteg ass fir den Ausbau vun enger Gemeng ze steieren. A mär am Gemengerot wëssen nach ëmmer net, wouhin de Schäfferot wëll steieren.

„Réaménagement de la place entre l'Ecole Neiwiss et le Hall Polyvalent" – wat gëtt do gemaach? Gëtt do déi riseg Plaz versigelt. Mär pochen ëmmer nees drop vu groussen Iwwerflächeversigelungen ofzegesinn, well dat ökologesch absolut kontraproduktiv ass.

„Moulin Waxweiler – Aménagement d'un parking écologique" – dat ass nawell e ganz interessante Punkt. Wéi ech den 2. September 2011 an enger Lëtzebuerger Dageszeitung dëst gelies hat „Un parking de 8 emplacements est disponible dans l'enceinte du moulin. Un parking supplémentaire de 29 emplacements sera aménagé route de Linger", do hunn ech direkt fir d'Sëtzung vum 12. September eng Fro doriwwer un de Schäfferot gestallt wou ech ënner anerem net verstanen hat, datt d'Press Saache wousst a publizéiert huet ier de Gemengerot et wousst. Déi Fro krut ech schréftlech beäntwert. An an där schréftlecher Äntwert steet „Wéi de Journalist op 29 Parkplazen op der Lénger Strooss kënnt, dat ass eis net bekannt. Dat ass och en Novum fir de Schäfferot. Richteg ass, datt mer dru geduecht hu fir op der Mille Parkraum ze schafen." Also stëmmt et awer, an ech si belu ginn. Wou soll dat gebaut ginn? Wat ass en ökologesche Parking? Déi Hecken a Beem laanscht d'Lénger Strooss waren dach geduecht als Lärm- a Schutzwall fir de Contournement. Déi däerfen dach elo net verschwannen. Ass dat dann net esouguer eng Gréngzon.

„Installation d'un monument Robert Schuman" – dësen deieren Artikel war d'lescht Joer schonn am Budget. A well jo bis elo näischt geschitt ass, kéinte mer déi Sue vläicht anescht affektéieren.

„Centre sportif Pétange" – do geet et ënner anerem ëm d'Astandsetze vun dem Daach. Hei wollt ech nach eng Kéier un d'Diskussioun mat de Spezialisten hei am Sall erënneren, datt mär Gréng dofir plädéiert hu fir eng Photovoltaikanlag op den Daach ze bauen. An d'Ingenieuren hu mer do Recht ginn, datt deen Daach sech dofir super géif eegnen. Firwat maache mer dat net?

„Ventilation sur plusieurs articles – chauffage, éclairage des bâtiments" – do wier dach bestëmmt mat guddem Wëllen nach vill ze maache fir datt déi Käschten erofginn.

„Education à l'environnement" – fir alleguer d'Schüler nëmmen 6.000 Euro. Wat ass dat? Do miisst dach awer méi dra sinn.

„Enseignement religieux" – do wéisst ech gär, wat do mat deenen 1.200 Euro gemengt ass. Wat gëtt mat deene Sue gemaach? Kéint een déi net einfach bei d'„Education à l'environnement" derbäisetze well d'Relioun jo näischt an der Schoul verluer huet an d'Ëmwelterzéiung ëmsou méi wichteg ass.

„Classes de neige" – 20.000 Euro. Dat si vill Suen aus dem Beidel vun der Allgemengheet fir e Projet, deen onökologesch a kontraproduktiv ass. Mär wëllen eis Kanner zu méi Verantwortung a Saachen Ëmwelt erzéien, an da féiere mer se mat Busse wäit an Éisterräich. Dohanne sinn extra Schneisen an d'Bëscher op de Bierger geha gi fir Schnéipisten unzeleeën. Wann et reent leeft de Bulli de Bierg erof, well keng Beem méi do si fir de Buedem unzehalen. De Buergermeeschter huet mer schonn e puer Mol geäntwert fir no méiglechen Alternativen ze sichen. Mä ech mengen, do stécht méi derhannert, datt mer ausgerechent mat eise Kanner op déi Plaz fueren.

„Acitivités dans l'intérêt de l'intégration des étrangers" – 10.000 Euro. Firwat déi Erhéijung am Verglach mat 2011. Wat ass do konkret geplangt? Wier et dobäi net awer ubruecht, mat Associatiounen ewéi CLAE an ASTI ze schwätzen, wéi oder wat een do zesummen ënner watfir enger Form kéint maachen? Do feelt e Gesamtkonzept.

„Animation et Formation touristique offertes au Moulin Waxweiler à Pétange" – 15.000 Euro. Kéint där mer erklären, wat domat gemengt ass? Wat ass eng „formation touristique"? Wéi soll dat ausgesinn? Well och do si vill Suen am Spill.

„Acquisition d'objets d'art" – 5.000 Euro. Der wësst jo, datt vläicht deen een an enger Saach e Konschtobjet gesäit wat fir en anere Kitsch ass. Wat sinn dann déi Objeten? Wou kommen déi Objeten, déi mär Bierger an der Gemeng all matbezuelen, histoen respektiv hileien oder hinhänken?

„Culte" – 93.459 Euro. Vill Sue fir eng Relioun ze finanzéieren. Nëmmen eng. D'Allgemengheet bezilt fir eng Minoritéit, woubäi mer jo all wëssen, datt d'Relioune miisste vum Stat getrennt ginn. Eis wier et léiwer – an dat wier och vill méi gerecht – wann et hei am Land eng Kierchesteier géif ginn. Dat heescht, d'Kierch géif vun deene Leit, déi gleewen a praktizéieren, hir Suen erakréien. Mer hu beileiwen näischt géint d'Leit, déi gleeweg sinn. Dat ass jidderengem säi Choix.

Et fält op, datt dëse Budget nach ëmmer de Stempel vun der CSV dréit, an datt de Juniorpartner sech net konnt duerchsetzen an einfach mat allem averstanen ass. Esou wéi an der Schäfferotserklärung de Volet Ëmwelt vill ze kuerz kënnt, esou ass och elo am Budget absolut näischt Neies a Saachen Ëmwelt dran. An dat ass scho bal traureg. Et ass einfach net méi zäitgeméiss, d'Ëmwelt lénks leien ze loossen an alles esou hinzehuelen. Mer mussen onbedingt un déi nächst Generatiounen denken, well déi mussen duerno ausbuede wat mär alles net, respektiv falsch gemaach hunn. Mer mussen eis bewosst sinn, datt mer mat eisem heitegen Handelen déi nächst Generatiounen hypothekéieren, an dat ass absolut net fair, mä nëmmen egoistesch. Et geet net duer, sech ëmmer hanner der Memberschaft am Sicona ze verstoppen. Dat ass zevill einfach.

Et feelt e Konzept vun enger Vëlospist, déi Rodange-Grenz iwwer Rolleng mam Péitenger Zentrum verbënnt. Et feelt e Gesamtenergiekonzept fir alleguer eis Gemengegebaier, all eis Schoulen, Sport- a Kulturzentre mat erneierbaren Energien ze hëtzen an ze beliichten. Well do geet et net duer fir en Zertifikat, wat grénge Stroum ugeet, vu Creos ze weisen. Dat muss vill méi wäit goen. Wéi zum Beispill Photovoltaikanlagen a Solarpanneauxe fir waarmt Waasser, an esou weider.

Et feelt d'Iddi fir un engem Projet Transfair Gemenge matzemaachen, esou wéi dat schonn a ville Gemenge gemaach gëtt an Zesummenaarbecht mat Transfair Minka a mam Klimabündnis.

Et feelt d'Iddi fir beim Projet *Energy light* matzemaachen, wou och scho vill Südgemenge matgemaach hunn, respektiv nach matmaachen. Sämtlech Schäfferéit, déi schonn am Klimabündnis sinn, goufen 2009 ugeschriwwe fir do matzemaachen. Hei gëtt zesumme mat der Ëmweltberodung Lëtzebuerg eng Woch laang an der Gemeng gekuckt, wou d'Verwaltung kann Energie spueren. Esou wéi zum Beispill e bewossten Ëmgang mat Computeren, Kopiesmaschinnen, Beliichtung, Hëtzen an esou weider. Et geet och haaptsächlech drëm fir d'Mataarbechter alleguer ze sensibiliséieren, bewosst mat den Energien ëmzegoen.

Et feelt nach ëmmer e Gesamtkonzept fir de *Pedibus,* fir mat de Schoulkanner zu Fouss an d'Schoul ze goen. Well mer héieren ëmmer nees, datt eis Kanner vill ze mann Bewegung hunn an datt och nach bei eise Schoulen de Verkéierschaos zouhëlt. Och hei geet et net duer fir d'Iddi ze lancéieren an ze waarden, datt d'Leit sech mellen. Mer mussen als Gemeng e Konzept ausschaffe mat den Elteren.

Et feelt un engem Gesamtkonzept fir d'Verkéiersberouegung a verschidde Wunnvéierel. Zum Beispill *Zone 30, Shared Space* oder Spillstroossen.

Et feelt de Projet fir Bornë fir Elektroautoen opzelueden, esou wéi dat an aner Gemenge gemaach gouf.

Wéi der gesidd, bleift nach vill a Saachen Ëmwelt ze maachen. Mär wäerten drubleiwen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Erlaabt mer, op e puer Punkten, déi mech direkt uginn, anzegoen. Dat éischt ass déi Diskussioun vun der recto-verso-Versioun vum Budgetsdokument. Wéi der wësst ass et esou, wann der dat definitivt Dokument kritt – wann et autoriséiert ass vum Minister -, dann ass dat et jo och, wat der wëllt archivéieren. Wat der elo hei hutt, dat ass d'Aarbechtsdokument. An dat definitivt Dokument wäert iech recto-verso zougestallt ginn. A wann der dat maacht ewéi ech, dann huelt der déi Blieder do an der schreift hannen drop, dann hutt der se och recto-verso benotzt.

Wat de PAG an d'Stroosse mat deene Residenzen ugeet, do muss ech soen, datt dat, wat de Moment gebaut gëtt, dat ass wat de Gemengerot entscheet huet. Et ass net de Schäfferot, deen do eng Entscheedung hëlt, mä de Gemengerot. Ech erënnere mech, datt schonn am Joer 2002 oder 2003 eng

Modifikatioun gemaach gouf par rapport zu deem PAG an deem Bautereglement, wat mer am Joer 1993 gestëmmt hunn, an do schonn e Stack erofgaange sinn am Zentrum vu Péiteng a vu Rodange. Do muss ee sech awer d'Fro stellen, ob een nach e Stack wëll erofgoen a wouhinner ee komme wëll. An dat ass eng Entscheedung, déi de Gemengerot muss huelen. Do hutt där eng Visioun, mä ob dat och d'Visioun vu jidderengem heibannen ass, dat muss een emol op d'mannst bezweiwelen. Well eng ganz Rei Leit, déi heibanne sinn hunn, hunn d'Bautereglement 1993 an och d'Modifikatioun 2002 oder 2003 an d'Bebauung, déi elo virläit, guttgeheescht.

Wat elo d'Modifikatioun – punktuell oder generell – vum PAG ugeet, esou wäerte mer iech dat am nächste Joer zur Verfügung stellen a mer wäerten awer och am Gemengerot diskutéieren, well mer dat och am nächste Joer am Gemengerot klären. Mer konnten dat awer bis elo nach net kläre well eben déi generell Modifikatioun vum PAG un eng Gesetzesännerung gebonne war an déi eréischt am August dëst Joer duerch d'Chamber gaangen ass. Opgronn vun där kënne mer elo den definitive PAG definéieren. Wat sécher ass, dat ass, datt dee PAG net wesentlech wäert änneren am Verglach zu deem, wat mer de Moment virleien hunn. Mer wäerten och sécherlech de Bauperimeter net méi grouss opmaachen. A wat mer do vun Iddien hunn, dat hu mer dem Gemengerot virgestallt. Ech weess net, ob der net do waart, mä do waren déi „plans directeurs" am Gespréich, a mer hu jo zum Deel schonn der Bevëlkerung virgestallt, wat mer eis virstellen. Et kann een elo net hei am Gemengerot maachen ewéi wann een net wéisst, wat op deem Plang geschafft gëtt. Wat mär op alle Fall de Moment un Iddie wëssen, dat huet de Gemengerot schonn integral gesinn an enger informeller Sëtzung heibannen. Plus goufen se der Bevëlkerung zum Deel an enger flotter Reunioun zu Rodange am Kulturzenter virgestallt. Esou zum Beispill - wéi mer eise Plang virgeluegt hunn - wéi den Zentrum vu Rodange ronderëm d'Kierch an Zukunft kéint ausgesinn. Do muss ech awer scho vehement protestéieren, datt där als Gemengerot näischt dovunner wësst. Dat ass awer dann éischter en Zeechen, datt der net opgepasst hutt oder net do waart.Op jiddwer Fall, gesot ass et ginn.

Wat déi Plaz bei dem Neiwiss-Schoulgebai ugeet, dat ass déi Plaz lénks vun der Sportshal, do wou de Kiosk elo dropsteet. Wann där sot, do wier eng Iwwerflächeversigelung, waart där scho kucken ewéi et do ausgesäit? Mer kënnen et héchstens nach besser maachen. A mer hu wëlles, dat besser ze maachen. An de Gemengerot wäert dat dann och gesinn, an de Gemengerot wäert dann och a senger Autonomie entscheeden, wat dohinner kënnt. An ech sinn iwwerzeegt datt, wa mer eis Iddien, déi mer am Kapp hunn, och esou realiséieren, da kéint et iech esouguer gefale wat do entsteet. Mä loosst iech emol iwwerraschen.

Wat d'Monument Robert Schumann ugeet, do si mer iwwerzeegt dervunner, datt mer eppes solle maachen. Mer hunn de Virdeel, datt mer hei am Dräilännereck leien a mer wëssen och, datt de Robert Schumann e ganz wichtege Mann war am Beräich vum europäeschen Zesummeliewe vun deenen eenzelne Länner. Iergendwéi huet e jo och nach Originen hei zu Lëtzebuerg. Mer hu gemengt, datt mer hei gutt plazéiert wieren dofir, an och well scho méi laang Ufroe vun Organisatioune virleien, déi esou eppes hei wëllen opriichten. Mä wéi ëmmer hänke mer e bësse bei de Verhandlunge mat de staatlechen Instanzen. Do wou mer eigentlech d'Iddi hate fir esou eppes opzeriichten - géintiwwer vum LTMA -, do hu mer nach ëmmer net déi noutwenneg Autorisatioune vun deenen zoustännege Ministèrë fir dat kënnen ze maachen. Mer sinn awer amgaangen ze verhandelen. An dofir ass et verréckelt ginn. Et ass also net verréckelt gi well mer et net wëlle maachen, mä well mer et op där Plaz, wou mer et wollte maachen a wou mer och mengen, datt et eng gutt Plaz hätt, net zustane ka kommen. Mer musse wahrscheinlech eng aner Plaz sichen. Mär halen am Schäfferot un deem Projet fest, et sief dann, de Gemengerot géif majoritaire dofir stëmmen, dee Projet falen ze loossen. Mä déi Impressioun hat ech net.

Wat de Chauffage an d'Beliichtung ugeet, do wëll ech eng generell Ausso maachen. Ech loossen net gären am Raum stoen, datt mer do kee gudde Wëlle gewisen hunn. Mer hu ganz vill Efforte an deene leschte Joere gemaach fir eis Gebaier méi performant ze maachen. Ech denken einfach un déi niddereg Energie. Et ass kee Gebai méi, dat net no dem Prinzip vun der niddereger Energie gemaach gëtt. Mer hunn och eng Passivhaus-Schoul, wou mer awer net onbedéngt déi bescht Erfahrung gemaach hunn. Et miisst ee mat de Schoulmeeschtere schwätzen an da géift der gesinn, datt si éischter zu den niddereg Energie-Gebaier tendéieren. Mer sinn och eng vun den eenzege Gemengen, déi et probéiert hunn. Den Här Linden kann iech och bestätegen, datt mer 640.000 Euro virgesinn hu fir eng Kogeneratiounsanlag. Dat hutt der jo awer wahrscheinlech am Budget gesinn, mä doriwwer hutt der näischt geschriwwen. Och do ginn Efforte gemaach. Et kann een natierlech ëmmer méi maachen. Mer sinn awer op fir äer konkret Propositiounen, wat ee soll maachen. Déi konkret Virschléi zu der Photovoltaikanlag, déi der do ugeschwat hutt, déi kann ee sech iwwerleeën. An et ass ni ze spéit fir dat nach ze lancéieren, mä ech géif soen, et goufe vill Efforte gemaach. D'Beliichtung an d'Heizen hunn e gewëssene Präis, an d'Tendenz geet no uewen. Wann der d'Evolutioun an de leschte Joeren e bësse kuckt, da klëmmt et net an deem Verhältnis, wéi et miisst erop goen. Wann een d'Präisentwécklung an d'Zuel vun de Gebaier kuckt, déi mer mussen hëtzen a beliichten, da géif ech esouguer mengen, datt mer grouss Efforte gemaach hu fir net méi héich ze leien am Betrag wéi deen, deen hei steet.

Wat de Reliounsunterrecht ugeet, wat ass domat gemengt. Esou wéi an deenen anere Fächer brauchen se och am Reliounsunterrecht Bicher a Material. An dat stellt d'Gemeng zur Verfügung, esou wéi dat och an all deenen anere Fächer de Fall ass. An esou laang den Éducatiounsministère de Reliounsunterrecht net an der Grondschoul ofgeschaf huet, esou laang wäerte mer als Gemeng eis Aufgab do iwwerhuelen.

Wat d'Schnéiklassen ubelaangt, wësse mer, datt mer net därselwechter Meenung sinn. Mer hunn Efforte gemaach – am Budget sti Sue fir aner Aktivitéiten ze maache mat eise Schoulklassen – a mer gi mat eise Schoulklassen och op aner Plaze wou si d'Natur kenneléiere sollen. Mer ginn do op Naturcampe während e puer Deeg. Mä dat hei ass eng Propositioun, a mer droen där Propositioun nach ëmmer Rechnung. D'Schoulmeeschtere maachen dëse Virschlag an et ass och net de Schäfferot, deen de Schoulmeeschtere seet, se miissten an d'Schnéiklasse goen. Et sinn d'Schoulkomiteeën, déi eis dat proposéieren. An opgronn vun där Propositioun soen de Schäfferot an de Gemengerot – dee muss natierlech och seng Approbatioun do ginn – nach ëmmer mat engem grousse Prozentsaz 'jo'. Et geet net eleng drëm fir Schi ze fueren. Et geet och drëm fir mat deene Kanner op enger Plaz ze sinn an déi sozial Komponent mat deene Kanner spillen ze loossen. An do si vill Kanner beieneen. Dat ass eng Aktivitéit, déi d'Schoulmeeschtere maachen an déi bis elo nach ëmmer vum Gemengerot esou begleet gëtt.

Da kënnt den Dossier „Culte". Do si Suen, déi sollen an d'Kierch gestach ginn. Ech muss soen, dat ass fir den Ënnerhalt vun de Gebaier. D'Kierch gehéiert den Ament nach der Gemeng. Wa muer déi Saach soll antrieden ewéi där dat gesidd, da muss ee kucken, wat mat deene Gebaier geschitt.

Da sinn d'Gebaier nawell do a mer wäerten déi nawell net zerfale loossen an da wäerte mer nawell iergendwéi fir den Ënnerhalt vun deene Gebaier opkommen. Dofir, och dat gëtt jo um Niveau vun der nationaler Politik diskutéiert a mer mussen ofwaarden, wat do geschitt. Do gëtt et nach ëmmer en Dekret aus dem 18. Jorhonnert, an deen hu mär hei zu Péiteng ze respektéieren. A mär kënnen dat och net hei zu Péiteng änneren. Dat kann héchstens an der Chamber geännert ginn.

Da kënnt de Fall vum *Pedibus* wou der uschwätzt. Ech sinn net mat iech averstane wann der sot, datt jidderee mam Auto kënnt. Et brauch een nëmme laanscht d'Schoule goen, an da gesäit een, wéivill Kanner zu Fouss an d'Schoul kommen. Dat eenzegt, wat net funktionéiert, dat ass, datt ee sech hiergëtt fir mat 10 Kanner an d'Schoul ze goen. Op jiddwer Fall, déi offizialiséiert *Pedibus*-Initiativ klappt net. Mä ech gesinn awer nach Elteren, déi mat 3, 4 oder 5 Kanner kommen. Awer mer sinn an enger Gesellschaft, wou kee sech wëll festleeën a soen „Ech ginn all Dag mat deene Kanner um 8 Auer an d'Schoul", well wa se sech eng Kéier uginn, da musse si et och all Dag maachen. An esou en Engagement hëlt kee méi haut an eiser Gesellschaft. Et gëtt ëmmer méi schwéier. Mer hu regelméisseg Opriff gemaach, a mer hunn nach ëmmer bis elo d'Situatioun gehat, datt mer net genuch Leit haten. Mer hate vläicht genuch Kanner, déi wollte matgoen. An nach war d'Zuel relativ niddereg. Mä mer hate fir de Moment kee fir se ze begleeden. Ech sinn awer frou fir jiddereen, deen der mer nennt. Wann der mer der 10 nennt, wou der sot, datt se dat wéilte maachen, dann organiséiere mer dat muer. Et ass esou datt, wann ech keen hu fir matzegoen, da gëtt et natierlech net einfach. An da kann een dat beschte Konzept hunn. E Konzept hu mer jo um Dësch leien. D'Leit hunn et schonn e puer Mol gesot krut, mer hunn et scho mat de Schoulmeeschteren, mam Elterekomitee diskutéiert. Awer bis elo hu mer nach net genuch Leit fonnt, déi bereet waren, do matzegoen. Op alle Fall si mär bereet. Esou bal sech déi éischt weisen, wäerte mer dee Pilotprojet *Pedibus* starten. Mär sinn, ewéi scho gesot, och Demandeur a mer brauchen d'Mathëllef.

Breyer Roland, Schäffen:

Ech sinn emol éischtens frou, datt den Här Becker meng faarweg Vuen iwwer den Tourimus anuecht geholl huet. Et sinn der net vill, déi sech do eppes Fuerweges kënne virstellen. Ech sinn der Meenung, et muss een éiergäizeg sinn am Tourismus, och an enger klenger Gemeng. Ech sinn der Meenung, mer hunn eng schéin, eng attraktiv Gemeng, mer hunn och e schéint Ëmfeld, an dat kann ee méi ervirhiewen an net alles vollbauen. Et kann een och e „sanften" Tourismus maachen. Net méi spéit wéi de Moien hat ech nach 3 Stonnen Diskussioune mat Leit, déi wëlles hunn, hei z'investéieren an eppes Flottes hei ze maachen. Hoffentlech gëtt dat dann och eng Kéier Realitéit.

D'Ariichtung vum „parking écologique" fir d'Waxweiler Millen: do kommen ech zeréck op dat, wat ech schonn dem Här Polfer gesot hunn. Mär haten am Schäfferot 3 Optioune fir e Parking ze maachen. Mer wëssen datt, wa mer en Aktivitéitszentrum do schafen, da musse mer och e Parking derbäi maachen. Den Terrain ass relativ enk. Mer hunn 3 theoretesch Méiglechkeete wa mer am Ëmfeld kucken. Et läit e Privatterrain hannendrun op der Athuser Strooss, an dee kéint sech dofir eegnen. D'Kontakter lafe mat de Leit. Mer hunn nei Offerte gemaach, mä et ass relativ komplizéiert fir eng Äntwert ze kréie well do eng Divisioun virläit. Et ass awer eng Optioun, déi nach ëmmer op ass fir eis. A wa mer muer do sollte besser a méi séier virukommen, dann ass déi Optioun déi éischt.

Eng zweet Optioun ass um Terrain selwer vum Site. Do steet nach e Privathaus, Privatproprietéiten drop. Wa mer dat géifen zu engem anstännege Präis kréien a mer eis do entwéckele kéinten, da kann ee kucke wat dat gëtt. Dat wier zwar net esou séier, mä et wier awer eng Optioun fir Parkplazen um Site ze maachen. Anerefalls muss een e bësse méi wäit kucken. Do hu mer op der Lénger Strooss gekuckt hanner dem Tramshaischen. Do läit eng Bande, déi sech kéint eegne fir d'Millevergréisserung, awer och fir gréisser Organisatiounen um Tennisfeld. An do hu mer ënnersicht, ob dat iwwerhaapt ze maache wier. Mer hunn do en Accord kritt, datt, wann do en ökologesche Parking – dat heescht e begréngte Parking ouni Versigelung vum Buedem esou wéi mat Gesträichs a Beem ronderëm – entsteet a mer déi Oploen erfëllen, dat kee Problem wier. Mer hunn dee Parking deen anere Freideg op der Dagesuerdnung stoen. Mer hunn deen elo als Prioritéit geholl, well mer do am séierste kéinte virukommen. Ech soen awer hei, wa mer muer eng aner Léisung hunn, déi méi no ass an nach besser ka geschéien, da si mer direkt mat iech averstane fir mat iech doriwwer ze schwätzen an deen Terrain dann huelen. Wann deen Terrain, deen op der Mille läit an direkt un d'Mille stéisst och zu engem anstännege Präis kaf kéint ginn, da kéint dee Parking ouni Weideres och do ageriicht ginn. Mä mer mussen awer wëssen, datt mer am Juli, wann d'Millen hir Aktivitéit ufänkt, eng Léisung virleie mussen hunn. Dofir musse mer wäit kucken, dofir steet dat och elo am Budget dran. Bon, där kritt den Detail deen anere Freideg mat deem ganzen Dossier, wou och erausgeet, wat domatter geduecht ass.

„Installation d'un monument Schumann". De Buergermeeschter huet et scho gesot, datt mer einfach der Meenung sinn, mer sollten och eppes fir d'Konscht, fir d'Kultur am grousse ganzen iwwereg hunn. An dofir maachen ech mech och am Schäfferot staark. Mer sollen net nëmme Stroosse bauen a grouss Gebaier opriichten. A wa mer enger Rekommandatioun vum Ministère sollen nolauschteren, an zwar datt ee bei gréisseren Investitiounen ëmmer 1% soll fir d'Konscht maachen, da miisste mer an dësem Fall all Joer 258.000 Euro fir d'Konscht iwwereg hunn, well mer fir 25,8 Milliounen Euro gréisser Investitiounen am Budget hunn. Hei hu mer emol 100.000 Euro virgesinn. Wéi gesot, mer hunn eng Bedeitung hei als Dräilännereck, an déi wëlle mer an deem Sënn ervirsträichen.

„Activités dans l'intérêt de l'intégration des étrangers". Do ass de Kredit e bëssen an d'Luucht gesat gi well mer do wollte méi aktiv ginn. Mer kënne selbstverständlech mat den Associatioune CLAE an ASTI zesummeschaffen. Mär hunn eng aner Approche, wou mer kënne froen, wéi d'Aktivitéiten hei an der Gemeng sinn. Mer hu ganz vill Portugisen hei, mä mer hu keng Kontaktpersoun oder Associatioun, esou datt et méi schwéier ass, eppes mat deenen ze maachen. Mer hunn awer anerer wéi d'Montenegriner, déi si federéiert. Do muss ee kucken, wou een am beschte virukënnt. Mer wëllen déi Natioune virstellen, mer wëllen se méi no un d'Lëtzebuerger erubréngen an och ëmgekéiert. Maache mer dat elo am Multikulti oder Natioun pro Natioun, dat steet de Moment nach op. All Optioun ass gutt, a mer kucken, wéi mer do am beschte virukommen. D'Gesamtkonzept ass do, datt mer an deenen nächste 6 Joer systematesch Natioun op Natioun, Fest op Fest oder Initiativ op Initiativ wäerten hunn. Et muss ee soen, datt dat effektiv entschlof war an et nees eng Kéier muss animéiert ginn.

Dann e Punkt, wou ech „mea culpa" soen. An zwar wat ass eng touristesch Formatioun? Ech hunn dat a mengem Budget scho verbessert a géif iech och bieden, deen Artikel fir déi nächste Kéier an där nächster Versioun ze verbesseren. E soll heeschen „Animation et formation culturelles". Et ass geduecht, datt do en touristeschen, kulturellen Zentrum op der Millen entsteet. Mä et ass esou geduecht, datt kulturell Aktivitéiten do gemaach ginn. Wat ass dat? Ganz einfach, et ginn artistesch Coursen

organiséiert ewéi Sproochecoursen. Jidderee bezilt awer och e Bäitrag, mä et wäert awer och esou sinn, datt ee senge Leit aus der Gemeng net dee leschte Su wëll aus der Täsch zéien an deenen d'Méiglechkeet gëtt, Konscht ze léieren ouni de leschte Präis ze bezuelen. Mer maachen also bewosst en Defizit. Eisen Defizit vun 15.000 Euro op d'halleft Joer an 30.000 Euro op e ganzt Joer sinn d'Perspektiven, wéi mer eis déi virstellen.

„Acquisition d'objets d'art". Wat geschitt domatter? Dat si Konschtobjeten, déi bei gewësse Geleeënheete kaf ginn a wou ee selbstverständlech kann driwwer diskutéieren. Der kennt jo awer dee ganzen Zweck dovunner. Do ass eng ganz Geschicht derhannert. Wann ech iech déi elo géif erzielen, da wier ech eng hallef Stonn amgaang. Ech hat awer gesot, d'Sëtzung wier mat Zäite fäerdeg, an dofir halen ech elo och op. Mer hunn zum Beispill eng Statue vun Pierre Renard vun där mer och eng Miniatur maache gelooss hu fir gewëssen Éiregäscht. Esou eng steet zum Beispill hei um Pallier. Mer hunn d'Barbelsstatue vu Rodange maache gelooss an hunn och do eng Miniatur maache gelooss fir bei gewësse Geleeënheeten engem e Kado z'iwwerreechen. Et ginn och heiansdo Biller kaf. Um Gank, wann een op de Finanzbüro zou geet, do hänkt e grousst Bild vun engem fréieren Ingenieur vun der Rodanger Schmelz. Dat Bild war ze kréien, a mer hu fonnt, datt dat Bild e geschichtlechen Hannergrond hätt. Esou hu mer dat Bild kaf an och am Gank opgehaangen. Hei am ganze Gebai hänken e ganze Koup Biller. Déi hänken net nëmmen hei, se hänken och an de Schoulen. Déi Biller gi verwäert, se ginn net stockéiert. Wann näischt derbäi ass, wat interessant ass, da gëtt och näischt kaf. Mer haten och scho Joeren, wou näischt ugeschaaft ginn ass.

Linden Jeannot, Schäffen:

Ech sinn e bësse paff wéinst dem Här Becker sengem éischte Saz, datt de Budget nach ëmmer de Stempel vun der CSV dréit, an datt de Juniorpartner sech net konnt duerchsetzen. Ech mengen, elo sëtzt de Juniorpartner ee Mount hei, an et ass och gesot ginn, datt et en Iwwergangsbudget ass. An dann hätt de Juniorpartner dee ganze Budget wa méiglech sollen op d'Kopp geheien. Oder wat fir eng Virstellung huet den Här Becker? Wann der mer déi vläicht kënnt ginn.

Mer hunn och festgehalen – dat ass jo och hei gesot ginn -, datt mer e Sechsjoresplang maachen, an an deem Sechsjoresplang wäerten déi Saachen, déi mär an eisem Programm stoen haten, och op d'Lee kommen. Dofir wäert ech mech schonn hei asetzen. Et si Saachen hei, mat deene kann ech liewen, wéi zum Beispill bei Transfair Minka. Bei Receptiounen hate mer jo där Chipsen. Déi waren dann esou gutt, datt d'Leit se duerno net méi wollten. Dat wëll ech och emol eng Kéier als Bemierkung soen. Dat sinn esou Klengegkeeten, déi een och soll soen. Hei steet e ganze Koup Saachen. Mä wa mer dat do alles maachen, da si mer eng Gemeng, wou näischt däerf drukommen, well mer soss krank ginn. Dat ass wéi een, dee moies, mëttes an owes duscht. Wann deen den éischte Mikrob erwëscht, da läit en ëm.

Et si Saachen, wou ee kann driwwer schwätzen. Mä déi Saache brénge mer dann och an de Sechsjoresprogramm. Do komme Saache vun eis drastoen. An déi Äntwerten op verschidde Saachen, wou ech mer eraushuelen a wou ech averstane sinn esou wéi d'Geschicht Photovoltaikanlag op der Schwämm. Do kann een domatter averstane sinn. Bei der Kogeneratioun, do war nëmmen e Projet do. D'Plangen an den Devis kréie mer jo de 16. Dezember virgeluegt. Well am Ufank sollt déi jo an d'Eigent-Schoul kommen, elo um Enn kënnt se jo hanner d'Sportshal. Mä dat kann ech iech da matdeelen, watfir Gebaier virgesi si fir unzeschléissen.

Welter Gilbert (DP):

Fir d'éischt wollt ech dem Personal an de Politiker, déi fir de Projet vum rektifizéierte Budget 2011 an de Budget 2012 verantwortlech zeechnen, mäi perséinleche Merci ausschwätzen. Merci fir déi vill gutt a seriös Virbereedungsaarbecht.

Wéi ech dëst Dokument aus menger Case erausgeholl hunn, do hunn ech gemengt, et kéint net sinn. Dat Buch war an dräi gespléckt, mat 2 Mini-Halteren. Een Deel ass mer aus der Hand gerutscht, an do louchen d'Blieder vun engem Drëttel vum Budget schonn um Buedem. Ech hoffen, datt de Conseil dat dat anert Joer an engem DIN A4-Dossier an d'Case geluegt kritt.

Well eng Rei Artikele kaum changéieren a vu Joer zu Joer quasi mat deemselwechte Betrag an deene jeeweilegen Artikele figuréieren an ech an de leschte sechs Joer gehollef hat, d'Budgete mat opzestellen, ass et kloer, datt meng Froen a Kommentare sech haaptsächlech op de Budget 2012 bezéien. Ech fänken u mat den ordinäre Recette. Fir d'„frais de scolarité" bei de Kanner, déi net hei wunnen awer hei an d'Schoul kënne goen, hat der am Joer eng Recette vun 11.000 Euro virgesinn. Déi gitt der elo am rektifizéierte Budget 2011 op 5.000 Euro erofsetzen a se 2012 nees op 12.000 Euro eropsetzen. Si fir 2012 méi ewéi dat duebelt vu Kanner virgesinn, déi elo nees zu Péiteng an der Primärschoul zougelooss ginn, an dat obwuel se net hei wunnen? Oder gëtt versicht, eng verstoppte Réserve am Schoulservice ze hunn? Oder wat ass d'Ursaach vun dëser Operatioun?

Dann hunn ech festgestallt, datt de Stat eis 111.435 Euro u politesche Congé fir déi Politiker erëm gëtt, déi nach am Aarbechtsprozess sinn. Fir d'Conseilleren eleng kéint de Chiffer net esou héich sinn. Ech ginn dovunner aus, datt och nach Leit aus dem Schäfferot d'Méiglechkeet hunn, vun dësem Gesetz ze profitéieren.

Repas sur roues. D'Recettë vun den lesse goufen 2011 op 131.400 Euro geschat. Se ginn elo op 115.000 Euro adaptéiert. Fir 2012 stinn 120.000 Euro am Budget. An anere Wierder. Obscho méi Awunner an der Gemeng sinn, an obschonn de Präis zanter 2006 bei 8 Euro de Menü läit, féiere mer vu Joer zu Joer manner lesse bei d'Leit heem. Mer leien elo an der Moyenne bei 41 Menüe pro Dag. Wann ech rechnen, datt mer 3 Autoe brauche fir déi 41 Menüen auszedroen - well dat muss jo séier goe fir datt d'Iessen net kal gëtt -, an ausser den Autoen och nach 176.000 Euro fir d'Personal esou wéi och nach aner Käschte bezuele mussen, da kann ech nëmme virschloen, dëse Service nei auszeschreiwen, wou d'Verdeele vun de Menüen abegraff ass. Restaurateuren aus der Gemeng oder der Nopeschgemeng sinn och vläicht drun interesséiert. Kéint der op dee Wee goen? Kéint der iech an deem Sënn eng Konventioun mat dem Restaurateur vun der neier Waxweiler Mille virstellen?

Bei der Sektioun Logement stellen ech fest, datt mer trotz dem Wunnengsmanktem nach ëmmer 7 Wunnengen eidel stoen hunn. Fir datt dat awer net esou krass no bausse wierke soll, goufen elo emol 4 Appartementer der Asbl *La Main Tendue* zur Verfügung gestallt. Obwuel ee mat der Aarbecht vun dëser Associatioun zefridde ka sinn, weess ech awer och, datt si nach an anere Gemengen täteg sinn an do net ënnerstëtzt ginn. 7 Appartementer, wou mer kee Loyer erakréien, ass dat net iwwerdriwwen? Stëmmt et, datt verschidde Wunnengen, déi mer nei wëlle gestalten, scho méintelaang respektiv iwwer ee Joer eidel sinn. Dobäi goufen och nach iwwer Joeren ewech keng Dekonte gemaach. Wat ass hei u Recettë verluer gaangen? Interessant wier zur gläicher Zäit ze wëssen, wéivill Suen d'Gemeng verluer huet beim Kaf vum Trombinis Haus zu Rodange an der rue du

Commerce. Wéi laang steet dat eidel? Schlussendlech gëtt et jo iergendwann ewech gerappt, wat jo och säi Präis huet. An da bleift ausser de Käschten nach just de Bauterrain. Wat hätte mer haut vu Recetten, wa mer déi Suen op der Bank um Marché Euribor – mat den Zënseszënsen - plazéiert hätten? Alt erëm e Manktem u Recetten.

Recettë vun eise Bierger fir de Müll stinn elo schonn dräi Joer mat därselwechter Zomm am Budget, an zwar sinn dat 1,430 Milliounen Euro. Dobäi komme verschidde Recetten ewéi de Verkaf vun Dreckstuten, vun Dreckskëschten, Material vum Recycling an esou weider fir 263.000 Euro. Dat gëtt en Total vu Recettë vun 1,693 Milliounen Euro.

Op der Säit vun den Ausgaben, an ouni de Präis vum neie Müllwon ze beuechten, kommt der op e Käschtepunkt vun 1.951.000 Euro, also e Verloscht vun 258.000 Euro. An der Deklaratioun vun e Freideg huet de Buergermeeschter eis matgedeelt, datt d'Musekschoul eis 726.000 Euro kascht, eis Schwämmen 1,5 Milliounen Euro kaschten. Well de Verloscht vun der Müllentsuergung net vum Buergermeeschter ernimmt gouf, schéngt et mer kloer ze sinn, datt, wéi bei der Waasserversuergung, eng Präisupassung fir de Müll onëmgänglech ass. An dowéinst hätt de Betrag vun de Recettë vun eise Bierger miissten ëm 258.000 Euro eropgesat ginn. An zwar fir datt, esou wéi virgeschriwwen, dësen Service sech selwer dréit. Kënnt der eis soen, wat der fir 2012 un Taxenerhéijunge wëlles hutt?

D'Recettë vum Restaurant an der Waxweiler Mille si fir 2012 op 15.000 Euro fixéiert. Dat seet wéineg aus. Kann ech do matgedeelt kréien, wéivill de Loyer pro Mount ass, oder ass et fir de Moment just eng Schätzung?

Ech komme bei déi ordinär Ausgaben. Hei nach eng Kéier d'Bemierkung iwwer déi 20-prozenteg Gehaltserhéijung, déi de Schäfferot sech an der leschter Sëtzung genehmege gelooss huet. Am Numm vun de Kollegen am Gemengerot wollt ech froen, ob déi keng Erhéijung kréien? Och de Laptop, deen de Conseiller kréie sollt, gouf virun engem Joer budgetéiert an de Buergermeeschter huet en an senger Ukënnegung virun engem Joer fir de September 2011 versprach. Elo steet de Betrag vu 5.000 Euro nees an den Ausgabe fir 2012 ënner „frais d'ordinateurs, location d'ordinateurs portables pour le conseil communal". Wéini ass et dann esouwäit? Ass de Betrag dann elo e Lokatiounspräis pro Joer oder en eemolege Lokatiounspräis. Haut kritt ee jo awer schonn um Maart fir dëse Präis 10 gutt Laptoppen ze kafen.

Am Artikel „publicité, télétexte et vidéotexte" sti fir d'Joer 2012 15.000 Euro am Budget. Dat sinn der 1.000 Euro manner wéi 2011. Ech hat domat gerechent, datt dëse Chiffer an d'Luucht goe géif, well den 1. Schäffen ugekënnegt hat, datt den Info-Kanal och geschwënn iwwer d'Tëlee vun der Post funktionéiere soll. Ass dat dann nach net de Fall fir 2012 oder sidd der iech nach net eens iwwer den Tarif. D'Post ass jo amgaang, an der ganzer Gemeng Lächer ze buddele fir hiert Glasfasernetz. Da miisst et jo och méiglech si fir mat hinnen ze verhandelen iwwer eisen Info-Kanal.

Am Artikel „service de fourrière communal pour l'accueil de chiens" steet eng Ausgab vun 2.620 Euro fir de Fall, datt e Mupp ënnerbruecht a versuergt muss ginn. An enger Konventioun mat der Lëtzebuerger Déiereschutzliga bezuele mer fir esou e Service 2 Euro pro Mupp aus eiser Gemeng. Et sinn also 1.310 Muppen ugemellt. Ech hu keng Ahnung, wéivill Muppen aus der Gemeng all Joer an d'Fourrière vun der Déiereschutzliga kommen. Kënnt dir eis dat soen? Ech krut kierzlech vum President vun den „Amis des chiens" vu Rolleng matgedeelt, datt si och esou e Service ubidde kéinten. De Virdeel: keen Transport fir Muppen, mer bléifen op Gemengenterrain a mer géifen e Gemengeveräin ënnerstëtzen. Kéint dat fir de Schäfferot eng Alternativ sinn?

Beim „épargne scolaire" kann ech averstane sinn, datt mer der Spuerkeess 5 Euro pro sechsjäregt Schoulkand gi fir op de Spuerkont ze setzen. Dës Demande kréie mer jo all Joer. Mer hunn 1.000 Euro an de Budget 2012 ageschriwwen. Ech muss allerdéngs festhalen, datt mer hei eng 100-prozenteg kommerziell Operatioun vun der Spuerkeess ënnerstëtzen, well si de Kanner hire Spuerkont blockéiere bis se groussjäreg sinn an da versichen, si och als Client ze behalen.

Wat den Ëmweltservice ugeet, esou bedaueren ech, datt et an de leschte sechs Joeren net méiglech war, en Ëmwelt-beroder anzestellen, dee säi Fachwësse fir d'Gemeng hätt kënnen asetzen. Dat hätt der Gemeng sécherlech méi Recetten abruecht ewéi Ausgaben. Ech sinn awer frou, datt mer den Info-Point *My Energy* fir 2012 esou um Lafen hunn. Et gëtt also och Positives.

Positiv bewäerten ech och déi déck Erhéijung fir d'Ënnerhaltsaarbechten respektiv d'Inspektiounsaarbechte vum Kanal an d'Botze vum Netz. 2011 waren 160.000 Euro an 2012 sinn 410.000 Euro agesat. Ech hoffe just, datt dës Suen och verschafft ginn.

Ech komme bei den Artikel vun den Débiteurszënsen. Der hutt eis d'Zomm vun de Joereszënsen, déi mer 2012 ze bezuele kréien, matgedeelt. E Betrag vun 464.701 Euro. Iwweregens stëmmt dëse Betrag net mam Tableau vun de Prêten iwwereneen. Och de Remboursement vun den Emprunte beleeft sech laut Artikel 3/1410/6911 op 2.057.323 Euro. Dëse Betrag stëmmt och net mam Tableau vun der Säit 286 iwwereneen. Mer hunn 11 Emprunten op verschiddene Banken. Bei den Detailer hunn ech mech direkt drop gestierzt fir den Zënssaz ze kucken. Meng Enttäuschung war grouss, well en net an dem Tableau drasteet. Firwat? Also muss ech dovunner ausgoen, datt déi 11 Emprunten alleguer verschidde Konditiounen hunn. Hei hu mer et mat enger Reschtschold vun 22,3 Milliounen Euro ze doen. Dat ass jo net grad näischt. Firwat sinn d'Konditioune bis haut nach net iwwerpréift ginn? Firwat gi mer de Banken net dës Aarbecht? Virzeschloen ass éischtens eng Gruppéierung vun all de Kreditter. Zweetens, dee beschtméiglechen Zënssaz – also deen nidderegste Saz mat enger Propose vum „taux fixe" an „taux variable", „taux Euribor", den Taux vum Marché ënner de Banke plus eng kleng Marge. Drëttens, eng eenzeg „échéance finale" mat enger eenzeger Lafzäit a mat enger eenzeger Annuitéit fir de Remboursement, also net pro Semester. De Rembourse-mentsbetrag, deen am Budget steet, soll net iwwerschratt ginn. Bei esou enger Transaktioun ass e gutt Stéck Geld an der Keess iwwereg, an de Receveur huet vill manner Aarbecht bei der Gestioun vun dësen Emprunten.

Extraordinär Recetten. Hunn déi Recettë vun 200.000 Euro am Budget fir 2012 duerch de Verkaf vu Gemengenterrainen eppes mam Programm fir de soziale Wunnengsbau ze doen? Oder geschitt am Joer 2012 nach ëmmer näischt fir eise jonke Stéid bei engem Ënnerdaach ze hëllefen? Ech hunn an dësem Budget keen anere Chiffer fonnt.

Dir hutt eng Recette vun 200.000 Euro am Budget 2012 fir d'„zone d'activités Grand Bis" stoen. Sinn dat Suen, déi mer vum Ëmweltministère kréie fir ze sanéieren?

Extraordinär Ausgaben. Dir kaaft e Gebai fir 330.00 Euro an der avenue de la Gare zu Péiteng. Huet dat eppes mat der Transformatioun vun der Maartplaz ze doen?

All Joer stinn iwwer 50.000 Euro am Budget fir de Bureau d'études, deen eis de PAG virbereede soll. Och fir 2012 stinn nees 53.705 Euro am Budget. Do verdénge sech eng ganz Rei Leit eng gëllen Nues. An esoulaang de Schäfferot net ofschléisst, leeft dëse Geldkrunn weider. Et gëtt eng Rei Gemengen, déi de PAG ofgeschloss hunn an en un de Ministère weiderginn hunn. Wéini rechent de Schäfferot mat

dem Ofschloss vum PAG? De Buergermeeschter schwätzt an senger Deklaratioun vun „esou séier wéi méiglech“. Dat ass keng Ausso, well dat kann ufanks 2012 sinn oder awer am leschte Moment, wou de Minister Drock op d'Gemeng mécht. De Chiffer am Budget seet aus, datt nees ee Joer näischt geschitt. Oder sinn déi 53.705 Euro e komeschen, net ronne Betrag fir d'Honorairen aus dem Joer 2011, déi nach opstinn, ze bezuelen? Eemol muss jo awer bal Schluss sinn.

Dir hutt am Budget 2012 d'Primë gehéicht vun 20.000 Euro op 30.000 Euro am Kader vum Ëmweltschutz. D'Ausbezuele stéisst géint eist Gemengereglement. Dir wësst, datt mer eng Konditioun festgehalen hunn an datt een esou eng Prime nëmme ka kréie wann een och eng Prime vum Stat kritt. De Stat huet eng ganz Rei Hëllefsprimen ofgeschaf. Zum Beispill fir Geräter A++. Wann also de Stat keng Prime méi gëtt, dann däerf d'Gemeng och keng méi ginn. Ech zitéieren d'Gemeng Déifferdeng, déi sech streng dorunner hält. Wann der dës Primë weider bezuele wëllt, da musst der d'Reglement duerch de Gemengerot ännere loossen, esou wéi och schonn d'Gemeng Esch dat gemaach huet an dat duerno an der Press publizéiert huet. Laut eisem Budgetsartikel hunn d'Leit eng Prime zegutt, a wa se mam Dossier opdauchen, da kréien se keng. Ech wier frou, wann der dëse Feeler kéint rektifizéieren.

Am Budget 2012 stinn 600.000 Euro fir d'Ariichtung vun enger Kogenerationsanlag, déi mer de 16. Dezember stëmme sollen. Der hutt elo kuerzfristeg iwwer de Bureau d'études eng ganz Rei negativ Elementer kritt. Tariferhéijung, manner Hëllef vum Stat, den Hotel, deen net matmécht, d'Konstruktioun vun enger klenger Anlag ass net méiglech, d'Rentabilitéit ass quasi null, aner Alternativen - ewéi Photovoltaikanlagen - besser wieren. Firwat gëtt dann elo trotzdem mat der Gemeng hirem Aktionär e Kontrakt gemaach fir de Projet ze realiséieren? Den Ëmweltschäffe sot eis e Freideg: „Mir bezuelen een Deel vun der Infrastruktur. Sudgaz iwwerhëlt d'Gestioun“. Här Ëmweltschäffen, mir bezuelen och de Verbrauch. An et kënnt schlussendlech op de fixéierten Tarif vum Gaspräis un. An dann ass laut den Aussoe vum Bureau d'études d'Rentabilitéit quasi null. Dobäi hunn all eis Gebaier eng eegen Heizung, déi dann nach just fir den Noutfall gebraucht gëtt.

Zu Rodange, am Keller vum PiKo, ginn d'Waasserproblemer dann och endlech geléist mat enger Investitioun vun 100.000 Euro, déi mer de 16. Dezember stëmme sollen. Kréie mer do eppes zeréck vun der Versécherung? Oder muss e Geriicht dat entscheeden? Oder muss d'Gemeng dat bezuelen?

Fir d'„zone d'activités Grand-Bis“ hu mer 80.000 Euro agedroe fir de PAP a fir de Kommodo. D'Fro hunn ech zwar scho beäntwert kritt. Dat gesäit esou aus, wéi wann et elo weider géif goen. Den 1. Schäffe war jo méi ewéi optimistesch bei senger Presentatioun. Sidd der iech dann elo eens iwwer d'Sanéierung? Zu Biissen goung et jo séier mat enger Léisung. Hunn doropshin nei Verhandlung fir de Grand-Bis stattfonnt? Oder wat sinn d'Ursaache fir ären Optimismus fir déi nächst Joren unzefänken?

Punkt Stroosseninfrastrukturen. Laut mengen Informatiounen entsteet nieft dem Oprappe vun der Philippart Strooss, déi jo mat 700.000 Euro budgetéiert ass, e grousse Schantjen. An zwar gëtt d'rue du Clopp ganz opgerappt, a jiddereng vun deene betraffene Firmen, déi eppes do wëll an d'Strooss leeën, mécht mat. Just d'Gemeng wëll net matmaachen obwuel d'Waasserleitungen an de Kanal iwwer 40 Joer um Bockel hunn. Firwat wëlle mer hei net matmaachen? Elo ass dach d'Geleeënheet. Anerefalls muss fir all Waasserfuite nees opgerappt ginn. Spéitstens awer an e puer Joer fir dann déi Aarbechten ze realiséieren, déi elo kéinte gemaach ginn. Et ass net flott, wann 2 Stroossen niefteneen opgerappt ginn. Awer dat änner näischt drun, ob mer matmaachen oder net. D'rue du Clopp gëtt jo dann awer nei gemaach, och ouni d'Gemeng.

Dann nach e Wuert zu deem, wat ech am Budget 2012 vermëssen. Keng Taxenaféierung fir d'Gebaier, déi joerelaang eidel stinn an d'Landschaft verschampléieren. Et wier eng Méiglechkeet, d'Wunnengsnout an eiser Gemeng ze reduzéieren.

Kee syntheteschen Terrain fir de Péitenger Fussball, obwuel dëse Projet bei der Aweiung zu Rodange vum Buergermeeschter avancéiert gouf.

Och vun enger Boulepist zu Péiteng beim Park konnt ech näischt liesen. A vun der Vëlospist geet och net méi Rieds.

Obwuel d'Etude vu Gobelet a Lavandier no enger laanger Viraarbecht ofgeschloss ass a virläit iwwer d'Gemengegebaier, déi am meeschten Energie verbrauchen, an obwuel deen neien Ëmweltschäffe versprach hat, datt sech a Puncto Ëmweltdossier näischt géif änneren, steet keen Artikel am extraordinäre Budget fir esou e Gebai ze sanéieren. Miisste mer net bei eise Bierger mam gudde Beispill virgoen an emol eent vun eise Gebaier, dat vill ze vill verbraucht, energiegerecht sanéieren an dat och mat Solarenergie funktionéiere loossen.

Astelle vu Sécherheetsleit. Näischt hunn ech am Budget fonnt. Graffiti, ëmmer méi Abréch, Drogen, Feier leeën, Morden, dat schéngt fir de Schäfferot keen Thema sinn. Dobäi hat de Schäfferot beim Accord fir Asylanten opzehuelen eng Geleeënheet fir eng Polizeistatioun, déi 24 Stonnen op 24 an eiser Gemeng kéint funktionéieren, unzefroen. Dann hätt de Stat keng Sécherheetsfirma gebraucht, an d'Asylante kéinte sech och fräi bewegen.

Eng Entscheedung fir eis Gemengegaragen ze zentraliséieren ass och nach net gefall. De Projet ass elo 14 Joer al. Esou steet et am Budget op der Säit 245. Den Här Breyer schwätzt vu Minimum 2 Joer, déi dann nees derbäi kommen. Da si mer op 16 Joer. D'Konditioune fir d'Personal si schlecht, an ech froe mech, ob si esou laang duerhalen.

Aarbechtsplazen an der Gemeng schafen, soll éischt Prioritéit ginn. Ech weess, wéi schwéier et ass. Wann d'Regierung awer d'TVA akasséiere wëll a manner Autoen zu de Stousszäiten op den Autobunne wëll hunn, da muss de Stat och agesinn, datt e muss Sue fräi maache fir hir Terrainen am Minett – a virun allem bei eis an der Gemeng, am Grand-Bis – propper ze kréien.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Wann een iech héiert, da géif ee mengen, där wiert déi lescht 6 Joer net am Schäfferot gewiescht. Dat zu menger Aféierung.

Da wollt ech op déi puer Punkten agoen, déi der hei och opgezielt hutt. Dat eent ass wéi de Budget an ärer Bréifkëscht war. Et geet leider Gottes net mat deene rouden Dossieren. Dofir sinn d'Bréifkëschten ze kleng.

Welter Gilbert (DP):

Dach, ech hunn dat getest, an dat geet. Da gi mer dat hanneno kucken.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Neen, ech hunn et och getest. Majo, da gi mer dat hanneno kucken.

Dann, wat déi ordinär Recetten ugeet, an zwar wat mer als „frais de scolarité“ erakréien. Dat ass eng Schätzung, do hutt der Recht. Mär si gesetzlech gebonnen op 4 Punkten, déi am Gesetz virgesi sinn an am Februar 2009 festgehale goufen. An zwar wéi mer déi Recette sollen erakréien. Op där aner

Säit hu mer och Ausgaben ze bezuelen am Zesummenhang mat deene Kanner vun eis, déi auswäerts an d'Schoul ginn. Ech hunn de Chiffer net bis de leschten Detail am Kapp, mä ech géif soen, mer hätten se esouwuel fir 2011 ewéi och fir 2012 am Gläichgewiicht gehale well mer jo net wëssen, wat eran- a wat erauskënnt. Et ass absolut net eng verstoppte Réserve, well Réservë kann ee sech jo op déi doten Aart a Weis net uleeën, well dat geet an d'Box.

Wat de politesche Congé ugeet, esou hutt der dat komplett falsch verstanen. Déi 111.435 Euro, déi mer elo erakréien, dat huet guer näischt mam Schäffen- oder Gemengerot vun der Gemeng Péiteng ze doen. Dat huet eenzeg an eleng domatter ze dinn, datt den Här Engel, dee jo Buergermeeschter zu Suessem ass, bei eis schafft a mär him d'Pei virstrecken an da vun hirer Gemeng erëmkréien.

Esou wäit ech weess hu mer keng 3 Autoe fir mam „Repas sur roues" ze fueren. Mer hunn der 2. Et muss ee wëssen, datt, wann een dat engem Betrib wëll ginn – där hutt geschwat vu Personal astellen -, da muss een awer och Personal ofschafen. Dat muss een dann alles an engem Kontext gesinn. Engersäits wëlle mer gäre méi Leit astellen an anersäits wëlle mer Leit ofschafen. Dat hei ass eng Aarbecht, déi mer bis elo ëmmer an där dote Form gemaach hunn. Mä ech sinn ëmmer op fir eng Diskussioun hei am Gemengerot. Wann de Gemengerot dat éischter wëll privatiséieren, da kënne mer dat ëmmer hei diskutéieren. A wann eng Majoritéit dat wëllt, da kënne mer dat och maachen.

Wat elo déi Iwwerleeung vun dem Haus Trombini ubelaangt, esou waart der och do 6 Joer mat dobäi, an Dir wësst watfir Problemer do bestinn. Dir wësst, datt mer nach haut de PAP gestëmmt hunn an datt déi Prozedure laang daueren. Et kann een natierlech soen, datt dat schlecht ass, mä am Endeffekt ass dat eben esou. An et ass net der Gemeng hire Wëllen, datt dat Haus nach net ofgerappt ass. Dat kascht d'Gemeng och näischt. Mir wäerten dem Gemengerot e ‚plan de remembrement' virstellen, deen Dir jo scho kennt well der am Schäfferot waart. A säit deem miisst Dir wëssen, datt mer als Gemeng kee Su brauche fir dat Ofrappen ze bezuelen. Esou datt et eis näischt kascht. Et huet eis eng Kéier en Invest kascht fir de Kaf vun deem Haus. A wann ech kucke wat dat eis virun 10 Joer kascht huet, an ech rechne mam ‚marché Euribor' – esou wéi Dir dat virgerechent hutt – da bleift net allzevill iwwereg. D'Spekulatioun mam Wäert vum Terrain ass op mannst duebel esouvill – wann net 5 Mol esouvill – wéi dat wat op deem heite Plang un Zënsen ze verdénge gewiescht wier.

Wat déi Taxenerhéijung beim Müll ubelaangt, esou war an deene leschte 6 Joer d'Politik déi – an déi hutt Dir matgedroen – fir d'Awunner aus der Péitenger Gemeng net zevill ze belaaschten. Dir wësst ganz genee, datt duerch de Waasserpräis, duerch de Kanalpräis, mer eng Situatioun hunn, datt mer ëmmer méi Taxen agezunn hunn, an datt dee Präis, deen d'Leit hu miissten all Trimester bezuelen, e relativ héije Betrag ass. An dofir hu mer gesot, datt – iwwerall do, wou et net onbedéngt noutwenneg ass – mer emol e bësse lues géife maache bis d'Leit sech emol erkritt hunn duerch d'Erhéijung vun der Waasser- an der Kanaltax.

Et ass kloer, datt mer doduerch beim Müllpräis net méi käschtendeckend sinn, an dat schonn zanter 2, 3 Joer. Et ass net eréischt säit haut esou. Also hätt der kéinten als Ëmweltschäffen an deene leschte Joeren eng Taxenerhéijung proposéieren. Säit deene leschte Joere si mer net méi käschtendeckend beim Müll. Mä mir hunn, well mer duerch d'Gesetz forcéiert gi si fir de Waasser- an de Kanalpräis substantiell an d'Luucht ze setzen, décidéiert fir d'Mülltax net och nach dee selwechte Moment eropzesetzen. Näischt verhënnert awer fir an deenen nächste Joeren – wa mer de Waasser- an de Kanalpräis um Plafong hunn – driwwer ze diskutéiere fir d'Mülltax unzepassen. Mir mussen awer oppassen, datt mer eis Bierger an nächster Zukunft net zevill belaaschten.

Wat de Volet vun de Laptopen ugeet, esou ware mer eis do och eens. Et war kloer, datt mer domatter net méi géifen ënner deem ale Gemengerot ufänken, mä datt mer domatter géife waarde bis deen neie Gemengerot ageriicht war. Well Dir wësst jo awer och – an dat war am Schäfferot oft genuch gesot ginn – datt de Sigi nach net prett war. Mir musse kucken, datt d'informatesch Iwwerdroe vun den Dossieren och méiglech ass. Well et huet kee Wäert, fir de Leit e Laptop oder e PC ze ginn ier den informatesche Volet gekläert ass. An do si mer am gaange mam Service drun ze schaffen. A mir wäerte Uganks 2012 prett sinn. Dat krute mer vum Sigi confirméiert.

Wat den ‚Epargne scolaire' ubelaangt, esou ass dat mat deenen 5 Euro eng Traditioun. Et kann een ëmmer iwwer déi 1.000 Euro diskutéieren, fir déi ze spueren. An datt dat elo eng kommerziell Operatioun vun der Spuerkeess ass, ginn ech iech Recht. Mä déi Prozedur ass nach ëmmer esou gelaf. De Gemengerot kann awer ëmmer décidéiere fir domatter opzehalen.

Beim Volet vun den Zënsen an den Zënseszënse muss ech soen, datt mer do effektiv a leschter Minutt – an do wäert der den nächste Freiden en neien Tableau kréien – aner Chiffere vun de Banke kruten. An dat besonnesch vun enger Bank, déi eis do nach e puer Ännerunge matgedeelt hunn. Déi Ännerung ass schonn am Chiffer um Niveau vum Budget mat dran, si ass awer am Tableau nach net adaptéiert. Déi Beträg, déi am Budget sinn, sinn och déi, déi a Fro kommen. A wat d'Zënsen ubelaangt, esou kann een dovunner ausgoen, datt – wann d'Banken esou séier si fir d'Zënsen erëm erofzesetze wéi se ware fir se eropzesetzen – mer dee Betrag ze héich ugesat haten. A wann d'Zënsen d'nächst Joer op deem Niveau vun elo sinn, da wäert dee Betrag am Joer 2012 liicht méi niddereg si wéi dat, wat am Budget drasteet. Mä mir hu virsiichtshalber déi Zuelen dragesat, déi dee Moment wou mer de Posten hei opgesat – an dat war am Oktober – bestanen hunn.

Ech si guer net domatter averstanen, datt mer dat sollen op enger Plaz maachen. Mir hate während 6 Joer déi Diskussiounen am Schäfferot. Dir deelt do net meng Meenung, an ech si fest iwwerzeegt, datt ee muss verschidden Échéancë maachen. Et kann een d'Échéancen net op ee Mount maachen, well et muss een higoen an dat iwwer d'ganzt Joer verdeelen. Well mir kréien och eis Recetten iwwer d'Joer verdeelt. A well dat hei awer eng relativ héich Belaaschtung ass – alleng mat engem Remboursement vun 2 Milliounen Euro – kann een dat net op enger Échéance loossen. A fir alles zesummenzeleeën, muss de Ministère och emol domatter averstane sinn. Den Inneministère miisst emol guttheesche fir d'Kreditter zesummenzeleeën. Ech sinn awer net der Meenung, datt dat dee richtege Wee wier. Mir sollen eis Schold ofstotteren. D'lescht Joer hu mer een Emprunt komplett ofgestottert. 2013 kréie mer erëm en Emprunt ofgeschloss. A wa mer elo ufänke fir dat ze zéien, da dehne mer déi Schold nach erëm op weider Joeren, an dat fannen ech net gutt. Mä an där Saach kommen ech mat lech einfach net op een Nenner.

Ech proposéieren dem Gemengerot, fir weider esou virunzefueren, an dat op jiddefall nach eng gewëssen Zäit, bis mer eis Emprunten nach méi erofgesat hunn. A wa mer dann awer vläicht an nächster Zukunft esou ee Schratt wëlle maachen, da solle mer dat iwwer 1 bis 2 Joer maachen, wa mer erëm e Besoin u Liquiditéite brauchen a wa mer vläicht erëm nei Empruntë mussen ophuelen. Da kann een iwwer esou eppes nodenken. Mä esoulaang mer bei enger

Reduktioun vun den Empruntë sinn, soll ee mat där Aart a Weis virufuere wéi mer elo am gaange sinn.

Wat de PAG ubelaangt, esou sot der, datt eng ganz Rei Gemengen de PAG ofgeschloss hunn. Hutt der dann och gesot, wéivill Gemengen de PAG da scho vum Ministère autoriséiert kritt hunn? Mir hunn och e fäerdeg PAG fir de Moment do leien. Awer no der neier Prozedur kann nach keen e fäerdeggestallt hunn. Well déi nei Gesetzgebung ass am August duerch d'Chamber gaangen. An de Minister huet eis elo Zäit gelooss bis Mëtt 2013, fir dat ze regulariséieren an en neie PAG duerch de Gemengerot ze huelen. Mir sinn am gaangen – a mir hunn net méi spéit wéi d'nächst Woch e Rendezvous mat der Firma Zeyen a Baumann, déi 'en charge' ass fir dat heiten ze maachen – ze kucken, watfir Aarbechten Uganks 2012 musse gemaach ginn ‚en conformité' mat der neier Gesetzgebung, wéi gesot, déi am August erauskomm ass. Well et kann een net e PAG gemaach hunn op Gronn vun enger Gesetzgebung, déi nach net bestanen huet. Mir sinn am gaangen dat ze kucken. An do sinn eng Rei Aarbechten, fir déi bestoend Quartieren – well dat ass e ganz neit Element an där neier Gesetzgebung vum August 2011 – an dee ganze PAG mat ze integréieren. Do muss een am Bautereglement Ännerunge virhuelen. An ech si gudder Déng, datt mer mat där ganzer Aarbecht bis Enn 2012 fäerdeg sinn an den definitive PAG dem Gemengerot kënnen da virleeën an zur Ofstëmmung bréngen. Am Virfeld wäert en Aarbechtsgrupp zesummekommen an informell Versammlunge mam Gemengerot stattfannen, wou mer zesummen d'Richtlinne festleeën déi de PAG soll huelen. Wuelwëssend, datt dës Majoritéit net wëll wesentlech un deem PAG, dee bestanen huet, an och net un der Ausdehnung vun eisem Perimeter, wäert fréckele goen. Mir wäerte schonn an deene Rahme bleiwen, déi de Moment do sinn. Et komme punktuell Ännerungen, déi och schonn am Kader vum Plan directeur dem Gemengerot virgestallt goufen.

Zu der Cogénératiounsanlag wëll ech just ee Saz soen. Wann een Ëmwelt seet, dat muss een net onbedéngt Rentabilitéit soen. Dat war de Leitfuedem, fir un dëser Décisioun festzehalen.

Da schätzt der d'Remboursementer vun der Assurance bei der PiKo-Schwämm un. Och do wësst der ganz genee – well Dir hat am Schäfferot deen Dossier ënner Iech – datt mer do näischt ze kréien hunn an datt dat op Käschte vun der Gemeng geet. An dat aus der ganz einfacher Ursaach, well dee Schued sech op e Gebai bezitt, wat eigentlech an enger éischter Phas gebaut gouf, a wat vun der neier Firma iwwerholl gouf. An déi Firma iwwerhëlt natierlech op deem Deel keng Responsabilitéit, well et schonn am Virfeld do stoung a si et iwwerholl hunn. An et ass grad an deem Gebai, wat si iwwerholl hunn an net selwer gebaut hunn, wou dee Problem ass. Mir hunn eis Affekote mam Dossier chargéiert – an dat wësst der jo och – an do si laut leschtem Stand d'Chancë minimal bis Null, datt mer eppes erëmkréien. An dofir soll ee sech iwwerleeën, ob et e Wäert huet fir vill Geld a Prozeduren ze investéieren, déi am Endeffekt näischt bréngen.

Beim syntheteschen Terrain zitéiert der mech. Effektiv wäerte mer beim ‚plan pluriannuel' mam Koalitiounspartner diskutéieren, ob mer e syntheteschen Terrain op Péiteng, an eventuell och op Rolleng, setzen. Meng Ausso war ganz kloer. Wann d'Erfahrungen, déi mer zu Rodange maachen, gutt sinn, da léisst sech iwwer e weideren Ausbau vu syntheteschen Terrainen diskutéieren.

Wat d'Sécherheet ubelaangt, esou si mir net déijéineg, déi et fäerdeg bréngen, datt déi ganz Polizeiorganisatioun am Lëtzebuerger Land geännert gëtt. Dat baséiert op engem Gesetz vun 1999, wou d'Police an d'Gendarmerie zesummegeluegt goufen. Mir si während all deene Joeren – an dat wësst der jo ganz genee – ëmmer erëm intervenéiert beim Inneministère. Mir hunn ëmmer erëm gefrot fir eng Opstockung vum Personal ze kréien. An dat ass eigentlech jo och an deene leschte Joere geschitt, wou 2 Leit bäikomm sinn. Mir sinn natierlech och ëmmer Demandeur fir datt hei an der Gemeng och Nuets eng Präsenz um Terrain garantéiert ass. A mir stelle fest, wann een Nuets ënnerwee ass, datt een d'Police ganz vill begéint. An et muss een net onbedéngt e Bureau hei hunn, deen Nuets op ass. Et muss ee Leit op der Plaz hunn. An deene leschte Wochen a Méint huet een awer gemierkt, datt Nuets d'Police substantiell hei ënnerwee war. Ob ee mat där zousätzlecher Präsenz e Mord ka vermeiden, bezweiwelen ech ganz staark. Well ech mengen net, datt dat ze vermeiden ass.

Ech ginn Iech Recht, datt mer weider mussen um Ball bleiwen, a mir wäerten dat och maachen. Mir wäerte weider verlaangen, datt eng staark Präsenz vun der Police hei um Terrain vun der Gemeng ass. Mä mir sinn net déi, déi Leit kënnen astellen. Mir sinn och net déijéineg, déi d'Police kann astellen. Mir kënnen héchstens bei der Chamber, respektiv bei der Regierung intervenéieren, datt eng méi staark Präsenz um Terrain soll sinn.

Domatter hätt ech déi Punkten, déi mech betrëffen, beliicht, a géif d'Wuert weiderginn un den Här Breyer.

Welter Gilbert (DP):

Här Buergermeeschter, kann ech kuerz nach schnell op 2 Saachen agoen? Beim Repas sur roues hunn ech ni wëlles gehat fir Personal ofzeschafen. Ech sinn der Meenung, datt een déi Leit och kéint fir aner Zwecker gebrauchen. Et ass net, datt déi dee Moment keng Aarbecht méi hätten. Ech denken do zum Beispill un de Pedibus, wou déi Leit kéinten hëllefen. Ech denken, datt mer déi Leit och hätte kënnen op anere Plazen asetzen. Dat dozou.

Dir sot, bei der Taxenerhéijung vum Müll, datt ech 6 Joer mat am Schäfferot war. Effektiv louche mer d'lescht Joer bei engem Minus vun 50.000 Euro. Dat ass eng grouss Differenz. An et war ganz kloer gesot ginn, datt – wa mer de Waasserpräis miissten erhéijen – mer net och nach de Präis vum Müll hiewen. Esou datt doduerch dee Präis dann och net gehoff ginn ass. Esou datt een net ka soen, ech hätt 3 Joer am Schäfferot Zäit gehat fir dee Präis ze héijen. Dat just als Stellungsnam.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mat deenen 50.000 Euro schwätzt Dir vum Kont. Hei schwätze mer awer vum Budget.

Welter Gilbert (DP):

Neen. Ech schwätze vun de fixen a variabelen Taxen. An do hate mer ënner dem Strëch e Minus vun 50.000 Euro.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Am definitive Chiffer, Här Welter. An hei schwätze mer vum Budget 2012. Wa mir de Budget 2011 an 2010 kucken, da leie mer bei wäitem iwwer deenen 50.000 Euro um Niveau vum Budget. Bei den definitive Konten – an dat wäert 2012 och de Fall sinn – huet sech festgestallt, datt mer effektiv just 50.000 Euro reel an deem Joer, wat mer beliicht hunn, Defizit haten. An dat wäert hei 2012 och esou sinn. Well och 2011 an 2010 hate mer Defiziter, déi budgetäresch méi héich waren. Um Kont hate mer se awer rectifizéiert, well een ëmmer d'Ausgabe méi héich an d'Recettë méi niddereg aschätzt, wann ee wëll eng virsiichteg Finanzpolitik maachen.

Mä do ware mer och um Niveau vun 2011 méi héich wéi déi 50.000 Euro. Mir kënnen déi Zuele siche goen, da kann ech Iech se weisen.

Welter Gilbert (DP):

Ech sinn domatter averstanen. Da kontrolléiere mer dat Enn des Joers. Da kucke mer dat.

Breyer Roland, Schäffen:

De Problem, datt den Dossier net an d'Bréifkëscht géif drapassen, léisst sech d'nächst Joer vum selwen. Den 12. Januar ass de ganze Gemengerot invitéiert heihinner ze komme fir gewisen ze kréien, wéi ee mat deenen neien, informatesche Kommunikatiounsmëttele besser ka fueren.

Dir proposéiert fir am Kader vum Repas sur roues eng Conventioun mam neie Restaurateur vun der Waxweiler Millen ze maachen. Ech weess net, wien dat wäert sinn. Mä ech kann lech awer elo scho soen, datt deen dat net kann unhuelen, well d'Capacitéit vu senger Kichen dat net hiergëtt. Dee kann näischt méi vu baussen unhuelen.

Dann, Här Welter, frot der no de Recettë vun der Waxweiler Millen. Do ass effektiv e Loyer am Budget agesat. Deen ass awer virsiichteg chiffréiert, well mer bei de Recetten ëmmer méi virsiichteg a bei den Dépensen ëmmer e bësse méi large sinn. Do sinn 15.000 Euro fir en ½ Joer agesat. Dee Loyer ass nach net genee fixéiert an hänkt vun e puer Saachen of. Esou hänkt en ënner anerem dovunner of, wat de Restaurateur vun Équipementer selwer matbréngt. Do kann een zum Beispill higoen an eng komplett Kichen dohinnersetzen, an da kënnt de Restaurateur dohinner a seet, e wéilt net mat deene Saache schaffen, well e mat aner Saache gewinnt ass ze schaffen. Esou datt mer do nach eng ganz Rei Saachen opstoen hunn. Entweder de Restaurateur bréngt selwer en Invest mat oder mir finanzéieren deen Invest a schloen deen op de Loyer. Am zweete Fall géif de Loyer méi héich ginn. Mir hunn emol de Minimum an de Budget gesat. Dat ka sech awer nach no uewen änneren, mä dat gesi mer awer eréischt an engem gudde Mount, wa mer elo mam Restaurateur, deen Exploitatioun soll maachen, méi genee a Kontakt sinn.

Wat den Teletext an de Videotext betrëfft, esou hat ech gesot, datt den Info-Canal am digitalen an am analogen ausgestrahlt gëtt. Dat hu mer esou mat eisem Pourvoyeur festgehalen. D'Post ass ënnerwee. Muer de Moien hu mer nach eng Versammlung fir ze kucken, wat een nach weider kann ubidden. Et muss een awer och soen, datt d'Post hiert Netz nach net iwwerall leien huet. Net datt mer elo soen, datt een den Info-Canal kann iwwer d'Post kréien an ¾ vu Péiteng ass nach net équipéiert fir e kënnen z'emfänken. Do muss een emol kucken, wéi déi weider Evolutioun ass.

Beim Botze vun den Netzer sot Dir, datt mer mam Verschaffe vun deene Gelder ganz optimistesch sinn. Ech kann iech nëmme soen, datt déi Sue verschafft wäerte ginn. Mir hätten nach gäre méi Sue gehat, fir nach méi séier kënne virunzekommen. Déi Zomm, déi mer elo agesat hunn, ass déi Zomm, déi och garantéiert verschafft gëtt, well et noutwenneg ass. Wa mer och regelméisseg den Entretien vun de Waasserleitunge maachen, da kënne mer den Altertum an d'Ofnotzung e bëssen a Grenzen halen.

Dir schwätzt och vun engem Haus, dat mer zu Péiteng géife kafen. Dat Haus gëtt awer zu Rolleng kaf. Dat huet näischt mat der Transformatioun vun der Maartplaz ze dinn. Et ass en Haus an der Avenue de la Gare zu Rolleng, nieft eisem Site vun den Atelieren. Dat hate mer iwweregens och schonn hei am Gemengerot.

Beim Grand Bis sinn ech natierlech nach ëmmer optimistesch. An elo nach méi, well ech an der leschter Zäit ganz vill mat deene Leit geschwat hunn. Déi ‚frais d'études', déi am Budget agedroe sinn, sinn awer elo keng zousätzlech Etuden, déi ob eis zoukommen. Et sinn dat Léisungen zu de Conclusioune vun deenen Etuden. Esou datt ech der Meenung sinn, datt mer elo relativ séier an deem Dossier virukommen.

Wat de Clopp ubelaangt, esou ass et mer nei, datt do d'nächst Joer soll geschafft ginn. Ech weess just aus de Gespréicher, déi ech mat der Post hat, datt emol Rieds war, fir 2015 un de Clopp ze kommen. Et kann awer och vläicht 2014 sinn. Si hu wëlles, fir eng Kéier do ze schaffen. A selbstverständlech wäerte mer do matmaachen, wann et esouwäit ass. Mä mir wëllen elo net 2 Chantiere beieneen hunn. A bei deenen Ënnerlagen, déi ech hunn, soll de Clopp 2015 un d'Rei kommen. Mir si jo awer ëmmer nach Meeschter an eiser Gemeng fir ze soen, wou dann elo opgerappt gëtt a wou net. Mir haten der Post och ganz kloer gesot – an ech mengen, Dir waart och an deene Versammlungen dobäi – , datt mer net esou ee System wéi zu Käerjeng wëllen, wou an allen Ecker opgerappt ass. Mir hätte gären eng Suite doranner, och wann et doduerch e bësse méi laang dauert bis déi ganz Vernetzung geschitt ass.

Bei eise Gemengegarage wäert et nach 2 Joer dauere bis mer den Duerchbléck hunn. Ech sinn iwwerzeegt, datt eis Personal nach esoulaang duerchhält. Dir sitt net där Meenung. Als Personalschäffen hat ech vill Kontakt mat de Mataarbechter, an ech weess awer och, datt der vill frou wieren, wa keng Zentralisatioun géif geschéien. Well se si méi frou, wa se a verschiddenen Ecker sinn wéi zesummen op enger Plaz. Wann een d'Leit alleguerte beieneen huet, da kann ee vläicht besser organiséieren a kontrolléieren. Wa se op verschiddene Site sinn, dann ass dat e bësse méi schwiereg. Et ass sécherlech en Avantage, wa se op enger Plaz sinn. Mä et ass awer net onbedéngt esou, datt all Mënsch dat esou gäre gesäit. Ech mengen, datt se scho mat der ablécklecher Situatioun zefridde sinn. Well et ass jo awer scho ganz vill gemaach ginn.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Här Welter, Dir sot, datt trotz dem Wunnegsmanktem nach ëmmer 7 Gemengewunnengen eidel stinn. Dir sitt lech jo bewosst, datt mer eis hei am Kader vu soziale Wunnenge befannen. Wann allgemeng e Wunnengsmaktem um Territoire vun enger Gemeng besteet, da wëll dat nach net heeschen, datt och bei soziale Wunnengen e ganz grousse Manktem ass. Et ass selbstverständlech een do, a mir sinn eis därs och bewosst. Mat eise soziale Wunnengen zu Rolleng stousse mer jo och heiansdo un eis Grenzen. Well déi Wunnenge sollen altersgerecht sinn, mä si sinn awer net méi esou équipéiert. Ech hat elo nach virun enger Woch en Här do, fir datt mer deen an déi Wunneng kënnen eranhuelen. Dräi Deeg méi spéit hunn ech awer e Certificat médical kritt, wou deen Här eis matdeelt, datt hien déi Trape fir eran net ka goen. Esou datt mer do och no Leit sichen, déi nach gutt genuch si fir an deene Wunnenge kënnen ze liewen.

Wat elo déi aner 4 Wunnengen ubelaangt, déi der uschwätzt, an déi sollen der ‚Main tendue' zur Verfügung gestallt ginn, esou stëmmt dat. Dir wësst jo selwer, wéi schwéier et ass fir en Agreement ze kréien, wann ee gäre speziell Infrastrukturen zur Verfügung stellt – esou wéi mir et wëlle maachen – fir ‚des jeunes en détresse'. Do huet vum Ministère aus en extraen Agreement miisste kommen. An dat brauch seng Zäit. Déi Leit waren zweemol op der Plaz. Mir selwer hunn elo provisoresch fir ee Joer en Agreement am Oktober kritt. ‚Main tendue' huet den Agreement kritt, fir ab Januar kënnen do och Leit anzestellen. ‚Main tendue' ass eng Associatioun, wou mer ganz frou sinn, datt se hei an der Gemeng schafft, an déi ganz vill am Bénévolat schafft, an och dofir vum Ministère aus priméiert ginn ass. Vun eiser Säit läit och elo eng Conventioun vir, déi an nächster Zäit soll

ënnerschriwwe ginn. Hir Juristin ass am gaangen déi nach eng Kéier duerchzekucken, a wann alles riicht geet, da kënne mer Iech an enger nächster Sëtzung dee Package hei am Gemengerot virleeën. An och wann ‚Main tendue' an anere Gemengen aktiv ass, esou soll et awer esou sinn, datt d'Jugendlecher aus eiser Gemeng, doduerch datt se en Dossier hunn, deen duerch eisen Office social gutt ficeléiert ass, hei an deene Wunnengen eng Hëllef kréien.

Dir sot och, datt Wunnenge scho laang eidel gewiescht wieren an datt mer kee Loyer kritt hätten. Mir haten ënner deenen altersgerechte Wunnengen, déi do eidel gi sinn, 2 Wunnengen, wou mir op eng Attestatioun vum Affekot hu miisste waarde fir se eidel ze kréien. Et ware Persounen, déi ënner Tutelle stoungen. Déi Persoune ware wuel net méi an de Wunnengen, mä de Loyer ass awer nach weiderbezuelt ginn. A mir hu miissten drop waarde fir praktesch e Fräibréif ze kréie fir déi Wunnengen ze raumen, wann een dat esou ka soen. Am November krute mer elo esou eng Attestatioun vun engem Affekot. Do waren natierlech och vill Privatsaachen dran, a mer hunn och miisste Familljemembere kontaktéieren a froen, ob se net nach Saachen dovunner wëllen. An dat geet net ëmmer esou einfach, well et kann een net esou ouni Weideres déi Wunnenge raumen.

D'Dekonte sinn am gaange gemaach ze ginn. Et war eng Zäit, wou d'Dekonten net gemaach si ginn. Mä déi Leit, déi schonn e Minimum u Loyer bezuelen, déi hunn och ëmmer Avancë bezuelt. Déi hunn Avancë bezuelt op déi Fraisen, déi se haten. An Dir wësst jo och, well de Loyer jo net ganz héich war, datt déi Avancen och net ganz héich waren. Esou datt, wa se elo den Dekont kréien, e gewëssene Montant nozebezuele kréien. Mä dat sinn awer keng esou immens grouss Zommen an et kann een deemno och net vu risegen Zomme schwätzen, déi mer do verluer hätten. An et muss een ëmmer am A behalen, datt mer eis am Kader vu soziale Wunnenge bewegen.

Wat d'Boulepiste vu Rodange ubelaangt – wat an de ‚Loisirs' fält – esou si mer do am gaangen, dee ganze Loisirs duerchzekucken. Mir kucke an eisem 5-Joers-Plang, wou mer wat wouhinner himaachen. Déi Boulepiste fir Péiteng ass garantéiert net vergiess. Mir musse just e flotten Emplacement fannen. Et soll jo och relativ zentral leien, well déi Leit, déi do solle spillen, solle jo net bis bei e Bësch musse fueren oder motoriséiert dohinnerkommen. Mir hätte jo och gären eisen Zentrum ë bësse belieft. An esoubal mer do e Plang virleien hunn, wäerte mer deen och dem Gemengerot virleeën.

Linden Jeannot, Schäffen:

Ech wëll dem Här Welter dann och op e puer Saachen äntweren. Dat ass emol éischtens de Repas sur roues. Ech mengen, ech hat dat och déi lescht Woch erkläert, well mer matgedeelt gi war vun deene responsabele Leit, datt manner Menuë bestallt géife ginn. Awer och eng vun deene groussen Ursaachen ass, datt mer ëmmer méi Restaurateuren hunn, déi d'Iesse liwweren. Dat heescht, d'Leit hunn haut vill méi Choix wa se gären eppes hätten, a si mussen haut net méi onbedéngt iwwer de Repas sur roues fueren. Doduerch ass och de Chiffer zeréckgaange vun 131.000 Euro op 115.000 Euro. Mir hunn am Budget awer emol 120.000 Euro agesat.

Beim Service écologique bedauert Dir, datt an deene leschten 6 Joer keen Ëmweltberoder agestallt ginn ass. Et muss een awer emol kucken, ob et eppes bréngt, fir esou eng Persoun anzestellen. Dir hutt jo och selwer festgehalen, datt den Info-Point ‚myenergy' un d'Lafe soll kommen. Well dat ass jo och eng Persoun, déi d'Leit ka beroden an deem wat se kënne maachen. Hie ka just keng Adressen uginn. An et ass mer schonn erugedroe ginn, datt – wann ee schonn esou eng Persoun huet – een net onbedéngt nach eng zweet Persoun miisst dobäi hunn. Mir ënnersichen dat awer, a wann et sollt néideg sinn, da kënne mer op de Wee vun engem Emweltberoder goen.

E weidere Punkt, ob deen ech wëll agoen, ass déi Geschicht mat der Cogénératiounsanlag. Ech hunn an deenen nächsten Deeg nach e Rendezvous mat eiser Architektin, fir datt ech op de leschte Stand vun deem Dossier gesat ginn. Deen Dossier, deen Dir jo deemools zougestallt kritt hat – dat ware jo déi éischt Etuden, déi gemaach si ginn – hunn ech fonnt an hunn en och consultéiert. Mä duerno koume jo Ännerungen. An deem Dossier, deen an Ärem Schaf stoung, war d'Cogénératiounsanlag nach op der Säit vun der Eigent-Schoul, do wou mer elo d'Maison Relais bauen. Elo ass jo virgesinn, fir déi Anlag hanner d'Sportshal ze bauen. Den nächste Freideg kann ech iech vläicht méi präzis Äntwerten doropper ginn.

Wat d'Photovaoltaique-Anlage betrëfft, esou sinn ech och een, deen dat vertrëtt. Wa mer nei Diech maachen, da solle mer kucken, ob et eppes bréngt an op et sech maache léisst wann et sech als néideg erweist.

Welter Gilbert (DP):

Här Linden, Dir braucht mer net op dee Punkt vun de Primen am Kader vun der Protectioun vun der Natur ze äntweren. Mä kuckt dat wann ech gelift no.

Linden Jeannot, Schäffen:

Ech kucken dat no. An och déi Primë vum Stat, déi bezuelt ginn, kucken ech och no.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech wollt ganz zum Schluss nach eng Kéier soen, wéi de Defizit vun 2011 war. Dee louch bei 190.000 Euro, wou mer elo bei 258.000 Euro leien. Dat heescht, et ass eng ganz minimal Variatioun. Wa mer den definitiven Dekont maachen, wäerte mer erëm bei ronn 50.000 Euro leien. Mir schätze léiwer – wéinst dem Opstelle vun engem virsiichtege Budget – d'Ausgabe méi héich wéi d'Recetten an. Sollt sech awer erausstellen, datt mer tatsächlech bei 250.000 Euro Defizit géife leien, da muss ee sech selbstverständlech Gedanke maachen, ob een d'Mülltax upasst oder net. Mä dat soll een opgronn vu konkrete Chiffere maachen an net op Budgetsprevisiounen.

Thein Joé (adr):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Häre.

Trotz der Presentatioun vum Budget an de concernéierte Projeten, bleiwen nach Froen opstoen, an ech wëll meng Interventioun dozou notzen, fir déi feelend Froen ze stellen a mat engem Commentaire ze äntweren, anstatt en Uerteel iwwer e Budget ze fällen, deen net definitiv ass, an deen och sécher keng Finanzrevolutioun ausléisst.

1. Ass d'Gemeng bereet, e Gratis-Sockel vum Waasser anzeféieren, deen dem soziale Charakter gerecht gëtt? D'ADR proposéiert 30 Fudder pro Kapp a Joer gratis.
2. Ass d'Gemeng bereet hir proposéiert 5.000 Euro ze erhéijen, fir d'Integratiounsënnerstëtzung och an d'Opwäertung vun der Lëtzebuerger Sprooch ze investéieren? Fir d'ADR ass d'Sprooch dat beschte Mëttel zur Integratioun a schléit folgend Iddie fir: All Publikatiounen, dorënner Gemengebuet, Opriff, Invitatiounen, Informatiounen an den Internetsite op Lëtzebuergesch, besser méi geziilten Offere fir gratis Lëtzebuergesch Coursen, souwéi en Ëmbenenne vun alle Stroossen-, Uertschaft- a Nimm vu Gebailechkeeten an déi Lëtzebuerger Sprooch.

3. D'Gemeng wëll den ‚Guide du citoyen' op Franséisch un all Stot verdeele loossen, an op Demande och op Däitsch. D'ADR mengt, datt dëse Guide op Lëtzebuergesch miisst verdeelt ginn, a bei Bedarf op Däitsch a Franséisch. Ass d'Gemeng bereet, dëser Iddi Rechnung ze droen?
4. D'ADR bedauert de relativ belaanglose Saz iwwer d'Virschléi fir de behënnerte Bierger Rechnung ze droen, a freet de Schäfferot, ob hie bereet ass, bis Enn 2012 en Inventar opstellen ze loossen iwwer d'sämtlech Gebaier a Plazen, an dann uschléissend an engem 5-Joersplang ëmzesetzen?
5. D'ADR freet de Schäfferot ëm Sënn an Zweck vun enger Skulptur vun europäeschem Charakter am Wäert vun 100.000 Euro. D'ADR ass der Meenung, datt dës Gelder op anere Plaze besser opgehuewe wieren an erënnert un déi Sënnlosegkeet vun der Skulptur „Dolles" zu Déifferdang, déi de Steierzueler och 150.000 Euro kascht huet.
6. An hirer Erklärung schwätzt de Schäfferot vun de Jugendhaiser vu Péiteng a Rodange. Mir als ADR wëllen de Gemengerot froen, ob hie gedenkt och e Jugendhaus zu Rolleng ze realiséieren, deen de Rollenger Awunner géing gerecht ginn.
7. Ass d'Gemeng bereet, hir ablécklech Investitioun an der Musekschoul ze reduzéieren, an déi gespuerte Gelder an d'Investitioun vun zäitbefristeter Aarbecht fir jonk Aarbechtsloser ze ginn? D'ADR wëll Kloerheet, wisou sech d'Ausgaben un d'Musekschoul mat 1.628.185 Euro belafen, während d'Rémunératioun vun zäitbefristeter Aarbecht fir jonk Aarbechtsloser mat just 326.100 Euro honoréiert gëtt.
8. Ass de Schäfferot bereet, eng consultativ Kommissioun fir den Déiereschutz ze grënnen?
9. An der Transparenz vun de Gemengerfinanze freet sech d'ADR, ob de Gemengerot bereet ass, hire Finanze méi een analytesche Charakter ze ginn duerch eng Kontroll vun der „Cour des Comptes"?
10. D'ADR freet sech, ob de Schäfferot eng staark Interventioun vis-à-vis vum Familljeministère envisagéiert? D'ADR ass net d'accord, datt d'Gemeng duerch eng Verweigerung vu versprachenen 50% sozialer Aushëllef am Apport financier fir den Office social verschëlt gëtt.
11. D'Gemengendepensë fir 2012 belafe sech op 25,8 Milliounen Euro. Ass de Schäfferot bereet, hir Investitiounen nach eng Kéier ze iwwerkucke fir dësen héije Montant nach ze reduzéieren?

Ech soen Iech Merci.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

De Gratis-Sockel vum Waasser, mat 30 Fudder pro Kapp, ass fir mech absolut net sozial. Well ech brauch keng 30 Fudder pro Kapp. Ech kann dat selwer bezuelen. Mir sollen deene Leit, déi sozial Schwieregkeeten hunn, ënner d'Äerm gräifen an hinnen dat ginn. An dofir gëtt dat och am Kader vum Office social gemaach. Iwweregens ass dat och guer net méiglech. Wa mer esou eppes hei am Gemengerot géife stëmmen, da géif et vum Ministère refuséiert ginn. Well et wier contraire zum aktuelle Gesetz. An all Tax mussen am Virfeld autoriséiert ginn ier se kann ëmgesat ginn. Esou datt dat guer net méiglech wier. Ech géif et och perséinlech guer net gutt fannen a meng Zoustëmmung dozou och net ginn.

Dir vergläicht d'Musekschoul mat der Rémunératioun vun zäitbefristeter Aarbecht vu jonke Chômeuren. Et ass ëmmer schlecht, wann een zwou Saache géinteneen ausspillt. An engem Budget soll ee seng eenzel ‚points forts' setzen.

Thein Joé (adr):

Et muss een awer d'Prioritéite kennen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

D'Prioritéite sti jo fest. Dir schwätzt hei vun 1,628 Milliounen Euro. Dat sinn d'Bruttoausgaben. Mir kréien do jo och 820.000 Euro erëm, plus nach d'Aschreiwung. Dat si ronn 900.000 Euro. A wann ee keng 1,6 Milliounen ausgëtt, da kann een och keng 900.000 Euro erakréien. Dat heescht, dann ass den Defizit nach 728.000 Euro. An och dat sollt een als Gemeng maachen. Dat ass op jiddwer Fall meng Meenung. Dir sitt vläicht do anerer Meenung, an ech akzeptéieren dat. An da muss een natierlech och – wann een de Budget kuckt – och richteg kucken. Well dat, wat mer géint Aarbechtslosegkeet maachen, beschränkt sech net nëmmen ob d'Astelle vun zäitbefristeten Aarbechter. Mir kënne souwisou nëmmen am Aklang mat der Adem astellen, dat heescht, do kann d'Gemeng net maache wat se wëll. Well d'Gemeng muss déi Leit vun der Adem geschéckt kréien. Do si mer also tributäire vun Décisioune vun der Adem. Et ass net eng Décisioun, déi de Gemengerot oder de Schäfferot selwer kann huelen.

Do dernieft huet d'Gemeng awer och grouss Dépensen an Zesummenhang mat ProAktif an Cigl. An op dat war ech jo och a menger Budgetspresentatioun agaangen. Do stelle mer 731.000 Euro zur Verfügung. An dat ass och haaptsächlech fir Leit, déi aarbechtslos sinn, eng Aarbecht ze ginn. Dat heescht, fir de Moment schafft d'Gemeng op 3 Pisten. Dat eent ass zesumme mat der Adem, fir déi Aarbechtslos, da mam Cigl a mam ProAktif. An dobäi kënnt dann och nach den RMG. Dat sinn der, déi laangfristeg am Aarbechtslosestatut sinn, an déi mer och nach hei beschäftegen a wou mer och nach Ausgaben hunn.

Esou datt mer wahrscheinlech am Total bei engem Chiffer leie vun 1,2 Milliounen Euro, deen d'Gemeng investéiert fir der Aarbechtslosegkeet entgéintzewierken. Dat ass e ganz héije Betrag. A wann een dat och nach a Prozenter ausrechent, par rapport zu der Dotation de l'Etat an der Gewerbesteier, da läit een op engem ganz héije Prozentsaz.

Ech sinn also net averstane fir d'Musekschoul opzeléise fir déi Aarbechtslos ze ënnerstëtzen. Mir musse kucke fir dat parallel lafen ze loossen.

Da frot der, ob d'Gemeng bereet ass fir eng consultativ Kommissioun fir den Déiereschutz an d'Liewen ze ruffen. Meng Meenung dozou ass ‚Neen'. Ech sinn der Meenung, datt dat net eis Aufgab als Gemeng ass. De Gemengerot ass awer fräi, fir aneschters ze décidéieren, mä ech sinn dogéint.

Da schwätzt der d'Transparenz vun de Gemengefinanzen un. Ech weess net, wat eng Kontroll vun der Cour des comptes zu der Transparenz vun de Gemengefinanze ka bäidroen. Dat wier sécherlech eng aner Zort vu Kontroll. Eng Zort vu Kontroll, déi fir de Moment vun engem spezielle Service vum Inneministère gemaach gëtt. Wéi de Stat elo wëll déi Kontrollaufgab vis-à-vis vun de Gemenge maachen – ob en déi léiwer wëll iwwer d'Cour des comptes oder iwwer e Service vum Inneministère maachen – ass him fräigestallt. Mä de Contrôle gëtt gemaach. A mir hunn en analytesche Charakter vun de Gemengefinanzen. An déi Analys läit um Dësch. Déi Analys ass esouguer zesumme mat engem neie Computerprogramm – deen de Sigi mat menger Zesummenaarbecht ausgeschafft huet – gemaach ginn, an dee Programm dreift d'Analys esouguer nach weider. D'Analys ass schonn do, an e Contrôle dréit sécherlech net zu engem analytesche Charakter vun de Gemengefinanze bäi.

Et kann een natierlech driwwer diskutéieren, watfir ee Contrôle elo besser ass. Ech perséinlech sinn net fir eng Kontroll duerch d'Cour des comptes, well et do eng Vermëschung gëtt tëscht de Staats- an de Gemengefinanzen, an dat fannen ech net gutt. Da muss ee scho wierklech e separate Gremium schafen. Mä déi Vermëschung schéngt mir net ganz gënschteg ze sinn.

Da muss ech och soen, datt mer eis – wat den Office social ugeet – net verschëlden. Den Office social ass nei geschafe ginn, et koum eng nei Gesetzgebung. An ëmmer, wann eppes nei uleeft – den Office social ass den 1. Januar nei ugelaf – goufen et am Laf vum Joer Diskussiounen. Déi goufen den 30. September ofgeschloss, an den 30. September hu mer – opgronn vun deem, wat de Ministère eis gesot huet, vun deene Problemer, déi hie gesinn huet – eisen Office social geännert, esou datt déi Problemer an Zukunft net méi virkommen. Réckwierkend elo ze soen, datt mer dat net méi wëllen, bréngt net ganz vill. Well si iwwerweisen eis, wat si wëllen an ech gesinn net ganz vill Chancen, datt mer eis als Gemeng do kënnen imposéieren. Mir mussen natierlech kucken, datt mer eis an Zukunft esou orientéieren, datt mer déi 50 %teg Bedeelegung kréie wäerten.

Wat d'Gemengenausgabe vun 25,8 Milliounen Euro ubelaangt, esou sinn dat effektiv d'Gemengenausgaben um extraordinäre Budget. Dat si Projeten, déi zum gréissten Deel schonn um Instanzewee sinn, an déi een net méi kann ophalen. Ech sinn ëmmer der Meenung, datt an enger Krisenzäit d'Gemengen net sollen d'Suen op d'Spuerbuch setzen. Mä d'Gemenge sollen d'Suen asetze fir Projeten ze realiséieren, fir eisen Handwierksbetriber an eisen Entreprisen Aarbecht ze ginn. An ech géif mengen, mat deenen 25,8 Milliounen Euro – wat e ganz héije Betrag ass – brénge mer et fäerdeg fir engersäits eis Wirtschaft um Lafen ze halen, eise Betriber Aufgaben an Aarbechten ze ginn, an op der anerer Säit ganz wichteg Investitiounen am Kader vum Schoulwiesen, vun eise sozialen Institutioune wéi d'Maisons Relaisen, vun eise Stroosseverbesserungen, an anere weider wichtege Saachen, déi zu Weiderentwécklung vun eiser Gemeng bäidroen, maachen. Dofir géif ech et net gutt fanne fir déi Zomm erofzesetzen. Mir solle mat den Aarbechte virufueren, esou séier, wéi se kënne virugoen. A mer sollen dofir suergen, datt eis Schoulen an eis Maisons Relaisen esou séier wéi méiglech fäerdeggestallt ginn an eise Bierger zur Verfügung stinn.

Breyer Roland, Schäffen:

Dir frot, fir déi 5.000 Euro fir d'Integratiounsënnerstëtzung ze héijen. Ech gesinn am Budget, datt bei ‚activités dans l'intérêt de l'intégration' 10.000 Euro agedroe sinn. Also ass dee Budgetsartikel schonn eropgesat ginn ouni datt Dir et gemierkt hutt.

Dir sot och, datt een al Publikatioune soll op Lëtzebuergesch maachen. Ech kéint mer zum Beispill esou e Budgets-dokument, wéi der et virleien hutt, op Lëtzebuergesch virstellen. Da géife mer eis alleguerten dra verléieren, wa mer dat Dokument hei op Lëtzebuergesch miisste liesen. Dofir ginn et bei alles och Limiten. An et muss een och wëssen, datt et eng administrativ Sprooch an der Gemeng gëtt, an do kann een net alles vun haut op muer ëmsetzen. Mir hu scho vill op Lëtzebuergesch gemaach a mir sinn och averstane fir d'Lëtzebuergescht ëmmer mat bäizezéien. Mä et gëtt och eng administrativ Sprooch an déi huet och hir eege Gesetzer.

D'Lëtzebuerger Course muss een net gratis ubidden. Mir verrechnen de Moment – fir d'Awunner aus der Gemeng – d'Course mat 2 Euro d'Stonn. Dat ass wierklech kee grousse Montant. A wann ee guer näischt géif froen, dann ass och kee Respekt do. Mir hu festgestallt, datt – wa mer e klengen Obolus verlaangen – d'Leit déi Saach e bësse méi respektéieren. Soss mellen se sech un a kommen net. Dat hu mer alles schonn erlieft.

De Guide des citoyens kënnt op Franséisch eraus. Op Demande kann een en och op Däitsch kréien. A mir hunn och eng lëtzebuerger Ausgab an der Maach. Déi wäerte mer och ubidden a mir wäerte kucken, wéivill Leit déi froen. Well et ass nach ëmmer méi agréabel fir et op Franséisch oder Däitsch ze liesen. Ech kann lech elo scho soen, datt mer bei der däitscher Versioun bei ënner 100 Demandë leien. An ech sinn emol gespaant, wéivill Lëtzebuerger Exemplaire gefrot ginn.

Den „Dolles' an de „Robert Schuman" sinn zwee verschidde Schung. Mir setze keng Statu dohinner vun engem Strummert. Mir setzen eng Statu heihinner fir e bedeitenden Europäer, deen am Raum vum Dräilännereck seng Plaz soll hunn. D'Strooss heescht ‚avenue de l'Europe', a mer kéinten eis gutt virstelle fir esou e ‚Schuman-Denkmal' ze hunn. An ech ka mer gutt virstellen, datt et d'nächst Joer ëm dës Zäit do steet.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Ech wollt lech eng Äntwert op d'Jugendhaiser zu Péiteng a Rodange ginn. Déi Jugendlech vu Lamadelaine hat ech scho bei mir, well se mat enger Ufro komm ware fir och e Jugendhaus op Lamadelaine ze kréien. Mir hunn den Tour vun der Uertschaft gemaach, a wann Dir eng Iddi hutt, wou mer dat Jugendhaus kéinten ariichten, dat kéinte mer déi analyséieren an driwwer diskutéieren. Bis elo war et esou, datt d'Jugendhaiser vu Péiteng a Rodange déi Jugendlech vu Rolleng mat an d'Projeten an d'Aktivitéiten erageholl hunn. Dat huet och ëmmer ganz gutt fonctionnéiert.

Wat d'Musekschoul betrëfft, esou muss ech lech awer soen, datt eng Investitioun an eng Musekschoul – de Numm seet et jo schonn, et ass eng Schoul – eng Investitioun an d'Jugend ass. Et ass eng Investitioun a Jugendlecher, wou 500 Stéck an- an ausginn, wou se eppes léiere wat a mengen Ae wichteg ass fir eis d'kulturellt Liewen an eiser Gemeng.

Thein Joé (adr):

Eng Investitioun an d'Musekschoul ass jo just eesäiteg finanzéiert. Et gëtt Schoule fir alles. Et gëtt Schoule fir Literatur, fir d'Konscht, et gi vill Méiglechkeeten.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Selbstverständlech. An dofir mengen ech awer grad, well mir elo hei eng Musekschoul hunn, datt mer do net sollen u Gelder spueren. A wa mer un där Investitioun géife spueren, da spuere mer un enger Jugend, déi de Moment nach gewëllt ass eppes ze léieren. Well et ass een ëmmer frou, wann een der huet, déi nach nieft der Schoul nach aner Saache wëlle léieren. A wa mer bei der Musekschoul géife spueren, da wiere mer um falsche Wee.

Linden Jeannot, Schäffen:

Den Här Thein bedauert de belaanglose Saz iwwer d'Virschléi fir déi behënnert Bierger. Dee Saz war net belaanglos. Dee Saz ass eppes, wat Effektivitéit ass. D'Trëttoiren ofschréien an d'Foussgängeriwwergäng méi sécher gestallten, doduerch, datt een déi technesch Mëttelen ubréngt, déi néideg sinn.

Beim Ëmbau vun der Gemeng ass och schonn deem Rechnung gedroe ginn. Et ass e Lift agebaut ginn, d'Toilettë fir behënnert Leit si bäikomm. An Zukunft gi mer och op de Wee, datt bei all Gebai, wat erneiert oder nei gebaut gëtt, d'Accessibilitéit och behënnertegerecht ugeluegt gëtt.

Thein Joé (adr):

Heescht dat, et ass och esou am Bautereglement festgeschriwwen?

Linden Jeannot, Schäffen:

Neen, dat steet fir de Moment net am Bautereglement. Mä och wann et net am Bautereglement steet, da maache mer et awer. Zum Beispill beim Ëmbau vun der Péitenger Sportshal denke mer och un déi Behënnert. Net datt se – wann d'Aarbechten ofgeschloss sinn – virun der Dir stinn a net kënnen dovunner profitéieren.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mir mussen eis als Gemeng net alleng un d'Bautereglement halen. Mir mussen eis och u gesetzlech Bestëmmungen halen, a wou steet, datt all ëffentlecht Gebai muss accessibel gemaach gi fir Leit mat enger Behënnerung. An all Projet, deen hei op den Dësch kënnt, gëtt och vum Sécherheetsmann vun der Fonction publique analyséiert an dee mécht seng Remarquen. A wa bei deene Remarquen erauskënnt, datt Saachen net esou si wéi hien sech dat virstellt, da muss ee kucken, ob een dat matmécht oder net. Et muss een natierlech och ëmmer de Käschtepunkt am A behalen. Et muss ee kucken, wann ee bei 1.800 Schoulkanner ee behënnert Kand am Rollstull huet, ob een da muss e Lift an d'Schoul abauen. Do muss ee sech d'Fro stellen, ob een dat net kann aneschters organiséieren andeem een zum Beispill déi Klass um Rez-de-chaussée aménagéiert. An esou bréngt een et am beschte fäerdeg, fir seng Suen optimal anzesetzen. Well all Euro, deen een hei ausgëtt feelt op enger anerer Plaz.

Esou datt dat heiten net onbedéngt eng Saach vu Bautereglement ass, mä et huet mat enger Décisioun ze dinn, déi mir hei am Gemengerot vu Projet zu Projet mussen huelen, an deenen Oploen, déi mer operluegt kréien, esougutt an esou raisonnabel ewéi méiglech gerecht ginn.

Conzemius-Holcher Josette (CSV):

Ech wëll fir d'éischt dem Schäfferot Merci soe fir dee Budget, deen se opgestallt hunn. Ech hätt just eng Fro zum Budget, déi awer schonn deelweis beäntwert ginn ass. D'Fro huet d'Rodanger Schwämm betraff, well et awer en héije Käschtepunkt ass fir déi Aarbechten, déi do ufalen. Wat ech just net verstinn ass, datt all Entreprise eng ‚garantie décennale' soll stellen. Dofir verstinn ech net, firwat dat do net gemaach ginn ass. Mä dat ass jo elo ze spéit, an domatter wier meng Fro beäntwert.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

De Problem ass, datt déi ‚garantie décennale' net konnt fir dat dote Gebai zielen, well dat Gebai do vun engem aneren iwwerholl gouf. Dat Gebai, wou de Problem ass, ass an den 90er Joere gebaut ginn. An dat Gebai gouf vun där neier Firma iwwerholl a virugebaut. Et ass sécherlech net richteg gelaf. Dat musse mer zouginn. Mä mir hu keng Upak méi, well deen, deen dat dote gebaut hat, net méi kann zur Responsabilitéit gezu ginn. An deen, deen de Projet iwwerholl huet, ka laut eisen Affekoten och net responsabiliséiert ginn.

Mertzig Romain (LSAP):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären.

U sech hunn ech keng Froen, mä ech wollt mech einfach deene Wierder vun der Madame Gonçalves uschléissen. Ech gesinn déi Investitiounen, respektiv déi sozial Ausgaben an engem ganz positive Liicht. A wat mech besonnesch freet, ass, datt et erëm fäerdegbruecht ginn ass fir op der Schinn weider ze fuere fir eis Pro-Kapp-Verschëldung erofzesetzen.

Scheuer Romain (déi gréng):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären.

Fir d'alleréischt wëll ech deenen zoustännege Beamten aus der Verwaltung e grousse Merci soen, déi dofir gesuergt hunn, datt de Schäffen- a Gemengerot de Budget virleien huet. No der Presentatioun vum Schäfferot de leschte Freideg, an dem Iwwerliese vum Budget, hätt ech awer e puer Froen dozou:

Acquisition d'immeubles (325.000 euros) – Maison d'habitation avec terrain, avenue de la Gare à Lamadelaine. Hei hunn ech schonn eng Äntwert kritt, mä ech wollt wëssen, ob do spéider e Lotissement geplangt ass um Terrain vun der fréierer Commercial Intertech, wa bis d'Gemengegaragen op engem anere Site gebaut sinn?

Acquisition d'un véhicule pour le service technique, voiture 4X4 équipée d'une lame de neige amovible. Ersetzt dee Won e Camion a wat geschitt mat deem Auto, wa kee Schnéi läit? Ginn déi responsabel Chefs d'équipes beim Eraussiche mat abezunn, wéi ee Material oder Auto soll kaf ginn?

Fonçage d'une canalisation en-dessous de la voie ferrée des CFL entre la rue de Niederkorn et la rue de la Liberté à Pétange (20.000 euros). Do hu mer nach eng Kéier ‘Mesures à prendre afin de remédier à l'insuffisance des capacités hydrauliques de la canalisation dans différentes rues de Pétange (20.000 euros)'. Ass dat dee selwechte Projet a wéini gëtt endlech domatter ugefaangen? Well d'Leit aus deem Quartier maache sech Gedanke wann eng méi kräfteg Schauer erofgeet.

Centre sportif Pétange: réaménagement de l'entrée principale et de la buvette et début des travaux de mise en conformité dans le hall sportif. Gëtt do spéider nees eng Buvette mat an d'Sportshal integréiert oder ass e Chalet nieft enger Gemeng méi wichteg wéi eng Buvette an der Sportshal, wou d'Veräiner eppes dovunner hätten?

Bei der Rodanger Schwämm hu mer zwar schonn eng Äntwert kritt. Mä mir musse fir alles Etudë maachen. Dann dierf esoueppes jo bal net virkommen. Well d'Etudë kaschte jo schonns genuch.

Renouvellement de l'antenne collective dans la Cité CFL à Pétange (38.000 euros). Gëtt do d'Strooss nach emol opgerappt oder leien do schonns Gainen?

Fir d'Sportsterraine gi mer 20.000 Euro aus, wou een awer méi kéint maachen. Bei de syntheteschen Terrainen hu mer schonn eng Äntwert kritt. Mä ech wollt froen, wat méi rentabel ass. Well en Terrain ëmmer ze netze kascht och Suen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Als Präzisioun wollt ech just soen, datt de Budget net vun de Beamten opgestallt an dem Schäfferot virgeluegt gëtt. Ech wollt drop hiweisen, datt et de Schäfferot ass, deen de Budget opstellt.

Scheuer Romain (déi gréng):

Ech wollt am allgemengen all deene Merci soen – an dorënner fält och de Schäfferot – déi un deem Dokument hei matgeschafft hunn.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Beim Uschafe vun deem Gebai zu Rolleng an der Avenue de la Gare ass et esou, datt mer wëlles hunn d'Gemengegaragen ze verréckelen. Mir hu wëlles op deem Site – an dat ass schonn e puermol presentéiert ginn an d'Iddi ass schonn e puermol am Gemengerot diskutéiert ginn – e Lotissement ze maachen. A wa mer dat Haus hunn, da kënne mer eng ganz aner Entrée an dat Lotissement aménagéieren an et besser konzipéieren.

Breyer Roland, Schäffen:

De Fonçage vun der Kanalisatioun an d'Mesures d'insuffisance hunn net direkt eppes mateneen ze dinn. Déi eng Mesüre gi geholl wa mer mat der Kamera doduerch gefuer sinn a festgestallt hunn, datt e Gainage miisst doduerchgezu gi fir de Kanal e bëssen ze stäipen an d'Liewensdauer ze verbesseren.

Et huet just indirekt eppes mam Fonçage ze dinn, well op der Nidderkuerer Strooss och nach eng Kéier muss mat der Kamera befuer ginn. Well do schéngt och nach e Problem ze sinn, deen elo net direkt eppes mat deem Fonçage ze dinn huet. Mir wëssen, datt mer fir de Moment méi enk vun der Nidderkuerer Strooss an d'Liberté-Strooss aschëdden. Dat ka besser ginn doduerch. Mä et ass och nach e Problem an der Hydraulik vum Kanal an der Nidderkuerer Strooss. Dee muss nach ganz gekuckt ginn.

An der Cité CFL sinn d'Aarbechte scho fäerdeg. Do gi mer net méi schaffen. Sudgaz huet dat fir eis matverluegt a mir bezuelen e Préfinanzement vu Sudgaz zeréck. Den adaptéierten Devis kënnt elo deemnächst an de Gemengerot an da gëtt dee Chantier praktesch ofgeschloss.

Dann nach e Wuert zum Won, deen de Service technique soll kréien. Dat ass en Unimog, deen 4X4 ugedriwwen ass. A mir hu gesot, datt ee soll e Schnéiplou bäikafen. Dee war am Ufank net virgesinn. Mä de Wonsch vum Schäfferot war et awer, fir – wa mer schonn esou e Gefier hunn – och nach e Schnéiplou dobäizekafen. Et ass selbstverständlech, datt mer fir d'éischt mat de Servicer schwätze fir ze kucken, wat se brauchen. An eréischt da gëtt d'Décisioun am Schäfferot geholl fir ze kafen.

Linden Jeannot, Schäffen:

An déi Péitenger Sportshal kënnt erëm eng Buvette. An de Chalet, deen hei nieft der Gemeng opgeriicht ginn ass, huet eng aner Bestëmmung wéi eng Buvette an enger Sportshal. Mä, wéi gesot, et kënnt erëm eng Buvette an d'Sportshal, esou datt d'Veräiner se erëm kënne wéi an der Vergaangenheet benotzen.

Wat déi Rodanger Schwämm betrëfft, esou si mer schonn e puermol doropper agaangen. An déi 110.000 Euro sinn net geduecht fir Etuden ze maachen, mä dat sinn déi Suen, déi gebraucht gi fir de Schued ze behiewen. Am Keller vun der Schwämm steet alt emol bis zu 30 Zentimeter Waasser, wann et eng Woch laang gereent huet. An do hätt beim Bau miissten dat esou ofgeséchert ginn, datt kee Waasser vu bausse kann andréngen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Effektiv brauche mer och manner ze netze bei engem syntheteschen Terrain. Mä och dee muss genat ginn. Dat ass eis kloer gesot ginn. Och bei engem syntheteschen Terrain muss genat ginn, awer net esouvill. An et muss gutt ofgeschwat gi mat de Veräiner, watfir eng Zort vun Terrain se wëllen. Well bei engem syntheteschen Terrain ass kee Gras méi do. Net datt se duerno kommen a soen, si wéilten nach e Grasterrain als Supplément. Dofir hu mer gesot, datt mer fir d'éischt Erfahrungswäerter wollte mat Rodange sammelen. A wann déi Rodanger gutt domatter eens ginn, da kann een an deenen nächste Joeren och e weideren Terrain an d'A faassen. An dee Problem kann een am Kader vum 'plan pluriannuel' diskutéieren an eng definitiv Positioun dozou huelen.

Scheuer Romain (déi gréng):

Ech hat dat esou verstanen, datt déi 110.000 Euro bei der Rodanger Schwämm net geduecht si fir weider Etuden ze maachen. Ech wollt just generell soen, datt – wa mer schonn esouvill Sue fir Etuden ausginn – deen, deen déi Etudë mécht, och responsabel gemaach géif gi fir spéider Problemer.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech wëll nach eng Kéier kuerz op d'Etuden agoen. Mir hunn 2 Dossieren, wou mer nodréiglech gesot hunn, datt mer dat net esou kënne gëlle loossen a wou mer gären déi Leit zur Rechenschaft wëlle bieden. Mir sinn do och zum Deel virukomm. Et muss een awer ëmmer mat engem Jurist kucken, ob een an deem Dossier och ka virukommen. Ee vun den Dossieren ass bei der Päsch-Schoul, wou am Deel vum Passivbau Schied gemaach goufen a wou mer gesot hunn, datt et net d'Gemeng ass, déi Schold dorunner ass, mä Anerer. An déi sollen dofir riicht stoen. Elo ass awer de Problem, datt déi, déi laut Expert zu 75% Schold kritt hunn, Faillite sinn. Esou datt mir als Gemeng dann awer déi sinn, déi musse bezuelen. Well déi Betriber, déi d'Saach erëm an d'Rei gesat hunn, der Gemeng d'Rechnung geschéckt hunn. Et muss een awer an deem heite Fall soen, datt mer 50% konnte récupéréieren.

Bei deem zweeten Dossier si mer schonn zanter 2000 am gaangen. Dat ass d'Péitenger Spillschoul, wou e Problem mat der Fiichtegkeet bestanen huet. Am Joer 2000 hu mer décidéiert, fir déi Entreprise geriichtlech ze belaangen an den Dossier ass nach net ganz fäerdeg. An elo si mer 2012. Do gesitt der och, wat dat heescht.

Mir si schonn der selwechter Meenung wéi Dir, datt se mussen hir Responsabilitéit huelen. Mä fir sech awer ëmmer – a besonnesch als Gemeng – duerchsetzen ze kënnen, ass net ëmmer esou einfach.

Mir ginn Iech awer am Prinzip Recht, wa mer schonn esouvill musse bezuele fir Etuden, fir Ingénieursfraisen an Architektefraisen, datt déi och miisste méi riicht dofir stoen.

Brecht Guy (LSAP):

Här Buergermeeschter, Madame, dir Häre.

Erlaabt mer fir d'éischt all deene Leit Merci ze soen, déi un dësem Dokument geschafft hunn. Dann erlaabt mer awer och fir Iech 4 Merci ze soen, fir déi virbildlech Presentatioun. Mir hunn esouguer dës Kéier Äer Virträg schréftlech matgeliwwert krut. Erëm en Novum, dee mer gären entgéintgeholl hunn.

Et ass wuel en Iwwergangsbudget, wéi ëmmer betount gëtt. Mä awer. Dir huelt d'Erausfuerderung un, fir am Joer 2012 eng Zomm ze verschaffen, déi enorm ass. Mä wéi gesot, et ass eng Erausfuerderung. Eng Erausfuerderung ënner anerem u verschidde Ministèren. A kee weess et besser wéi den Här Buergermeeschter wéi laang een heiansdo op verschidden Autorisatioune muss waarden. A wann ee mengt, et kéint lassgoen, dann ass erëm iergendeen, deen iergendwou en Hoer an der Zopp fënnt. Den Här Buergermeeschter hat bei der Presentatioun vum Budget 2011 emol eng Kéier gesot, an ech zitéieren « Wa mer an der Gemeng Péiteng weiderhin eng virsiichteg Finanzpolitik bedreiwen, mat all Joer engem zolitten Iwwerschoss, Scholdenofbau an ouni en neie Prêt opzehuelen, da kéinte mer eng Kéier dovunner ausgoen, datt mer eis och erëm kéinten eppes Grousses leeschten ». D'lescht Joer hunn ech nach iwwer déi Ausso geschmunzelt. Mä ech soen Iech éierlech, datt ech esou lues ufänken drun ze gleewen.

Vill Projete kommen esoulues zur Vollendung. An elo scho kann ee soen, datt eis Gemeng en Aushängeschëld ass, wat d'Kannerbetreiung ugeet. Eis Gemeng ass en Aushängeschëld fir Sportsinfrastrukturen, fir Fräizäitbeschäftegung, fir fleegebedierfteg Leit, asw.

Just vläicht kulturell hänke mer nach e bëssen hannendran. An dofir freet et mech besonnesch, datt dee Punkt am Budget endlech opgewäert ass ginn.

Wat d'Betreiung an d'Begleedung vu Jugendlechen ubelaangt, hu mer esouguer nach en Zant zougeluegt, wat d'Schafe vun neien an nach efficaceren Institutioune fir d'Jugendaarbechtslosegkeet ze bekämpfen, déi an eiser Gemeng net grad niddereg ass.

D'Suergekanner bleiwen awer trotzdem de Keelenzentrum an neierdéngs och d'Waxweiler Millen, wou nach ëmmer Problemer mam Grondwaasser bestinn. Do musse mer wachsam bleiwen, net datt d'Käschte spéider erëm an d'Luucht ginn.

Mir als LSAP-Fraktioun freeën eis elo schonn op d'Opstelle vun deem 5-Joeresplang, wou mer sécher eise Stempel och kënne mat opdrécken, fir esou dem Här Becker op seng Feststellung ze äntweren, wat de Juniorspartner betrëfft.

Alles an allem ass dee Budget hei an der Rei an eis Fraktioun wäert dee Budget e Freideg och matstëmmen a virun allem och e ganzt Joer matdroen.

Wann ech am Ufank vu menger Interventioun vun engem Novum geschwat hunn, da bedeit de Budget 2012 och fir mech eppes Neies. Ech sinn heibannen deen Eenzegen, ausser natierlech eisen neie Mandatären an Mandatärinnen, déi nach ni e Budget mat 'Jo' gestëmmt huet, obschonn ech awer schonn 12 Joer mat dobäi sinn. Mieux vaut tard que jamais. Ech soen Iech Merci.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Merci fir déi positiv Note.

Mir wäerten och zesummen dru schaffen, datt mer de Budget esou ëmgesat kréie wéi mer en den nächste Freideg wäerte stëmmen.

Rosenfeld Romain (CSV):

Fir d'éischt wëll ech nach eng Kéier op d'Presentatioun vum Budget duerch de Schäfferot zeréckkommen. De Budget vun dësem Joer gläicht e bëssen deem vum Joer virdrun, an trotz där ausféierlecher Presentatioun verstinn ech net, datt verschidde Parteie méi eng hefteg Kritik wéi d'lescht Joer um Budget ausüben. Et ass en Iwwergangsbudget, an en huet och bal elauter Punkten, déi och dat Joer virdrun am Budget stoungen.

Wann ech mech gutt drun erënneren, dann huet esouguer eng Partei gesot, wa se net grad an der Oppositioun géif setzen, da kéinten se de Budget hei stëmmen. Mä well ech an der Oppositioun sinn, muss ech mech enthalen. Déi sinn dëst Joer anerer Meenung an hunn e bësse méi haart duerchgegraff. Bon, dat ass net schlëmm an domatter muss een an der Politik liewen.

Trotz engem Iwwergangsbudget gëtt probéiert, fir ronn 26 Milliounen z'investéieren, an dat ouni mussen en neien Emprunt opzehuelen. Ech hoffen zwar, no deene schlechten Nouvellë vun der Rodanger Schmelz, datt mer endlech déi Zonen, déi mer scho laang programméieren, realiséiere kënnen an domatter fir déi Leit hei am Eck nei Aarbechtsplaze kënne schafen. Ech hoffen och, datt déi Leit an der Stad emol endlech waakreg ginn an e bësse matenee schaffen. Déi Zone wiere schnell ze schafen, mä nei Problemer kommen ëmmer erëm op d'Tapéit, esou datt mer net esou richteg vun der Plaz kommen.

Bei der PiKo-Schwämm ass vum Waasser geschwat ginn. Wat mech awer och do interesséiert ass, wéini mer déi Keesen- an Informatikproblemer do geléist kréien. Well dat ass och eng Saach, déi schonn e laange Baart huet.

Beim Budget kenne mer och dem Här Becker säin Dada mat de Schnéiklassen. Ech wier emol frou, wann hien dem Schäfferot emol eng Kéier géif eng propper Propose maachen, wéi hie sech eng Alternativ zu de Schnéiklasse géif virstellen, mat engem Budget, an allem ronderëm. Dat muss natierlech och eppes si wat d'Leit akzeptéieren.

Ech kéint mer och virstellen, datt mer 2012 wahrscheinlech och méi 'Modifications budgétaires' kréie wéi déi aner Joeren. Soss sief nach ze soen, datt d'CSV-Fraktioun voll a ganz hannert dësem Dokument steet a mir wäerten dat och den nächste Freideg stëmmen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Vu menger Säit ass elo net onbedéngt vill do bäizefügen. Vläicht kann den Här Linden nach op d'Keesen an der Piko-Schwämm agoen, wou ech Iech Recht ginn, datt dat relativ laang geschleeft huet. Mä den Här Linden huet dat am Grëff, esouwäit ech weess.

Linden Jeannot, Schäffen:

Firwat dat net richteg fonctionnéiert huet, hat näischt mat der Gemeng ze dinn. Mä déi Firma, déi deen Optrag kritt hat, ass einfach hirer Aufgab net nokomm. D'Situatioun ass elo déi, datt mer schrëftlech matgedeelt kritt hunn, datt bis Mëtt Januar 2012 de Problem mat de Keesen a mam Tourniquet geléist ass. Dat hu mer schrëftlech versprach kritt.

Rosenfeld Romain (CSV):

Mir hunn och deemools versprach kritt, datt de System kompatibel wier ënner de Keesen. Et huet awer net fonctionnéiert. Et ware Problemer vun deem Moment un, wou mer dat eent bäigeschallt hunn. An dee Problem – géif ech mengen – war och net esou einfach ze léisen.

Linden Jeannot, Schäffen:

De responsabelen Direkter vun där Firma huet eis vergewëssert, datt kee Problem dierft sinn. Hie géif näischt do fannen an et miisst goen. Ech hunn him awer och gesot, datt ech mäi Vertraue géif an hie setzen an datt e mech net soll enttäuschen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Da géif ech Iech alleguerte Merci soen a mir géifen eis da Rendezvous ginn, den nächste Freideg, zu der nächster Sëtzung, wou ënner anerem och de Budget zur Ofstëmmung kënnt.

Séance publique du 16 décembre 2011

Durée de la séance: *14.15 à 18.05 heures*

Présents:

Mellina Pierre, bourgmestre (CSV)	**Breyer Roland**, 1er échevin (CSV) **Conter-Klein Raymonde**, 2e échevin (CSV) **Linden Jeannot**, 3e échevin (LSAP)	
Bosseler Camille (CSV) **Conzemius-Holcher Josette** (CSV) **Gira Carlo** (CSV) **Polfer John** (CSV) **Rosenfeld Romain** (CSV)	**Brecht Guy** (LSAP) **Gonçalves Cátia** (LSAP) **Mertzig Romain** (LSAP) **Pierre Norbert** (LSAP)	**Becker Romain** (déi gréng) **Scheuer Romain** (déi gréng) **Welter Gilbert** (DP) **Thein Joé** (adr)

Absents et excusés:

Néant

ORDRE DU JOUR

Séance à huis clos (14.00 heures)

1. Personnel: Promotions de quatre fonctionnaires - décisions.

Séance publique (14.15 heures)

2. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
3. Administration générale
   - 3.1. Nomination des membres et présidents des commissions consultatives - décision.
   - 3.2. Nomination des membres de la commission scolaire - décision.
   - 3.3. Nomination des délégués au sein des organisations et associations poursuivant un intérêt communal - décision.
   - 3.4. Renouvellement des délégués communaux au sein du SYVICOL - désignation d'un candidat (m/f) - décision.
   - 3.5. Décomptes
     - 3.5.1. Remplacement de la menuiserie extérieure de l'Ecole Neiwiss à Rodange - approbation.
     - 3.5.2. Réaménagement de la cour de récréation de l'Ecole Neiwiss à Rodange - approbation.
     - 3.5.3. Extension de l'Ecole Am Paesch à Rodange - approbation.
     - 3.5.4. Remplacement de la menuiserie extérieure de l'Ecole An Eigent à Pétange - approbation.
     - 3.5.5. Aménagement d'une salle de classe au dernier étage de l'Ecole Am Park à Pétange - approbation.
     - 3.5.6. Installation d'une nouvelle centrale de détection d'incendie à l'Ecole Fonderie à Rodange - approbation.
     - 3.5.7. Installation d'une nouvelle centrale de détection d'intrusion à la Maison des Jeunes à Rodange - approbation.
     - 3.5.8. Travaux de réaménagement du bâtiment hébergeant les services sociaux - approbation.
     - 3.5.9. Construction d'une nouvelle crèche derrière le Home St. Hubert à Pétange - approbation.
     - 3.5.10. Réfection de la façade et de la toiture du bâtiment de l'Harmonie Municipale et de la Chorale de Pétange - approbation.
     - 3.5.11. Travaux d'assainissement des canalisations dans différentes rues - approbation.
     - 3.5.12. Aménagement d'un terrain synthétique près du stade Jos. Philippart à Rodange - approbation.
     - 3.5.13. Renouvellement des infrastructures dans une partie de la rue de la Montagne à Lamadelaine - approbation.
     - 3.5.14. Reprofilage et renouvellement de la couche de roulement de diverses rues - approbation.
     - 3.5.15 Renouvellement des infrastructures de la Terre Noire à Rodange - approbation.
     - 3.5.16. Balisage général des routes - approbation.
     - 3.5.17. Aménagement d'un arrêt de bus en face du supermarché Cactus à Pétange - approbation.
4. Ordre public: Autorisation pour une collecte à domicile dans la localité de Rodange - décision.

5. Personnel
   5.1. Prolongation du service provisoire d'un fonctionnaire - décision.
   5.2. Fixation des emplois du cadre fermé dans les différentes carrières des fonctionnaires communaux - décision.
   5.3. Création de divers postes de salariés (m/f) au service de nettoyage - décision.
   5.4. Révision des cadres dans les carrières de l'ouvrier de nettoyage et du portier-artisan - décision.
   5.5. Création de divers postes de salariés (m/f) pour les besoins des Maisons Relais - décisions.
   5.6. Fixation des cadres du personnel éducatif occupé dans les Maisons Relais - décision.
6. Enseignement: Fixation des indemnités revenant aux médecins scolaires - décision.
7. Enseignement musical: Signature du contrat de travail conclu avec le personnel enseignant suppléant dans les écoles communales - ratification.
8. Propriétés
   8.1. Avenant au contrat de bail conclu avec Mme Marie-Albertine Genevo de Pétange pour la location d'un parking - approbation.
   8.2. Contrat de bail avec Mme Marie-Josée Wagener de Rodange pour la location d'un jardin - approbation.
   8.3. Acquisition, de la part de M. Jean-Théophile Rongveaux de Rodange de terrains à Lamadelaine et Rodange - approbation du compromis.
9. Prévisions sociales
   9.1. Remplacement d'un membre au conseil d'administration de l'Office social - décision.
   9.2. Budget rectifié 2011 et budget de l'exercice 2012 de l'Office social - approbation.
   9.3. Aide au Tiers Monde: Projet pour enfants physiquement handicapés au Népal - décision.
   9.4. Aide au Tiers Monde: Projet soutenant les recycleurs de déchets de Dehli en Inde - décision.
   9.5. Aide au Tiers Monde: Appui aux enfants de parents emprisonnés au Népal - décision.
   9.6. Convention avec ProActif asbl relative à la réinsertion de jeunes chômeurs dans le marché du travail - approbation.
10. Sports et loisirs: Avenant à la convention avec la Ville de Dudelange pour la mise à la disposition temporaire de la piscine de Pétange - décision.
11. Environnement: Programme d'action annuel pour l'exercice 2012 du SICONA - décision.
12. Sylviculture: Plan de gestion des forêts communales pour l'année 2012 - approbation des devis et plans.
13. Budget rectifié de 2011 et budget de l'exercice 2012.
    13.1. Travaux extraordinaires
        13.1.1. Travaux d'assainissement au niveau des locaux au sous-sol de l'Ecole Fonderie à Rodange - approbation du devis.
        13.1.2. Travaux de réfection des façades des bâtiments existants de l'Ecole In Eigent à Pétange - approbation du devis.
        13.1.3. Frais de matériaux concernant l'aménagement d'une épicerie solidaire à Pétange - approbation du devis actualisé.
        13.1.4. Etablissement d'un Plan directeur pour Pétange-Ouest et le lieu-dit « au Grond » - approbation du devis.
        13.1.5. Etablissement d'un Plan d'Aménagement Particulier pour la cour derrière la Maison de la Culture « A Rousen » et le quartier adjacent à Pétange - approbation du devis.
        13.1.6. Aménagement et valorisation d'un terrain près du cimetière de Pétange, au lieu-dit « Im Kaepgesfeld » - approbation des devis et plans.
        13.1.7. Mise en place d'un columbarium supplémentaire au cimetière de Pétange - approbation du devis.
        13.1.8. Mise en place d'un columbarium supplémentaire au cimetière de Rodange - approbation du devis.
        13.1.9. Revalorisation des concessions aux cimetières rétrocédées par des particuliers - approbation du devis.
        13.1.10. Assainissement de la canalisation dans le Chemin de Brouck à Rodange - approbation du devis
        13.1.11. Assainissement de la canalisation au site de Lamadelaine - approbation du devis.
        13.1.12. Aménagement d'un parking écologique dans la rue de Linger à Pétange - approbation des devis et plans.
        13.1.13. Acquisition de mobilier pour le Moulin Waxweiler à Pétange - approbation du devis.
        13.1.14. Aménagement d'une centrale de cogénération et d'un réseau de chauffage urbain au Centre sportif de Pétange - approbation des devis et plans.
        13.1.15. Aménagement d'un garage et divers travaux de réaménagement - approbation du devis.
        13.1.16. Travaux de conservation au sous-sol de la piscine « Piko » de Rodange - approbation du devis.
        13.1.17. Renouvellement du réseau de l'antenne collective de télévision dans la Cité CFL à Pétange - approbation du devis adapté.
        13.1.18. Travaux de reprofilage et renouvellement de la couche de roulement de diverses rues - approbation des devis et plans.
    13.2. Votes du budget rectifié de 2011 et du budget de l'exercice 2012 - décisions.

COMPTE RENDU

1.

Le point 1 de l'ordre du jour a été traité en séance à huis clos.

2.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Néant

3.1.1.

Administration générale.

Renouvellement des commissions consultatives du conseil communal – décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dir wësst, datt mer an der Sëtzung vum November festgeluegt hunn, wéivill Leit déi verschidde Parteien an deenen eenzelne Kommissiounen zegutt hunn. Dir hutt eng Lëscht mat de Propositioune vu Leit aus deene verschiddene Parteie virleien. Et geet elo als éischt drëm fir déi eenzel Leit an deenen eenzelene Kommissioune guttzeheeschen. Duerno ginn déi auswäerteg Leit, déi net an enger Partei sinn, désignéiert. Als Läscht geet et dann drëm, fir d'Presidente vun de Kommissiounen ze nennen.

A l'unanimité sont nommés membres dans les commissions consultatives suivantes:

Commission des Affaires culturelles
Antinori-Di Giusto Adrienne (CSV); Conzemius-Holcher Josette (CSV);Schmit-Hamen Christiane (CSV); Perrard Joseph (CSV); Fostier Florence (LSAP); Mentz Danielle (LSAP); Lambert-Gres Brigitte (déi gréng); Mines Robert (DP); Thein Joé (adr)

Commission des Bâtisses
Quintus Roland (CSV); Remacle Patrick (CSV); Reder Robert (CSV); Weintzen Jean-Pierre (CSV); Roth-Bosseler Danielle (CSV); Kaufmann Nico (LSAP); Gomes José (LSAP); D'Orazio Cyril (LSAP); Becker Romain (déi gréng)

Commission de la Circulation et des transports en commun
Polfert Robert (CSV); Stracks Jean (CSV); Lutgen Léon (CSV); Linden Léon (CSV); Brecht Guy (LSAP); Fassbinder Emile (LSAP); Stoffel Marco (LSAP); Scheuer Romain (déi gréng); Bouché Claude (DP)

Commission de la Surveillance de l'École de Musique
Hermes-Bettinger Danièle (CSV); Stracks Jean (CSV); Quintus Roland (CSV); Lunkwig Nadja (CSV); Schmit Jean (LSAP); Gomes José (LSAP); Stracks-Von Gemünden Suzette (LSAP); Termont-Ihry Marianne (déi gréng); Di Domenico Laura (adr)

Commission des Finances, du budget et des règlements
Polfer Johny (CSV); Pica Alvaro (CSV); Goedert Marco (CSV); Lutgen Léon (CSV); Laures Claude (CSV); Gonçalves Cátia (LSAP); Birtz Gaby (LSAP); Morais Bruno (déi gréng); Wagner Guy Joseph (DP)

Commission de la Jeunesse
Arendt Patrick (CSV); Glod Yannick (CSV); Martins Dias Rui (CSV); Beauchaud Laurent (CSV); Gonçalves Cátia (LSAP); D'Orazio Cyril (LSAP); Kauth André Jr. (déi gréng); Frisch Alain (DP); Weber Jules (adr)

Commission des Sports et des loisirs
Glod Jean-Pierre (CSV); Schaus Elisabeth (CSV); Polfer-Koster Eliane (CSV); Heiar Marcel (CSV); Brecht Guy (LSAP); Fassbinder Emile (LSAP); Hahn Patrick (LSAP); Bormes Robert (déi gréng); Bouché Claude (DP)

Commission de la Famille, du 3e Age et des Handicapés
Polfer Robert (CSV); Masutti Raymond (CSV); Arendt-Streveler Stéphanie (CSV); Hermes-Bettinger Danièle (CSV); Mentz Danielle (LSAP); Schmit Jean (LSAP); Tartarelli Francesco (LSAP); Teixeira Lopes Alberto José (déi gréng); Thein-Weber Monique (adr)

Commission de l'Environnement
Arendt Patrick (CSV); Baltes Guy (CSV); Vallender Christian (CSV); Beauchaud Laurent (CSV); D'Orazio Cyril (LSAP); Stoffel Marco (LSAP); Schmit Jean (LSAP); Hengen David (déi gréng); Di Domenico Pipino (adr)

Commission des Relations publiques, Communications, Cérémonies et de la Promotion touristique
Metz François (CSV); Pica Alvaro (CSV); Bellion Jean (CSV); Conzemius-Holcher Josette (CSV); Simon Claude (LSAP); Birtz Gaby (LSAP); Hahn Patrick (LSAP); Scheuer Romain (déi gréng); Bouché-Berens Marie-Louise (DP)

Commission de l'Égalité
Antinori-Di Giusto Adrienne (CSV); Monteiro-Martins Edith (CSV); Glod Jean-Pierre (CSV); Masutti Raymond (CSV); Filaferro Nathalie (LSAP); Mauer Jos (LSAP); Bamberg Patrice (déi gréng); Schmidt Roland (adr)

Vote secret concernant la nomination comme président(e) des commissions consultatives suivantes:

Commission des Affaires culturelles
Conzemius-Holcher Josette (CSV) – 15 voix (élue)

Commission des Bâtisses
Reder Robert (CSV) – 14 voix (élu)

Commission de la Circulation et des transports en commun
Stoffel Marco (LSAP) – 15 voix (élu)

Commission de la Surveillance de l'École de Musique
Hermes-Bettinger Danièle (CSV) – 14 voix (élue)

Commission des Finances, du budget et des règlements
Polfer Johny (CSV) – 14 voix (élu)

Commission de la Jeunesse
Arendt Patrick (CSV) – 15 voix (élu)

Commission des Sports et des loisirs
Brecht Guy (LSAP) – 14 voix (élu)

Commission de la Famille, du 3e Age et des Handicapés
Schmit Jean (LSAP) – 13 voix (élu)

Commission de l'Environnement
Stoffel Marco (LSAP) – 14 voix (élu)

Commission des Relations publiques, Communications, Cérémonies et de la Promotion touristique
Metz François (CSV) – 14 voix (élu)

Commission de l'Égalité
Masutti Raymond (CSV) – 14 voix (élu)

3.1.2.

Administration générale.

Renouvellement des commissions consultatives du conseil communal (habitants) – décision.

Résultat du vote secret:

Commission des Affaires culturelles
Guiliani Serge (6 voix)
Krecké Alain (15 voix) - élu
Moes Lydie (12 voix) - élue

Commission des Finances, du budget et des règlements
Kerger Thomas (9 voix) - élu
Wald Guy (17 voix) - élu

Commission de la Jeunesse
Barbosa Freire Nathalie (16 voix) - élue

Commission des Sports et des loisirs
Giuliani Serge (16 voix) - élu
Krecké Alain (14 voix) - élu

Commission de la Famille, du 3e Age et des Handicapés
Hoffmann-Feller Josée (15 voix) - élue
Kinnen Marie-Jeanne (17 voix) - élue
Mauer-Brazdeikis Nelly (1 voix)

Commission des Relations publiques, Communications, Cérémonies et de la Promotion touristique
Alomerovic Alen (16 voix) - élu
Kerger Thomas (1 voix)
Krecké Alain (2 voix)
Moes Lydie (14 voix) - élue

3.2.

Administration générale.

Nomination des membres de la commission scolaire – décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Da kéime mer zur Nominatioun vun der Memberen aus der Schoulkommissioun. Dir wësst, datt nieft dem President, deen de Buergermeeschter duerstellt, an deenen 3 Kandidaten, déi vun de Schoulmeeschtere genannt goufen – dat sinn déi 3 Presidente vun deenen 3 Schoulen – an deenen 3 Kandidaten, déi vun der Elterevereenegung genannt goufen – dat ass all kéiers pro Schoul een – sinn nach 6 Leit ze designéieren. Mir hunn och fir an déi Kommissioun 6 Kandidature virleien, déi et elo heescht guttzeheeschen.

Résultat du vote secret:

Krecké-Even Lydie (16 voix) - élue
Lunkwig Nadja (16 voix) - élue
Brecht-Baulisch Chantal (16 voix) - élue
Gomes José (16 voix) - élu
Termont-Ihry Marianne (16 voix) - élue
Hutmacher-Kalmes Jeanny (16 voix) - élue

3.3.

Administration générale.

Nomination des délégués au sein des organisations et associations poursuivant un intérêt communal – décisions.

Résultats des votes secrets:

Les Amis de l'Histoire de la Commune de Pétange – Geschichtsfrënn vun der Gemeng Péiteng – a.s.b.l.:
Membre effectif:
Breyer Roland (14 voix) – élu
Thein Joé (1 voix)
Membre suppléant:
Brecht Guy (16 voix) – élu

Les Amis des Jumelages de la commune de Pétange a.s.b.l.:
Membre effectif:
Breyer Roland (15 voix) – élu
Membre suppléant:
Mertzig Romain (16 voix) – élu

Klimabündnis Lëtzebuerg:
Linden Jeannot (16 voix) – élu

Ordre de la Chevalerie du 7e Centenaire de Pétange:
Représentant du collège échevinal:
Linden Jeannot (16 voix) – élu
Représentant du conseil communal:
Rosenfeld Romain (16 voix) – élu

La Sécurité routière, association luxembourgeoise pour la prévention des accidents de la route:
Linden Jeannot (16 voix) – élu

Foyer de l'Enfance de Rodange-Lamadelaine a.s.b.l.:
Déléguée au conseil d'administration:
Conter-Klein Raymonde (16 voix) – élue
Délégué au comité de surveillance:
Pierre Norbert (16 voix) – élu

Borne du Passeur a.s.b.l.:
Mellina Pierre (16 voix) – élu
Breyer Roland (16 voix) – élu
Conter-Klein Raymonde (14 voix) –élue
Linden Jeannot (15 voix) – élu
Thein Joé (9 voix) – élu

3.4.

Administration générale.

Renouvellement des délégués communaux au sein du Syndicat Intercommunal des Villes et Communes Luxembourgeoises « Syvicol » - désignation d'un candidat (m/f) – décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Als Gemeng Péiteng deele mer am Syvicol ee Vertrieder mat de Gemenge Käerjeng an Déifferdeng. An enger Circulaire hu mer matgedeelt kritt, datt mer bis den 16. Januar – wa mer eng Kandidatur als Gemeng stellen – dës mussen ofginn. Mir hu bis den 16. Januar keng Gemengerotssëtzung méi an dofir musse mer dat haut virhuelen. Déi aner 2 Gemenge mussen dat dann och nach bis dohinner maachen, wa se wëllen eng Kandidatur stellen. Duerno freet den Distriktskommissär an enger Sëtzung – wou all Conseil muss majoritär vertruede sinn – wie fir watfiree Kandidat stëmmt. An dee Kandidat, deen déi meeschte Stëmme kritt, ass dann de Vertrieder vun deenen 3 Sektiounen am Syvicol.

Haut géife mer dann déi éischt Propositioun maachen, fir ze kucken, ob mer als Gemengerot eng Kandidatur virschloen. Et läit nëmmen eng Kandidatur vir, an dat sinn ech selwer. Ech war an deene leschten 6 Joer an deem Syvicol, an ech sinn elo Kandidat. Et muss een elo kucken, ob Käerjeng an Déifferdeng och e Kandidat stellen, an da muss sech duerno

erausstellen, wie schlussendlech an de Syvicol geet. Et géif elo drëm goen, ob Péitenger Gemengerot eng Kandidatur stellt.

Résultat du vote secret:

Par 16 voix et 1 voix contre, M. Pierre Mellina est nommé candidat à l'élection du délégué au comité du SYVICOL, représentant les communes de Bascharage/Clemency, Differdange et Pétange.

3.5.

Administration générale.

Approbations de décomptes

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Wann d'Projete bis fäerdeg sinn, da musse mer jo en Dekont virleeën. Haut stinn elo 17 där Dékonten zur Ofstëmmung.

1. Remplacement de la menuiserie extérieure de l'Ecole Neiwiss à Rodange
   Devis approuvés: *230.000,00 €*
   Crédits approuvés: *230.000,00 €*
   Dépense effective: *224.362,74 €*

Approbation à l'unanimité.

2. Réaménagement de la cour de récréation de l'Ecole Neiwiss à Rodange
   Devis approuvés: *440.000,00 €*
   Crédits approuvés: *440.000,00 €*
   Dépense effective: *437.731,07€*

Approbation à l'unanimité.

3. Extension de l'Ecole Am Paesch à Rodange
   Devis approuvés: *2.817.690,92 €*
   Crédits approuvés: *2.765.389,17 €*
   Dépense effective: *2.755.757,17 €*

Approbation à l'unanimité.

4. Remplacement de la menuiserie extérieure de l'Ecole An Eigent à Pétange
   Devis approuvés: *309.866,91 €*
   Crédits approuvés: *213.953,31 €*
   Dépense effective: *188.953,31€*

Approbation à l'unanimité.

5. Aménagement d'une salle de classe au dernier étage de l'Ecole Am Park à Pétange
   Devis approuvés: *60.000,00 €*
   Crédits approuvés: *60.000,00 €*
   Dépense effective: *51.070,92 €*

Approbation à l'unanimité.

6. Installation d'une nouvelle centrale de détection d'incendie à l'Ecole Fonderie à Rodange
   Devis approuvés: *25.000,00 €*
   Crédits approuvés: *25.000,00 €*
   Dépense effective: *24.934,39 €*

Approbation à l'unanimité.

7. Installation d'une nouvelle centrale de détection d'intrusion à la Maison des Jeunes à Rodange
   Devis approuvés: *5.000,00 €*
   Crédits approuvés: *5.000,00 €*
   Dépense effective: *4.776,03 €*

Approbation à l'unanimité.

8. Travaux de réaménagement du bâtiment hébergeant les services sociaux
   Devis approuvés: *72.000,00 €*
   Crédits approuvés: *72.000,00 €*
   Dépense effective: *71.676,07 €*

Approbation à l'unanimité.

9. Construction d'une nouvelle crèche derrière le Home St Hubert à Pétange
   Devis approuvés: *2.480.000,00 €*
   Crédits approuvés: *2.343.474,73 €*
   Dépense effective: *2.275.280,79 €*

Approbation à l'unanimité.

10. Réfection de la façade et de la toiture du bâtiment de l'Harmonie Municipale, de la Chorale et de la Maison des Jeunes Pétange
    Devis approuvés: *170.000,00 €*
    Crédits approuvés: *170.000,00 €*
    Dépense effective: *134.602,98 €*

Approbation à l'unanimité.

11. Travaux d'assainissement des canalisations dans les différentes rues
    Devis approuvés: *50.000,00 €*
    Crédits approuvés: *50.000,00 €*
    Dépense effective: *48.139,37 €*

Approbation à l'unanimité.

12. Aménagement d'un terrain de football synthétique à Rodange
    Devis approuvés: *1.100.000,00 €*
    Crédits approuvés: *1.133.026,63 €*
    Dépense effective: *1.130.919,26 €*

Approbation à l'unanimité.

13. Renouvellement des infrastructures dans une partie de la rue de la Montagne à Lamadelaine
    Devis approuvés: *298.000,00 €*
    Crédits approuvés: *298.000,00 €*
    Dépense effective: *252.378,75 €*

Approbation à l'unanimité.

14. Travaux de reprofilage et renouvellement de la couche de roulement de diverses rues
    Devis approuvés: *430.000,00 €*
    Crédits approuvés: *430.000,00 €*
    Dépense effective: *376.561,68 €*

Approbation à l'unanimité.

15. Renouvellement des infrastructures dans la rue de la Terre Noire à Rodange
    Devis approuvés: *597.000,00 €*
    Crédits approuvés: *546.404,90 €*
    Dépense effective: *485.573,16 €*

Approbation à l'unanimité.

16. Balisage général des routes
    Devis approuvés: *50.000,00 €*
    Crédits approuvés: *50.000,00 €*
    Dépense effective: *48.139,37 €*

Approbation à l'unanimité.

17. Aménagement d'un abri de bus en face du supermarché Cactus
    Devis approuvés: *60.000,00 €*
    Crédits approuvés: *60.000,00 €*
    Dépense effective: *50.823,20 €*

Approbation à l'unanimité.

4.

Ordre public.

Autorisation pour une collecte à domicile dans la localité de Rodange – décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Vun der Amicale Nidderréideng ass eng Demande erakomm fir vum 16. Januar bis den 16. Februar 2012 eng Collecte ze maachen 'en vue' vun hirem Buergbrennen. Mir géifen dann dem Gemengerot proposéiere fir dëser Demande zouzestëmmen.

Accord à l'unanimité.

5.1.

Personnel communal.

Prolongation du service provisoire d'un fonctionnaire communal – décision.

Breyer Roland, Schäffen:

E Mataarbechter vun eis ass den 1. Mäerz 2010 provisoresch agestallt ginn a miisst bannen 2 Joer säin definitiven Exame maachen. Mir kruten awer matgedeelt, datt déi nächst Commission d'examen eréischt den 29. Februar 2012 ass. Dat gëtt ze knapp well mer d'Resultat net virum Délai erakréien. Dofir proposéiere mer fir de Stage ëm 12 Méint ze verlängeren, esou datt dee Mataarbechter d'Méiglechkeet hätt fir säin Examen anstänneg ze maachen an eventuell – wann hien en Noexamen hätt, deen nach nozemaachen.

Et ass net seng Schold, mä et ass, well de Ministère seng Examen esou spéit leet.

Accord à l'unanimité.

5.2.

Personnel communal.

Fixation des emplois du cadre fermé dans les différentes carrières des fonctionnaires communaux – décision.

Breyer Roland, Schäffen:

Dat hei ass eng Übung, déi mer all Joer maachen. Opgronn vun eisen Effektiver gëtt fir de 'cadre fermé' festgeluegt, wéivill Leit doranner kommen a watfir Graden se kënne besetzen.

Accord à l'unanimité. M. Becker, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

5.3.

Personnel communal.

Créations de divers postes de salariés (ancien ouvrier) – décision.

Breyer Roland, Schäffen:

Dir wësst, datt e puer Gebaier ënnerwee sinn, déi am Laf vum Joer 2012 fonctionnel ginn. An dowéinst musse mer de Kader vun eise Mataarbechter vergréisseren.

Mir brauchen 4 hallef Poste fir den Nationale Keelenzenter mat der Tennishall ze botzen. Do gëtt awer net de Restaurant gebotzt, well dee vum Concessionnaire selwer gebotzt gëtt.

Mir brauchen eng hallwe Poste fir an der Millen zu Péiteng ze botzen. Och do gëtt de Restaurant an d'Brasserie vum Concessionnaire selwer ënnerhalen.

Mir brauchen 2 hallef Poste fir d'Botze vun der neier Annex vun der Schoul 'An Eigent' an 1 hallef Tâche fir déi nei Gebailechkeete vum Précoce zu Rodange.

A schlussendlech brauche mer och nach e Portier-artisan à plein temps fir déi 3 Maisons Relaise vu Péiteng, Rodange a Lamadelaine.

All déi Poste sinn 'à durée indéterminée'.

Accord à l'unanimité.

5.4.

Personnel communal.

Révision des cadres dans les carrières de l'ouvrier de nettoyage et du portier-artisan – décision.

Mir hate bis elo 38 'ouvriers de nettoyage'. Mir haten 2009 schonn 4 Stéck dobäigesat. Duerno hate mer 3 Stéck, déi 'à plein temps' agestallt waren, ëmgewandelt a 6 Posten 'à mi-temps'. Duerno huet d'Commission mixte een Aarbechter zeréckklasséiert vun 'ouvrier de nettoyage' op d'Carrière vum Manoeuvre erof. Mir hunn elo just och eng Délibératioun geholl, wou mer 8 Posten erëm bäisetzen, souwéi 1 Portier.

An der Logik vun deem Ganze miisste mer elo d'Carrièren nei definéieren. An zwar hätte mer dann 52 'ouvriers de nettoyage', wouvunner der 12 déi ganzen Zäit schaffen, 4 Stéck eng Deelzäitaarbecht vun 30 Stonnen d'Woch hunn an 36 Stéck zu 20 Stonnen d'Woch schaffen. D'Zuel vun de Portiere géif vun 10 op 11 eropgoen.

Accord à l'unanimité.

5.5.

Personnel.

Création de divers postes de salariés (ancien employé privé) pour les besoins des Maisons Relais – décision.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Ab Juli 2012 soll jo eis nei Maison Relais hei zu Péiteng opgoen. An enger éischter Phas ass et eng Maison Relais vun 240 Plazen an ab September 2013 hoffe mer, datt mer déi 300 Plazen och alleguerte beluegt hunn. Dofir musse mer d'Personal vun de Maisons Relaisen och opstocken. Am ganze géife mer haut 37 Poste schafen. An zwar bräichte mer zousätzlech 3 'éducateurs gradués (m/f) à tâche complète', 7 'éducateurs diplômés (m/f) à tâche complète', 6 'éducateurs diplômés (m/f)' zu 35 Stonnen d'Woch, 3 'éducateurs diplômés (m/f)' zu 30 Stonnen d'Woch, 8 'aide-éducateurs (m/f) zu 30 Stonnen d'Woch, 3 'aide-éducateurs (m/f) zu 10 Stonnen d'Woch a 7 'aide-éducateurs (m/f) zu 11 Stonnen d'Woch.

Gira Carlo (CSV):

Déi Posten, déi mer elo schafen, sinn déi no engem Schlëssel gerechent, deen de Ministère virgëtt?

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Jo, dat leeft ëmmer no engem Schlëssel vum Ministère. Mir kréie jo och 75% zeréckbezuelt vum Ministère an dofir musse mer eis dorunner halen. Well soss kréie mer déi Suen net zeréck.

Accord à l'unanimité.

5.6.

Personnel.

Fixation des cadres du personnel éducatif occupé dans les Maisons Relais – décision.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Dat hei ass d'Suite vum Punkt 5.5., an zwar musse mer dann och d'Kaderen nei definéieren. Esou hätte mer elo 5 Educateurs gradués, 23 Educateurs diplômés an 38 Aide-éducateurs. Den Détail, wéivill Stonnen déi eenzel Leit schaffen, fannt der an ären Ënnerlagen.

Accord à l'unanimité. M. Brecht, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

6.

Enseignement.

Fixation des indemnités revenant aux médecins scolaires – décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Da komme mer zu den Indemnitéiten, déi de Schouldokter zegutt huet bei den Ënnersichungen, déi gesetzlech virgeschriwwe sinn. Déi lescht Décisioun an dëser Saach gouf den 29. August 1977 geholl, wou mer festgehalen haten, datt de Schouldokter pro Kand 1,51 Euro Index 100 zegutt huet. Mir hunn e bësse gekuckt, wéivill se an den Nopeschgemenge kréien an hu festgestallt, datt mer largement ënner deenen Tariffer leien déi an den Nopeschgemengen ugebuede ginn. Dofir proposéiere mer dem Gemengerot, fir déi Indemnitéit – déi zanter 1977 bestanen huet – ze adaptéieren an dat op dee Montant deen och an deenen anere Gemenge bezuelt gëtt, an zwar 2,25 Euro Index 100. Dee Betrag ass och schonn am Budget verankert.

Accord à l'unanimité. M. Brecht, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

7.

Enseignement musical.

Contrat de travail signé avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales – ratification.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Fir e Congé vun enger Madame, déi vum 2. Dezember 2011 bis den 15. Juli 2012 fräigestallt ginn ass, hu mer en Ersatz gebraucht. Hei geet et drëm fir dee Kontrakt ze ratifizéieren. Dee Kontrakt ass och fräi, esou datt en – en fonction des besoins – ka geännert ginn.

Ratification à l'unanimité.

8.1.

Propriétés.

Avenant au contrat de bail conclu avec Mme Marie-Albertine Genevo, de Pétange, pour la location d'un parking – approbation.

Breyer Roland, Schäffen:

Mir hunn an der rue de l'Hôtel de Ville e Parking gelount, deen och mat engem Horodateur fonctionnéiert. Et ass dat e Parking, deen der Mme Genevo gehéiert. Dee Parking loune mer säit 2004 an déi Zäit hate mer e Loyer vun 3.600 Euro d'Joer. D'Mme Genevo freet, fir dee Loyer un den Index an un d'Deierecht unzepassen a freet, fir de Loyer op 3.800 Euro d'Joer eropzesetzen. Mir gesinn dat als eng normal Hausse a wieren och averstane fir mat op dee Wee ze goen.

Becker Romain (déi gréng):

Den Här Breyer huet elo just gesot, datt mer 2004 e Loyer vun 3.600 Euro d'Joer ausgehandelt hunn. Dat stëmmt awer net esou. Mir haten en éischten Avenant am Dezember 2007, wou mer vun 3.000 Euro op 3.600 Euro eropgaange sinn. Elo gi mer nach eng Kéier op 3.800 Euro erop. Ech ka mech erënneren, wou mer 2007 driwwer geschwat hunn, datt e ganze Koup Leit dogéint gestëmmt haten, ënner anerem d'Fraktioun vun deene Gréngen an d'Fraktioun vun der LSAP, well fonnt ginn ass, datt dat einfach ze deier wier fir dee Parking. Mir gesinn u sech net de Sënn an, fir elo nach eng Kéier de Loyer ze hiewen an en op 3.800 Euro ze setzen. Et ass dat immens gutt bezuelt fir déi Plaz, déi d'Gemeng dann do an der Rei hält.

Breyer Roland, Schäffen:

Et ass eng Augmentatioun vun 7% an deene leschten zwee Joer, wat net iwwerméisseg ass. Zweetens ass et och de Rendement vun enger Bauplaz. Wann der 3 Ar Bauplaz do hutt an dir verlount déi Plaz, da kritt der de Rendement vun 5% eraus. Dir kënnt norechnen, da kommt der op deen heite Montant. Mir fannen, datt de Rendement der Valeur entspriechend gerecht ass.

Et ass och eng wichteg Parkplaz. Si ass ëmmer déck besat a mer fannen, datt de Loyer fir deen Zweck an der Rei ass. Wa mer géife kafe goen, da miisste mer jo awer fir eng Bauplaz vun 3 Ar matzen am Zentrum och e bëssen eppes op den Dësch leeën. Iwwer dëse Wee komme mer bëlleg drun.

Becker Romain (déi gréng):

Et kann een awer net esou iwwerleeën a soen, datt eng Parkplaz och eng Bauplaz wäert ass. Wat géife mer da maachen, wann dann do keng Plaz wier? Well dee grousse Parking bei der CFL ass net wäit ewech. U sech bräichte mer déi Plaz do guer net.

Breyer Roland, Schäffen:

Ech weess net, ob dir am Bild sitt, wat d'Densitéit an d'Frequenz vun deem Parking ugeet. Déi Plaz ass saturéiert. De Parking vun der CFL ass och ausgelaascht. De Parking op der Maartplaz ass och ëmmer voll am Dag. An dat hei ass en zousätzleche Parking de proximité.

Becker Romain (déi gréng):

An ausserdeem ass et och nach e Geheimtipp, well de Parking ass néierens gezeechent.

Breyer Roland, Schäffen:

Ech mengen awer, datt de Parking gezeechent wier. Mir hunn den 10. Januar d'Presentatioun vun de Schëlder, da weisen ech Iech et.

Approbation par 15 voix (CSV, LSAP, DP, adr) contre 2 voix (déi gréng).

8.2.

Propriétés.

Contrat de bail avec Mme Marie-Josée Wagener, de Rodange, pour la location d'un jardin – approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Hei geet et ëm en Terrain, deen op der Fonderie zu Rodange läit a wou mer der Mme Wagener wëllen e klengen Deel vun deem Terrain verlounen. Si huet fir de Moment en klengt Haischen drop stoen, a fir dat ze regulariséieren, proposéiere mer fir deen Terrain fir de symboleschen Euro un d'Madame ze verlounen, esou datt si deen Terrain och nach weider ka benotzen.

Approbation à l'unanimité. M. Welter, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

8.3.

Propriétés.

Compromis concernant l'acquisition, de la part de M. Jean Théophile Rongveaux, de terrains à Lamadelaine et Rodange – approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Bei dësem Punkt geet et ëm 3 Terrainen, déi mer vum Här Rongveaux kéinte kréien. Engersäits ass et en Terrain vun 163 Ar am Doihl, dee mer zum Präis vun 81.955 Euro kéinte kréien. Op der aner Säit geet et ëm en Terrain vun 17 Ar zu Lamadelaine, am lieu-dit « Im Walterfeldchen » fir de Präis vun 8.500 Euro. Den drëtten Terrain wier zu Rodange, am lieu-dit « Au Chaux Four », dat ass d'Verlängerung vun der rue de la Fontaine. Dat ass do wou den Här Rongveaux seng Ställ hat. An deen Terrain kéinte mer fir de Präis vun 73.800 Euro kréien.

Déi Terrainen, déi mer elo wëllen hei kafen, hätten zesummen e Wäert vun 164.225 Euro. Dës Terraine kënne mer sécherlech engersäits huele fir eventuell Compensatiouns-mesüren – wa mer Zones commerciales oder artisanales maachen – an op der aner Säit – besonnesch wat Rodange betrëfft – eis eng Méiglechkeet gëtt fir entweder e Fousswee oder soss e Wee vun der Schwämm a Richtung rue Nic. Biever unzeleeën.

Scheuer Romain (déi gréng):

Op deem engen Terrain steet jo nach e Stall drop. Iwwerhuele mer dee Stall mat?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et ass esou, datt mer déi Terrainen an deem Zoustand kafe wéi se sinn, dat heescht, mat deene Gebaier, déi dropstinn. Déi Gebaier wäerten dann och – esoubal mer deen Terrain hunn - vun eis an nächster Zukunft ewechgeholl ginn. Esou datt mer an enger éischter Phas op deem Terrain eventuell kënnen eng Parkanlag oder eng Spillplaz aménagéieren. Dat musse mer nach gesinn. Mä et gëtt eis – an dat ass dat Wichtegst – an Zukunft d'Méiglechkeet, fir eng Verbindung vum Doihl aus a Richtung rue Nic Biever - zum Beispill e Vëloswee - unzeleeën.

Déi aner Terraine si wichteg fir am Kader vu Compensatiouns-mesüren, bei Ëmklasséierungen, eng Méiglechkeet ze hu fir dat kënnen ze maachen. Dat hei wieren dann Terrainen, déi mer am Ufank eventuell kënne verpachten, a wa mer se spéider da géife brauchen, da kënne mer drop zeréckgräifen.

Scheuer Romain (déi gréng):

Dat heescht, mir mussen de Stall entsuergen?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dat ass richteg. Mir mussen dee Stall ewechhuelen.

Approbation à l'unanimité.

9.1.

Prévisions sociales.

Remplacement d'un membre au conseil d'administration de l'Office Social – décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

D'Gesetz gesäit vir, datt een net kann zur gläicher Zäit – an dat ass eréischt zanter dem Januar 2011 de Fall – am Schäfferot sëtzen a Member vum Conseil d'administration vum Office Social sinn. Doduerch ass den Här Linden vum 1. November un démissionnaire am Verwaltungsrot. Wéi d'Gesetz et virgesäit hu mer en 'appel de candidatures' gemaach, an et sinn zou Kandidaturen erakomm.

Déi eng Kandidatur ass déi vun der Mme Lily Bertrang, vve Gansen an déi aner ass vum Här Romain Becker. Et gëlt elo fir ee Kandidat ze wielen.

Résultat du vote secret:
Mme Lily Bertang vve Gansen: 12 voix (élue)
M. Romain Becker: 5 voix

9.2.

Prévisions sociales.

Budget rectifié de l'année 2011 et budget de l'exercice 2012 de l'Office social – approbation.

Polfer John (CSV):

Als President vum Office Social wëll ech heizou e puer Informatioune ginn. Zanter dem 1. Januar 2011 fonctionnéiert den Office social no dem neie Gesetz, mat 50%teger Bedeelegung vum Stat un den Ausgaben. Heiduerch huet de Stat awer och méi Matsproocherecht an d'Gemengen-autonomie hëlt erëm of. Dat gesi mer och do, wou d'Gemeng virdru ville Leit gehollef huet, de Ministère awer säin Accord fir déi Hëllef net gëtt an d'Gemeng vum Fréijoer un déi Hëllef leider huet miissten astellen.

Fir d'Persounen, déi Problemer hu fir d'Enner zesummen ze bréngen, maachen eis Assistantes sociales eng Enquête a ginn dem Bureau vum Office hiren Avis. Deen hëlt dann eng Décisioun. Den Artikel 2 vum Gesetz seet «l'aide social assure aux personnes dans le besoin et à leur famille l'accès aux biens et aux services adaptés à leur situation particulière, afin de les aider à acquérir ou à préserver leur autonomie».

Ech wëll nach hei domatter betounen, datt all Ofsoe genee justifiéiert ginn, well d'Leit bei Conseil arbitral vun der Sécurité social kënnen e Recours maachen.

E Budget ass eng Previsioun vun de Recetten an den Dépensen an ass fir den Office, dee jo eréischt no dem Stat sech dru bedeelegt, eng nei Gegebenheet. Wann een an den ordinäre Recetten am Budget initial 2011 1.001.906 Euro hat, déi zur Halschent vum Stat an déi aner Halschent vun der

Gemeng gedroe ginn, gesi mer datt 2012 nëmmen 844.968,68 Euro drastinn. Hei ass de Montant, deen de Stat net d'accord ass fir ze bezuelen, net méi dran.

Eng grouss Zomm vun 437.000 Euro ass virgesinn an de Recetten, wou mer hoffen d'Sue vun de Leit an der Caisse nationale de Santé, dem Fonds national de Solidarité, der Caisse nationale de présentation familiale, asw., erëm ze kréien.

An den Ausgabe steet déi selwecht Zomm.

672.543 Euro si virgesi fir déi Hëllefen, déi ufalen. Hëllef fir Gasrechnungen, fir Elektrescht, d'Dokteschrechnungen, Assurancen, Mazout a Loyer. D'Gemeng stellt dem Office Social och e Fonds de roulement zur Verfügung. Dee war 77.910 Euro an ass elo vum 1. Januar 2011 op 79.855 Euro eropgaangen. Dat gëtt gerechent 5 Euro pro Kapp, an dat waren deemools 15.971 Awunner. D'Differenz sinn déi 1.945 Euro, déi am Budget 2012 stinn.

Menger Meenung no wäerte mer an Zukunft ëmmer méi Leit mussen hëllefen. 2009 waren et der 385, 2010 schonn 513 Leit. Vun 2011 hunn ech elo nach keng Zuelen. 2010 waren et 206 Portugisen, 176 Lëtzebuerger, 19 Fransousen, 16 Italiener an dann nach e puer Stéck vun anere Nationalitéiten. Am Ganze waren et 29 verschidden Nationalitéiten.

Dofir wäert d'Hëllef vum Office social net méi bëlleg ginn an dat musse mer eis bewosst sinn. Den Här Buergermeeschter hat an enger Réunioun deenen Dammen an Häre vum Ministère et wierklech kloer an däitlech ze verstoe ginn. A wien den Här Buergermeeschter kennt, dee weess wat ech domatter wëll soen. Si vergläichen d'Péitenger Gemeng mat Mamer, Nidderaanwen, Lëtzebuerg oder Betzder. Si geheien se näämlech all an een Dëppen. Mir hunn hei eng ganz aner Populatioun an eiser Gemeng. A wann ech dann héieren, datt d'Patronat d'Mindestléin wëll afréieren, d'CGFP kräischt fir méi an d'Peitut ze kréien a vun der Kris näischt wësse wëll, da froen ech mech, wou déi Leit liewen.

Et kann dach net sinn, datt just bei deene soll gespuert ginn, déi nëmmen de Mindestloun verdéngen. Esouguer de Chef vun der Lëtzebuerger Zentralbank, den Här Mersch, ass sech där ëmmer méi schlechter Situatioun vun eisen Awunner am Land bewosst. Wann ee mam Mindestloun seng Waasser-rechnung, Elektresch, Gas, Dreckskëscht, an déi gepeffert Loyerë bezuelt huet, da bleift näischt méi iwwereg fir en dezent Liewen.

Dofir, dir Dammen an dir Hären, den Office social brauch e Budget mat Suen, fir eise Leit an der Nout ze hëllefen.

Ech soe Merci.

Approbation à l'unanimité. M. Thein, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

9.3.

Prévisions sociales.

Aide au Tiers Monde: Projet pour enfants physiquement handicapés au Népal – décision.

Linden Jeannot, Schäffen:

Et geet hei drëm, fir Kanner aus dem Nepal ze hëllefen, déi physesch handicapéiert sinn. Et ass dat eng Hëllef, déi mer d'lescht Joer och scho gemaach hunn a wou mer och am Gemengerot dofir waren.

Den Ausseministère huet en Accord-carde fir d'Joeren 2009 bis 2011, deen awer och elo fir d'Joeren 2012 bis 2014 leeft, mat der Associatioun « ONGD-FNEL scouts & guides pour le développement communautaire asbl ». All déi Accords-cadre, déi vum Ministère gemaach ginn, finanzéiere si mat 2/3 vum globale Budget.

D'Leit, déi déi Hëllef do maachen, bekëmmere sech ëm 50 Kanner, déi aus Famille kommen déi wierklech aarm sinn, an déi en Handicap, entweder physesch oder moralesch, hunn. Déi Kanner hu Verbrennungen oder 'malformations physiques', an deene soll gehollef ginn.

Wéi déi Joere virdru wollte mer dee Projet mat 10.000 Euro ënnerstëtzen.

Accord à l'unanimité.

9.4.

Prévisions sociales.

Aide au Tiers Monde: Projet soutenant les recycleurs de déchets de Dehli en Inde – décision.

Linden Jeannot, Schäffen:

Dat hei ass een neie Projet, deen awer op dee selwechte Wee geet wéi dee virdrun. Et gouf hei eng Hëllef ugefrot vun der « Action Solidarité Tiers Monde ». Wa mer wëssen, datt zu Dehli oder an anere grousse Stied an Indien den Dreck einfach op d'Säit gehäit gëtt oder op Dreckstippe kënnt, da ginn et awer Leit donidden, déi deen Dreck nees asammele ginn. D'ASTM wëll der Organisatioun Chintan hëllefen, fir datt deene Leit, déi dann deen Dreck ophiewe ginn – a wou jo och verwäertbar Produkter dobäi – ënner d'Äerm gegraff ka ginn a se domatter e bësse Geld kënne verdénge fir iwwer d'Ronnen ze kommen a se net komplett ausgebeut gi vun anere Leit. Et soll och deene Leit erkläert ginn, datt se Hëllef kënne kréie wa se sech dofir asetzen.

An enger éischter Phas hu mer wëlles fir der ASTM 5.000 Euro fir dee Projet zoukommen ze loossen.

Thein Joé (adr):

Ech wollt méi genee wëssen, wou de Sënn an Zweck doranner besteet fir Geld ze investéiere fir deene Leit ze hëllefen. Ech sinn der Meenung, datt dat e witschaftsinterne Problem ass. Wier do net besser, fir vu Lëtzebuerg aus eng Kommunikatioun un déi dorteg Regierung ze stellen, fir datt déi soll kucke fir dee Problem an d'Rei gesat ze kréien. Domatter wier deene Leit méi gehollef wéi wa mir elo vun ausserhalb intervenéieren a Gelder investéieren, wou emol net sécher ass, wat mat deene Gelder geschitt.

Linden Jeannot, Schäffen:

Mir musse jo awer der « Action Solidarité Tiers Monde » kënnen trauen. Well déi indesch Regierung waart net, datt mir soen, datt se sollen no deene Leit kucken. Déi ginn eis dann eng ganz aner Äntwert. Dat wësst Dir jo awer genee esou gutt ewéi ech och. Dofir brauch ech dat awer sécherlech net nach ze erklären.

Déi Hëllef leeft iwwer d'ASTM, an déi Associatioun schafft mat enger Associatioun zesummen, déi eben no deene Leit kuckt a versicht deene Leit ze hëllefen. Well soss kuckt keen no hinnen a si sinn op sech gestallt a ginn ausgebeut vun deenen – loosse mer et emol esou soen – vun deenen déi méi staark sinn. Déi huelen deenen aneren alles ewech. A wa mir elo der indescher Regierung solle soen, datt si sollen intern duerno kucken, fir datt si den Dreck ewech kréien, dann ass domatter net gehollef.

Et ass och e klenge Montant, dee mer hinnen zoukomme loossen, mä et ass en éischte Schratt, deen ënnerholl gëtt fir

datt déi Leit sech kënne selwer organiséieren an datt se Erklärunge kréien, watfir Méiglechkeeten se hunn.

Thein Joé (adr):

Beim Punkt 9.3. war et novollzéibar, firwat déi Leit ënnerstëtzt ginn. D'Ursaach ass déi, datt déi Kanner handicapéiert sinn.

Dat hei ass awer e Problem, deen op der dorteger Plaz stattfënnt. An do ass d'Regierung vun dohanne gefuerdert an do hëllefen och déi 5.000 Euro, déi mir dohinner schécken, näischt. Mir sollte fir d'éischt en Appel un déi dorteg Regierung maachen, ier mer ufänken d'Suen ze verdeelen.

Linden Jeannot, Schäffen:

Net nëmme mir, mä och déi aner Länner hëllefen. Zum Beispill gëtt a Südamerika och de Bauere gehollef. An och do goufe schonn eng etlech Appeler un d'Regierung gemaach an et ass näischt dobäi erauskomm. Wann déi Leit net gehollef kréichen, da géifen se ganz ënnergoen.

Et sinn nach méi Associatiounen hei am Land, déi hëllefen. Sief dat am Nepal oder op anere Plazen. D'Kanner kréien zum Beispill mat däer Hëllef eng Ausbildung. Well d'Regierunge këmmere sech net drëm. Do déngt och en Appel un déi Regierungen näischt.

Polfer John (CSV):

Ech wollt kuerz dem Här Thein äntweren. Ech hunn d'Erfahrung an Afrika gemaach, well ech Leit kannt hunn, déi donidde gewierkt hunn. Wann een Associatiounen, déi op der Plaz sinn, eppes gëtt, wéi zum Beispill d'Soroptimisten – fir nëmmen déi ze nennen – an déi och dohannen esou e Club hunn, da kommen déi Suen och op der Plaz un. Ech war selwer am Rwanda an ech konnt mech dovunner iwwerzeegen, datt deene Leit och gehollef gëtt. Alles dat, wat iwwer staatlech Instanze leeft, kënnt net bei deenen un, déi d'Hëllef brauchen. An ech ka mer denken, datt et an Indien net vill aneschters ass, an datt d'Leit nëmme gehollef kréie wann Organisatioune vun hei aus dohinner ginn.

Gonçalves Cátia (LSAP):

Ech wollt u sech elo hei net diskutéieren, ob et elo wichteg ass oder net, datt mir Cooperatiounspolitik maachen. Ech denke fir mech ass dat eng Selbstverständlechkeet, zemools wann een esou interessant Projeten huet, datt een deene Leit dann och sollt hëllefen.

Ech hätt awer u sech elo eng Fro. Um europäeschen Niveau gëtt et e Klimapakt, an do ass et jo de Prinzip vum Emissiounshandel. Well dat jo e Projet ass, deen en Drëttland ënnerstëtzt, wollt froen, ob dat eng Mesure ass, déi vu Lëtzebuerg aus an dat Konzept passt.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

An den 90er Joeren huet de Gemengerot hei décidéiert, fir dem Klimabündnis bäizetrieden an do waren 2 Voleten. Dat eent ass sécherlech d'CO2-Reduzéierung hei op der Plaz, an dat anert war sécherlech och dee Volet vun der Entwécklungshëllef, wou mir eis eigentlech als Gemeng engagéiert hunn – an dat haaptsächlech mat der ASTM – fir um Niveau vu Projeten – déi och sécherlech an d'Richtung vun enger besserer Ëmweltbilanz ginn – eis ze engagéieren. An dat hei passt wierklech an dee Kader vun deem Engagement, wat mer an den 90er Joere geholl hunn. Et ass an enger Kontinuitéit vun där Politik déi mer an deene leschte Joere gemaach hunn.

Thein Joé (adr):

Ech wollt nach eng Kéier drun erënneren, datt Indien en zimlecht aarmt Land ass, an datt et do nach wesentlech méi tragesch Problemer gi wéi deen ëmweltpolitesche Volet deen hei ugeschnidde gëtt. Mir hätte besser, datt mer géifen an d'Bildung investéieren an deene Leit iwwer dee Wee hëllefen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et muss een och soen, datt hei d'Gemeng ¼ bei deene Projete bäileet an de Stat de Rescht iwwerhëlt. Et hänkt natierlech ëmmer vum Projet of. Mä de Coopeatiouns-ministère ass och heimatter involvéiert.

Accord par 16 voix (CSV, LSAP, déi gréng, DP) contre 1 voix (adr).

9.5.

Prévisions sociales.

Aide au Tiers Monde: Appui aux enfants de parents emprisonnés au Népal – décision.

Linden Jeannot, Schäffen:

Dëse Punkt geet och an déi selwecht Richtung an do schaffe mer och mat der « ONGD-FNEL scouts & guides pour le développement communautaire asbl » zesummen. Hei geet et dann drëm fir Kanner vun Elteren, déi am Nepal an de Prisong gesat goufen, ze hëllefen. Déi Kanner sollen niewendrun an Haiser ënnerkommen, esou datt se no bei den Eltere wieren. Well bis elo ass et esou, datt déi Kanner mat den Elteren agespaart goufen, a si hunn do ënner deene selwechte Konditioune miisste liewen ewéi déi Grouss.

Am Moment sinn et 20 Kanner tëscht 4 a 17 Joer, déi betreit ginn, wouvunner der 12 an e Kannerheem kommen an déi aner 8 Kanner kommen an eng Duerfgemeinschaft, wou se vum lokale Partner 'Advocacy Forum' ënnerstëtzt, iwwerwaacht a gehollef kréien. Esou datt déi 20 Kanner net mat hiren Elteren am Prisong musse sëtzen.

An de leschte Joeren hu mer dëse Projet och schonn ënnerstëtzt, esou datt mer och dëst Joer dee Projet hei erëm mat 10.000 Euro wollten ënnerstëtzen.

Brecht Guy (LSAP):

Gëtt déi Hëllefsorganisatioun dann a Rou schaffe gelooss? Ass do net zevill Oppositioun? Well et herrscht jo eng Diktatur an deem Land.

Linden Jeannot, Schäffen:

Si mussen dat jo kënne maachen, well soss géife mer dat jo gewuer ginn a si miisste sech aus deem Land zeréckzéien.

Thein Joé (adr):

Wéi gesäit den Appui vis-à-vis vun deene Kanner an Elteren aus, wou d'Elteren hei am Land am Prisong sëtzen?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Am Budget vum Office social fannt der eng Rubrik, wou Kanner placéiert musse ginn. Dat ass effektiv eng Rubrik, déi di Kanner concernéiert, ob dat der elo sinn, déi am Prisong sinn oder net. Mir si forcéiert fir all d'Kanner, déi aus iergendenger Ursaach aus hirer Famill hu miissten erausgeholl ginn – sief dat, datt d'Elteren am Prisong sëtzen, sief dat, datt d'Eltere sech net anstänneg ëm se këmmeren – ze ënnerstëtzen. Dat ass e grousse Chiffer, dee mer am Budget stoen hunn.

Thein Joé (adr):

Huet d'Gemeng dann d'Iwwersiicht doriwwer, aus watfir Grënn déi dorteg Famillen am Prisong sëtzen?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Wann et sech net ëm eng ëffentlech Veruerteelung handelt, an esoulaang déi Leit net condamnéiert sinn a sëtzen an U-Haft, – an do hu se jo awer gewëss Rechter op 'présomption d'innocence' – wësse mir net firwat se am Prisong sëtzen. Mir ginn nëmme gewuer, wann d'Kanner aus der Famill erausgeholl ginn. Den Office social kritt dann d'Charge fir fir déi néideg finanziell Apporten ze suergen, déi noutwenneg si fir déi Kanner ze placéieren. Mir sinn awer net déi, déi éischtens eng Décisioun huelen, an och net déi, déi onbedéngt iwwer alles informéiert ginn.

Mir ginn héchstens informéiert, datt en Elterendeel am Prisong sëtzt, wéinst engem ganz spezifesche Fall dee public ginn ass a wou eng Condamnatioun ausgesprach ginn ass. An ech mengen, et ass fir d'Gemeng net onbedéngt vu groussem Notze fir ze wëssen, firwat eng Persoun condamnéiert ass. Wichteg ass ze wëssen, datt e Kand an Nout ass an deem gehollef muss ginn. An d'Ursaach vun där Nout soll eis als Gemeng egal sinn. Wichteg ass, datt mir dee Moment hëllefen.

Accord par 16 voix (CSV, LSAP, déi gréng, DP) contre 1 voix (adr).

9.6.

Prévisions sociales.

Convection avec ProActif asbl relative à la réinsertion de jeunes chômeurs dans le marché de travail – décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech hat scho bei de Budgetsdikussiounen ugekënnegt, datt mer – esou wéi mam CIGL – och eng Conventioun mat ProActif maachen, wat d'Réinsertioun vu jonke Chômeuren um Aarbechtsmaart betrëfft. Do sollen Aarbechten um Niveau vum Train 1900, um Niveau vum Tëtelbierg ronderëm d'AMTF gemaach ginn. Mir kruten och eng ausféierlech Oplëschtung vun deenen Aarbechten, déi am Kader vun der dëser Conventioun solle gemaach ginn. Als finanziellen Apport géife mer 176.000 Euro bäisteieren, an dat fir Maintenace-aarbechten vun de Waggongen an anere Maschinnen. Déi jonk Chômeure kréien dann an deene Beräicher eng gewëss Formatioun. Da sinn et och nach 'travaux de débroussaillage' laanscht d'Gleisen, fir déi mer laut Conventioun 19.000 Euro reservéieren.

Beim Bau vun deem neien Atelier&Forge um Site am Fond-de-Gras hate mer virun engem Joer en extraordinäre Kredit gestëmmt, deen éischter fir d'Material a fir déi Aarbechten, déi duerch eng Firma musse gemaach ginn, geduecht war. Et ginn awer och Aarbechten, déi vun de jonke Chômeure kënne realiséiert ginn, an dat ënner der Opsiicht vun de responsabelen Techniker. Dofir ass eng Zomm vun 45.000 Euro virgesinn.

Schlussendlech ass fir 20.000 Euro och nach Material virgesinn, dat se brauche fir déi Maintenanceaarbechte kënnen ze maachen. Alles an allem kéime mer dann 260.000 Euro, déi mer laut Conventioun reservéieren. Dobäi kommen nach 50.000 Euro, opgronn vun engem Devis, dee mer d'lescht Joer gestëmmt haten. Esou datt mer do eng zimlech grouss Zomm dem ProActif zur Verfügung stelle fir dann haaptsächlech a virun allem déi Réinsertioun vu jonke Chômeuren ze maachen. Op der aner Säit ginn awer och eng Rei sënnvoll a wichteg Aarbechte fir d'Entwécklung vun eisem Site am Fond-de-Gras gemaach.

Mir kréien – an dat ass ofgemaach – all Mount eng Rechnung, déi eis detailléiert matdeelt, wat vun Aarbechte gemaach si ginn a wat vu Material gebraucht ginn ass.

Dës Conventioun gouf ënnerschriwwe vum ProActif, vum Schäfferot an och vum President vun der AMTF.

Gira Carlo (CSV):

Ech hu just e Problem mam Begréff 'Jeunes chômeurs'. Esouwäit ech weess gouf vun der Adem gesot, datt kee méi dierft agestallt ginn ënner 29 Joer. Oder falen déi doten elo net dorënner?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mir nennen dat 'jeunes chômeurs', an et kann een och nach mat 29 Joer jonk sinn. Si décidéieren awer effektiv, wien se schécken. Well déi Leit, déi beim ProActif eng Plaz kréien – an dat ass d'selwecht beim CIGL – si Leit, déi vum Aarbechtsamt geschéckt gi sinn. Déi maachen eng 'carte d'assignation'. Och d'Aarbechtsamt iwwerhëlt jo en Deel vun de Fraisen an och en Deel vun der Formatioun déi ufält. Esou datt et si sinn, déi d'Leit schécken. Wann dat nach ëmmer esou ass mat deenen 29 Joer, da schécke si och nëmme Leit iwwer 29 Joer. Wa si awer muer soen, datt den Aarbechtsmaart ëmmer méi schwéier gëtt – och fir ganz jonker – da kann et och sinn, datt se méi jonk Chômeure schécken.

Gira Carlo (CSV):

Wann ee mat 16 Joer d'Schoul verléisst an et huet een 13 Joer keng Aarbecht, dann ass dat och eng laang Zäit.

Approbation à l'unanimité.

10.

Sports et loisirs.

Avenant à la convention avec la Ville de Dudelange pour la mise à la disposition temporaire de la piscine de Pétange – décision.

Linden Jeannot, Schäffen:

De Centre Hartmann zu Diddeleng gëtt ofgerappt an et gëtt eng nei Schwämm gebaut. Den Diddelenger Schwammclub huet gesicht, fir eng aner Plaz ze fannen, wou hien trainéiere kann, an et gouf eng Conventioun mat der Péitenger Gemeng gemaach. Dat heescht, si kommen – bis déi Schwämm zu Diddeleng fäerdeg ass – an eis Péitenger Schwämm trainéieren. Si bezuelen eis 1.000 Euro de Mount ouni TVA fir d'Locatioun vun der Schwämm. Während der Summervakanz ass d'Péitenger Schwämm awer zou a si kënnen dann deemno och net vun den Installatioune profitéieren.

Approbation à l'unanimité.

11.

Environnement.

Programme d'action annuel pour l'exercice 2012 du SICONA – décision.

Linden Jeannot, Schäffen:

De Sicona huet eis matgedeelt, watfir Projeten an Aarbechte si am Joer 2012 op eisem Territoire wëlle maachen. Et wieren dat:

- Taille écologique des haies en hiver 2012/2013
- Entretien des plantations et clôtures, fauchage des prairies maigres et bandes écologiques
- Restauration et entretien de vergers
- Activités écologiques parascolaires
- Projet Natur genéissen

Am Ganze wieren dat Aarbechten an Héicht vun 58.186 Euro. De Stat gëtt och e Subsid, esou datt fir eis nach eng Zomm vun 40.000 Euro ze droe wier.

Accord à l'unanimité.

12.

Sylviculture.

Plan de gestion des forêts communales pour l'exercice 2012 – approbation.

Linden Jeannot, Schäffen:

Dës Aarbechte ginn zesumme mam Fierschter gemaach, an do hutt der och an dem 'Aide-mémoire' eng Oplëschtung vun deem wat gemaach soll ginn a wat et kascht.

U sech maache mer bei de Bëschaarbechten en Defizit – wann een dat esou ka soen. De Plan de Gestion 2012 gesäit 122.130 Euro u Recetten an 178.000 Euro un Ausgabe vir, esou datt ënner dem Stréch en Defizit vun 55.870 Euro bleift. Ech sinn awer der Meenung, datt mer e gudde Bësch hunn. Mir hu jo och dofir den FSC-Label kritt, dat beweist, datt d'Gestioun vun eise Bëscher op eng nohalteg Aart a Weis gemaach gëtt.

Bosseler Camille (CSV):

Et ass scho richteg – wéi den Här Linden seet – , datt eise Bësch zimlech an der Rei ass. Dat selwecht gëlt och fir d'Weeër. An dovunner kënnen nëmmen d'Leit profitéieren. De Bësch ass eng Saach, wou mer Suen domatter kënne maachen. Mä et ass awer eise Filter, an dat hunn ech schonn oft hei gesot. Et ass e Filter, dee mer brauchen. Et ass och en Noerhuelungsgebitt, wou d'Leit kënnen trëppele goen a wou se sech kënne wuelfillen. A mir hunn eng schéi Géigend a mer sollte versichen alles dorunner ze setzen, fir datt mer dat och esou behalen.

Linden Jeannot, Schäffen:

Dat ass scho richteg esou. Mir hu jo déi Auszeechnung kritt, datt eis Bëscher op eng Manéier an der Rei gehale gi wéi et gewënscht ass. Dat ass e gutt Zeeche fir eis Gemeng a mer sollten och op deem Wee virufueren.

Approbation à l'unanimité.

13.1.1.

Budget rectifié de 2011 et budget de l'exercice 2012: travaux extraordinaires.

Travaux d'assainissement au niveau des locaux au sous-sol de l'Ecole Fonderie à Rodange – approbation du devis au montant de 72.000 euros.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Bei de Budgetsdebatten hate mer dat heite schonns ugeschwat. Mir hunn am Keller vun der Fonderie-Schoul Problemer mat der Fiichtegkeet. Mir hunn do eng Rei Mesurë geholl fir ze kucken, ob mer net deem kënnen entgéintwierken. Mir hunn ëmmer erëm festgestallt, datt de Problem fir eng Zäitche geléist war, an dann huet et awer erëm vu vir ugefaangen. Dat eenzegt, wat elo nach bleift, ass en Terrassement ze maachen an en Drainage vir laanscht d'Mauer ze leeën. Dat huet natierlech säi Käschtepunkt. Mä d'Techniker soen eis, datt dat déi eenzeg Method ass fir de Problem definitiv ze léisen.

Déi Aarbechte wäerte mer an der Vakanz virhuelen, a wann d'Kanner dann aus der Vakanz erëmkommen, wäerte mer d'Aarbechten ofgeschloss hunn, an et kann nees an deene Klassesäll anstänneg Schoul gehale ginn.

Approbation à l'unanimité.

13.1.2.

Budget rectifié de 2011 et budget de l'exercice 2012: travaux extraordinaires.

Travaux de réfection des façades des bâtiments existants de l'Ecole 'In Eigent' à Pétange – approbation du devis au montant de 100.000 euros.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

An Eigent si mer jo am gaangen op der enger Säit d'Maison Relais ze bauen an op der anerer Säit d'Schoul ze vergréisseren, an dat zur Mathias Adam-Strooss zou. Do ass alles virgesinn, fir nei Fassaden ze maachen. Mir hunn awer elo festgestallt, datt et net ganz gutt wier fir all déi Fassaden nei ze maachen, awer un deem ale Gebai näischt ze maachen. Dofir ass hei fir 100.000 Euro virgesinn, fir déi Fassade vun deem ale Gebai – wouvunner en Deel och net méi gutt ass – och mat ze maachen. Déi Aarbechte waren am Devis vum Neibau net virgesinn. Mir sinn awer der Meenung, datt mer déi Aarbechte sollen direkt matmaachen, well mer engersäits d'Firmen op der Plaz hunn an anersäits – wann déi Schoul Enn 2012 komplett fäerdeg ass – ass domatter d'Gesamtbild besser.

Approbation à l'unanimité.

13.1.3.

Budget rectifié de 2011 et budget de l'exercice 2012: travaux extraordinaires.

Frais de matériaux concernant l'aménagement d'une épicerie solidaire à Pétange – approbation du devis actualisé au montant de 117.897,03 euros.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

D'Epicerie solidaire hu mer jo schonn am Juli ageweit. An ee Punkt war, fir d'Waasser vum Daach vun der Sportshal opzefänken an an der Epicerie solidaire ze gebrauchen. Dofir waren och urspréinglech am Devis vun de Renovatiouns-aarbechte vum Centre sportif déi Sue virgesinn. Mir hunn awer du vum Gesondheetsministère gesot kritt – well mer do Produiten behandelen, déi fir de Verkaf geduecht sinn – , datt et net gutt wier wa mer op dat Waasser géifen zeréckgräifen. Si hunn eis u sech en negativen Avis ginn, esou datt mer hu miissten e separate Waasseruschloss maache fir d'Epicerie solidaire. Well déi Aarbechten awer elo näischt méi direkt mam Centre sportif ze dinn hunn, huele mer déi Zomm, déi do ufält – dat sinn 19.472 Euro – a setzen se bei den Devis vun der Epicerie solidaire bäi.

Dobäi koum, datt mer vun der Santé nach eng Rei Oploe krut hunn, déi eis forcéiert hunn, dat Gebai ze vergréisseren. Esou hu miisste separat Toilettë fir d'Personal an d'Visiteuren ugeluegt ginn. Well d'Gebai doduerch méi grouss ginn ass, ass de Käschtepunkt natierlech och an d'Luucht gaangen.

Schlussendlech ass och nach eng Hausse vun de Präisser komm, an dat besonnesch bei de Fënsteren. Den Devis hat schonn e gewëssenen Alter, a besonnesch bei de Fënstere war eng Hausse vum Präis ze verzeechnen. Dat bréngt mat sech, datt mer elo en Devis actualisé vum 117.897,03 Euro musse stëmmen. Mat där Zomm kënnen d'Aarbechten alleguerte bezuelt ginn a mer kënnen dann och den Décompte maachen.

Gira Carlo (CSV):

Dir hutt gesot, datt mer deen Opfangbecken net dierfe maachen, wat bedauerlech ass. Doduerch konnte mer jo awer bei der Sportshal Gelder spueren?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Effektiv, wann den Décompte vun der Sportshal kënnt, wäerte mer konnten déi 19.472 Euro spueren. Et sief dann, bei der Sportshal wier och eng Hausse vun de Präisser ze verzeechnen. Mä dat kann een awer eréischt soen, wann den Décompte vun der Sportshal virläit.

Approbation à l'unanimité.

13.1.4.

Budget rectifié de 2011 et budget de l'exercice 2012: travaux extraordinaires.

Etablissement d'un Plan directeur pour Pétange Ouest et le lieu-dit « am Grond » à Pétange – approbation du devis au montant de 70.700 euros.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mir sinn am gaangen, am Kader vun eisem PAG eng Rei vu Plans directeur opzestellen. An dat hei ass dee Plan directeur, dee mer engersäits am gaange sinn opzestellen um Site Eucosider. Eng éischt Aarbecht ass jo do scho gemaach ginn. An da soll jo och vun deem Site – iwwer den Terrain vum Lazar – eng Verbindung a Richtung Lonkescher Strooss gemaach ginn. Dat gëtt awer éischter e Foussgänger- oder Vëloswee. Och wann dat keng Verbindung fir motoriséiert Gefierer gëtt, esou muss een awer kucken, wéi den Impakt op de Verkéier an der Lonkescher Strooss, respektiv um Site 'Eucosider' wäert sinn. Dësweidere muss och eng Lévée cadastrale gemaach ginn, well en Deel vum Terrain – haaptsächlech um Site vun der Eucosider – eis gehéiert an een aneren Deel der Eucosider, respektiv ArcelorMittal gehéiert.

Fir all déi Saache mussen d'Sue virgestreckt ginn. Mir mussen e Gesamtbild virleeën, well mer dat musse maache wa mer gären e Projet realiséieren. De Stat schreift eis dat esou vir, fir e Plan directeur ze maachen iwwer déi Terrainen, déi ronderëm leien. An dofir brauche mer déi néideg finanziell Mëttelen, déi mer awer spéiderhin – wann d'Realisatioun vun deene Projetë gemaach gëtt – zum Deel kënne récupéréiere vun de Promoteuren, respektiv vun deenen, déi dee Projet wëlle realiséieren.

Mir wëllen eis elo hei e Kredit gi fir eng Rei Bureauen domatter ze chargéieren. Dat wier emol de Bureau Zeyen et Baumann, fir d'Adaptatioun vum Plan directeur Pétange Ouest. Heifir sinn 30.000 € virgesinn. Ob dat awer esou deier gëtt, musse mer nach gesinn. Dann ass et de Bureau Schroeder et Associés fir eng Etude iwwer den Impakt vum Verkéier ze maachen. Schlussendlech ass et nach de Bureau de géomètre fir d'Levée cadastrale. Am Total komme mer dofir op 70.700 €.

Conzemius-Holcher Josette (CSV):

Dir hutt elo gesot, datt eng Verbindung iwwer den Terrain Lazar sollt goen. Wie sanéiert dann deen Terrain, well deen Terrain ass jo awer relativ verseucht? Oder ass deen Terrain scho sanéiert?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Déi Firma huet d'Oplo, fir deen Terrain ze sanéieren. Wou déi Firma opgehal huet mat schaffen, huet se vum Environnement eng Oplo kritt fir deen Terrain ze sanéieren. Si wieren och mat deenen Aarbechten am gaangen. A mat de Perspektiven, datt op deem Terrain soll e Projet realiséiert ginn, kënnt och méi Bewegung an d'Sanéiere vun deem Terrain. Esoulaang mer deen Terrain integral als Gréngzon do stoen hunn, an doduerch och näischt op deem Terrain ka geschéien, ass natierlech d'Begeeschterung vun där Famill net zevill grouss fir d'Sanéierung virzehuelen. Dat konnte mer an deene leschte Joere feststellen.

Dee Plan directeur gesäit vir, datt e Fousswee, iwwer eng Bréck an iwwer d'Eisebunn, an iwwer deen Terrain a Richtung Lonkescher Strooss, geet. Dat muss awer nach definitiv festgehale ginn an hei am Gemengerot zur Ofstëmmung kommen. Et muss och gekuckt ginn, wat dat am Globale bedeit, well et sinn och nach aner Propriétairë vun Terrainen, déi concernéiert sinn. An da muss ee kucken, wat schlussendlech zeréckbehale gëtt.

Mä fir d'Sanéierung ass eenzeg an alleng de fréiere Propriétaire zoustänneg.

Approbation à l'unanimité.

13.1.5.

Budget rectifié de 2011 et budget de l'exercice 2012: travaux extraordinaires.

Etablissement d'un Plan d'Aménagement Particulier pour la cour derrière la Maison de la Culture « A Rousen » et le quartier adjacent à Pétange – approbation du devis au montant de 100.000 euros.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dir wësst, datt mer am gaange si fir de Projet vun deenen neien Ateliere weiderzedreiwen. Mir hoffen, fir lues awer sécher zu engem Enn ze kommen. Do ginn natierlech hanner Rousen Perspektiven op, déi doranner bestinn, datt déi eeler Gebaier eventuell kënne verschwannen.

Et sollt ee sech iwwerleeën, wéi een déi Terraine ronderëm dat Gebai kéint nei aménagéieren. An deem Kontext sollen och Iwwerleeunge gemaach ginn an Zesummenhang mat engem eventuellen ënnerierdesche Parking. Et sinn dat alles Diskussiounen, déi mer wëlle féieren, fir ze kucken, wat mer nach hei zu Péiteng u Parkraum brauchen. Wat brauche mer nach hei zu Péiteng un ëffentleche Gebaier. Esou kéint een do zum Beispill un eng Musekschoul denken, och wann dat nach ze fréi ass fir do an den Detail ze goen.

All déi Geschichte sollen eng Kéier gekuckt ginn an an ee Gesamtkonzept vun engem PAP afléissen an am Kader vun eisem neie PAG berücksichtegt ginn.

Fir dee Projet kënnen ze maachen, musse mer en Architektebüro domatter beoptragen an den Devis fir dat Gesamtkonzept – dat mer am Laf vun 2012 dem Gemengerot kéinten op den Dësch leeën – géif sech op 100.000 € belafen.

An dësem Fall ass et awer esou, datt mer vun deene Suen net méi ganz vill kënne récupéréieren, well d'Aarbechten op Terraine gemaach ginn, déi exklusiv eis gehéieren.

Approbation à l'unanimité.

13.1.6.

Budget rectifié de 2011 et budget de l'exercice 2012: travaux extraordinaires.

Aménagement et valorisation d'un terrain près du cimetière de Pétange, au lieu-dit « Im Kaepgesfeld » - approbation du devis au montant de 100.000 euros.

Linden Jeannot, Schäffen:

An der Beschreiwung gesitt der, wat genee op deem Terrain soll virgeholl ginn. Wichteg ass, datt deen Terrain soll flott ugeluegt ginn an datt een emol erëm ka flott dolaanscht trëppelen. De Moment ass et zimlech verwëldert.

Dann ass och de Wonsch do, fir eng Streewiss unzeleeën. A beim Péitenger Kierfecht wier dat doten eng Plaz, déi sech fir eng Streewiss géif eegenen. E klengen Deel vun deem Terrain ass nach a privaten Hänn, mä mir si mam Propriétaire a Verhandlungen, fir deen Terrain ofzekafen. Hien ass och bereet fir dat ze maachen.

Da soll och eng Zort 'Besinnungspfad' ugeluegt ginn.

Fir deen Terrain z'aménagéieren, hu mer laut Devis 100.000 Euro virgesinn. Dës Aarbechte ginn och zum gréissten Deel vun eisen eegene Leit gemaach, zesumme mam Fierschter a senger Equipe. Wat elo d'Plantatioune betrëfft, esou sinn dat elauter Beem a Straicher, déi an eise Géigenden doheem sinn.

Pierre Norbert (LSAP):

U sech begréissen ech dee Projet, well deen Terrain ass jo scho viru längerer Zäit kaf ginn a war geduecht fir de Kierfecht ze vergréisseren. Déi Vergréisserung ass elo net esou noutwenneg, well vill Griewer fräi gi sinn.

Am Devis ass elo e 'Besinnungspfad' virgesinn, mat verschiddene Statiounen. Ech hunn u sech näischt dogéint. Do sinn awer esou eng Zort Statue virgesinn. Do wollt ech froen, ob déi schonn am Devis berücksichtegt gi sinn. Oder ass dat nëmmen eng Propose an d'Gemeng huet eng aner Iddi, wat een op deene Statioune mécht. Well ech kéint mer do eppes aneschters virstelle wéi dat, wat an der Beschreiwung steet. Well déi 5 Besinnungsstatioune kaschten zesummen 21.000 Euro.

Et fält och op, datt laut Devis, dee vun eise Servicer opgestallt ginn ass, d'Streewiss esouvill kascht – op den Cent genee – wéi eng Besinnungsstatioun. Do hunn ech meng Bedenken domatter. De Projet – am Ganzen – kann ech awer begréissen.

Linden Jeannot, Schäffen:

Wat déi 5 Besinnungsstatiounen ugeet, esou hunn ech och miissten nofroen. An déi Firma 'VDB', déi dofir zoustänneg ass, hunn als Aufgab, fir ekologesch Verbesserungen ze maachen, do wou se gefrot ginn. Dat hei ass elo nëmmen en Devis, mä dat kann och nach änneren. Et ass net gesot, datt déi Zort Statuen elo do opgeriicht ginn. Mir hunn och nach aner Iddien, déi mer kënnen entwéckelen, an déi mat eise Leit kéinte realiséiert ginn.

Am Devis ass elo emol dee Chiffer agesat gi fir kënnen déi Aarbechten ze realiséieren.

Pierre Norbert (LSAP):

Dat kann ech nëmme begréissen an iwwer de Chiffer wëll ech net diskutéieren. Meng Bedenke beschränke sech just op déi Statiounen.

Gira Carlo (CSV):

Et gëtt bis elo eng Gemeng hei am Land, déi a Richtung 'Bëschkierfecht' gaangen ass. Mir leien hei och relativ no beim Bësch. Ass nach net dru geduecht gi fir bei engem spéidere Projet an déi Richtung kënnen auszebauen, wann déi Demande géif virleien?

Linden Jeannot, Schäffen:

Déi Streewiss soll jo am ënneschten Deel ugeluegt ginn. An uewen, do wou de Besinnungspfad soll ugeluegt ginn, stéisst jo direkt un de Bësch. A mat eiser Streewiss leie mer jo dann no beim Bësch. Méi no kënne mer net kommen.

Gira Carlo (CSV):

Bei esou engem Bëschkierfecht huet een ee Bam, wou ee kann higoe fir sech ze besënnen an dat esou kann huelen, wéi zum Beispill e Graf. Et wieren dat Beem, déi een zur Verfügung géif stellen.

Linden Jeannot, Schäffen:

Wéi gesot, dat hei ass nach net dee leschte Kuch. Et kann een nach ëmmer kucken, watfir ee Wee mer schlussendlech aschloen a watfir Statuen oder Männercher mer dohinner stellen.

Becker Romain (déi gréng):

Et gouf elo scho bal alles gesot. Ech fannen déi Iddi ganz begréissenswäert. An dat, wat den Här Gira elo geschwat huet, hat ech virun 2 Joer schonn eng Kéier hei am Gemengerot gefrot. Ech hat gefrot, ob een net kann op de Wee goe wéi d'Gemeng Betzder an esou Zort Bëschkierfecht uleeën. Hei géife mer jo och no beim Bësch leien. Mä fir dat kënnen ze maachen, kann ech mer virstellen, datt mer eng ganz Rei vun Autorisatioune bräichten. An ech denken, datt mer déi Autorisatiounen net hunn.

Déi Iddi mat der Streewiss ass wierklech ze begréissen. Well esou wéi dat zu Rodange ronderëm dee Bam gemaach gëtt, wou d'Äsche mussen am Krees ronderëm gestreet ginn, ass net ideal. An dofir ass déi Iddi hei wierklech nëmmen ze begréissen.

Bosseler Camille (CSV):

Ech liesen hei am Devis, datt och solle Bänken opgestallt ginn. Zu Lasauvage hunn ech gesinn, datt se eng Zort 'Plastiksbänken' an hirem Park opgestallt hunn. Déi brauche guer keen Entretien. Wier dat net och eppes fir hei?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Den Här Linden kuckt sech dat un, mä ech géif net mengen, datt dat esou eng gutt Iddi ass.

Approbation à l'unanimité.

3.1.7.

Budget rectifié de 2011 et budget de l'exercice 2012: travaux extraordinaires.

Mise en place d'un columbarium supplémentaire au cimetière de Pétange – approbation du devis au montant de 10.580 euros.

Approbation à l'unanimité.

3.1.8.

Budget rectifié de 2011 et budget de l'exercice 2012: travaux extraordinaires.

Mise en place d'un columbarium supplémentaire au cimetière de Rodange – approbation du devis au montant de 13.524 euros.

Approbation à l'unanimité.

3.1.9.

Budget rectifié de 2011 et budget de l'exercice 2012: travaux extraordinaires.

Revalorisation des concessions rétrocédées par des particuliers au cimetière de Rodange – approbation du devis au montant de 6.555 euros.

Linden Jeannot, Schäffen:

Hei geet et ëm d'Revalorisatioun vun deene Konzessiounen, déi d'Leit zeréck un d'Gemeng ofginn hunn. Déi Griewer ginn eidel gemaach an et kommen eenzel oder duebel Caveauen dran. Esou datt een duerno déi Griewer kann un eng aner Famill weiderginn.

Approbation à l'unanimité.

3.1.10.

Budget rectifié de 2011 et budget de l'exercice 2012: travaux extraordinaires.

Travaux d'assainissement de la canalisation dans le Chemin de Brouck à Rodange – approbation du devis au montant de 62.000 euros.

Breyer Roland, Schäffen:

Am ënneschten Deel vum Brouckerwee ass de Kanal ganz schlecht. Dat gouf duerch eng Kamerainspektioun festgestallt. Deelweis ass de Kanal agesackt. En ass awer nach vu bannen ze flécken, an dat duerch e 'chemisage'. Dat ass eng Method, déi interessant ass, méi séier geet a manner kascht. De Käschtepunkt fir dee Kanal vun 100 Meter an d'Rei ze setze läit bei 62.000 Euro.

Approbation à l'unanimité. M. Rosenfeld, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

13.1.11.

Budget rectifié de 2011 et budget de l'exercice 2012: travaux extraordinaires.

Assainissement de la canalisation au site de Lamadelaine – approbation du devis au montant de 47.500 euros.

Breyer Roland, Schäffen:

Um Site zu Rolleng, wou mer de Moment nach eis Garagen hunn, ass och de Kanal an engem ganz schlechten Zoustand an ass op verschiddene Plaze komplett agesackt. Dat ass en 200er Rouer a misst op 300 ausgebaut ginn. De Kanal misst op der Längt vun 65 Meter komplett erneiert ginn. Den Devis fir dës Aarbechte beleeft sech op 47.500 Euro.

Pierre Norbert (LSAP):

Datt de Kanal elo en 300er gëtt, ass schonn eng gutt Saach. Ass dat och esou geduecht fir wann eventuell spéider zum Beispill Wunnengsbau op deem Site soll gemaach ginn? Ass deen neie Kanal dann och dofir ze gebrauchen?

Breyer Roland, Schäffen:

Fir dat, wat elo op deem Site leeft, géif en 200er duergoen. Den 300er ass schonn an Hisiicht op dat, wat eventuell op deem Site soll geschéien.

Bosseler Camille (CSV):

An der Nic. Biever-Strooss, do wou d'Baach ass, hu mer jo e Fiichtgebitt 'Plon'. Do kënnt därmoosse Waasser erof an do gëtt net ëmmer gebotzt. An dann hunn déi Leit d'Waasser bis hannenhinner bei d'Haiser stoen. Do misst méi oft duerno gekuckt ginn, net datt erëm alles verstoppt ass an d'Waasser net kann oflafen.

Breyer Roland, Schäffen:

Dat huet elo näischt direkt heimatter ze dinn. Eis Servicer wäerten awer duerno kucken. Si hunn och schonn Uweisung kritt, fir an der Gemeng no deene Plazen ze kucken. A si waren och schonn ënnerwee fir no deene Grief ze kucken. Mä fir de Moment hu mer och exzeptionell Konditiounen dobaussen.

Approbation à l'unanimité.

13.1.12.

Budget rectifié de 2011 et budget de l'exercice 2012: travaux extraordinaires.

Aménagement d'un parking écologique dans les alentours du Moulin Waxweiler – approbation du devis au montant de 180.000 euros et des plans.

Breyer Roland, Schäffen:

Wéi scho bei der Budgetspresentatioun ugekënnegt, hu mer wëlles e Parking, dee fir d'Attraktivitéit vun der Millen noutwenneg ass, z'aménagéieren. Mir haten ugedeit, datt mer nach ëmmer 3 Optiounen opstoen hunn. 2 vun deenen 3 Optiounen hunn awer mat frieme Propriétairen ze dinn, esou datt mer do net wëssen, wéi mer virukommen. Dofir hu mer déi heiten Optioun, déi sech op eisem Terrain befënnt, elo emol virgezunn. Et muss ee kucken, op se awer zur Realisatioun kënnt. Do huele mer eis déi néideg Zäit. Wann nach eng aner Optioun soll kommen, da kënne mer nach eng Kéier driwwer kucken.

Dat hei ass ee Parking, deen op der Lénger Strooss wier, direkt hanner dem Monument vum amerikaneschen Zaldot. Dat ass do, wou de Moment de Busarrêt ass. Do géife mer erafueren, op enger maximaler Déift vun 15 Meter, an do e Parking maachen, dee ganz begréngt wier. Dee Moment, wou de Parking gemaach gëtt, miissten e puer Beem ewechgeholl ginn. Déi ginn awer duerch eng Kompensatioun ersat. Den Här Leytem, Chef d'arrondissement vun den Nature et Forêts, huet eis op der Plaz schonn den Accord ginn. An esou séier wéi de Plang elo hei gestëmmt ass, gëtt mat him och zesummen dat Ganzt exekutéiert.

Et gëtt dat e Parking, deen e 'revêtement drainant' huet, an deemno de Buedem och net versigelt gëtt. 25 Autoe géifen do Plaz fannen. De Käschtepunkt ass op 100.000 Euro héichgerechent ginn.

Becker Romain (déi gréng):

Mir haten de leschte Méindeg schonn heiriwwer diskutéiert. Mir sinn nach ëmmer der Meenung, datt déi Zon, wou de Parking soll hikommen – egal ob en elo 'parking écologique' heescht oder net – eng Gréngzon ass. An déi Gréngzon huet deemools als Pufferzon zur Collectrice miissten ugeluegt ginn, fir de Leit op der Lénger-Strooss de Schall an zum Deel och den Dreck ewechzehalen.

Aus deenen Ursaache si mer dogéint, datt op där Plaz e Parking ugeluegt gëtt. Mir fannen, datt miisst versicht gi fir ronderëm d'Millen en aneren Terrain – oder aner Terrainen – ze kréie fir e Parking z'aménagéieren.

Mir froen eis och, firwat am ganze Kader vun den Iddien an dem Plange vun der Millen net vun Ufank un e Konzept vun engem Parking mat virgesi ginn ass.

Breyer Roland, Schäffen:

Dir hutt Recht, et wier méi ideal wann de Parking direkt un d'Mille géif ustoussen. Mä déi Terrainë gehéieren eis net. Ech

wëll och elo hei keng Spekulatiounen opkomme loossen. D'Präisser, déi vun de Propriétairë ronderëm gefrot gi sinn, ware bis elo an enger Dimensioun, déi mer net konnte matdroen. Et muss ee versichen hinne verstoen ze ginn, datt mer déi Terrainen net brauchen. Vläicht kréie mer déi Terrainen zu engem spéideren Zäitpunkt da méi bëlleg. Ech wëll awer elo hei net zevill a spekulativ Saachen eragoen. 2 weider Optiounen direkt ronderëm d'Mille stinn nach ëmmer op. An net méi spéit wéi gëschter krut ech vun Här Mertzig nach eng weider Adress, wou ee ka versiche fir nach méi intensiv nozehaken. An ech wäert d'nächst Woch schonn e Rendez-vous mat deem Propriétaire hunn. Wat dobäi erauskënnt, weess ech nach net. Mir wëlle just de Leit soen, datt mer frou wieren en Terrain méi no kënnen ze kréien. A wa mer en Terrain kënnen zu engem anstännege Präis kréien, da privilegiéiere mer esou eng Solutioun. Mir wëllen de Leit awer och soen, datt mer eng aner Alternativ hunn. Net datt mer einfach do erpresst ginn. Ech rechnen awer domatter, datt mer geschwënn nach eng Kéier an de Gemengerot kënne kommen, an eng Alternativ op den Dësch kënne leeën.

Becker Romain (déi gréng):

Ech denken, datt mir och domatter rechnen. Well dat heiten ass eng Gréngzon. Et steet zwar an der Délibératioun '... considérant que M. Leytem, chef d'arrondissement Sud de la nature et des forêts à marqué son accord de principe ...' . Gëtt et deen Accord de principe och schréftlech?

Breyer Roland, Schäffen:

Deen Accord hu mer op Pabeier.

Becker Romain (déi gréng):

An enger Gréngzon dierfen esou Saachen nach ëmmer net realiséiert ginn – ausser et ass 'utilité publique' – an ech gesinn net wat hei soll 'utilité publique' sinn.

Breyer Roland, Schäffen:

Mir maachen hei déi normal Prozedur. Wann de Gemengerot mat deem Projet averstanen ass, da leeft dat säi Wee. Déi normal Autorisatioune ginn dann ugefrot. Mir hunn am Virfeld mat deene Leit geschwat fir ze kucken, ob op där Plaz esou eppes méiglech wier. A mir hunn am Prinzip deen Accord och kritt.

Becker Romain (déi gréng):

Am Naturschutzgesetz steet jo och nach, datt – wann een esou eppes an enger Gréngzon mécht – een och den Accord vum Minister brauch. Dat heescht, et geet net duer mat engem 'accord de principe' vun engem Chef d'arrondissement. Do brauch een definitiv den Accord vum Minister. An ech gleewen net, datt mer en Accord fir e Parking an enger Gréngzon kréien, ob deen elo 'écologique' genannt gëtt oder net.

Breyer Roland, Schäffen:

Mir duerchlafen elo déi Prozeduren. Et ass ëmmer alles méiglech, mä et muss ee Kompensatiounsmesüre maachen. Et muss ee kucken, wat dobäi erauskënnt, mä ech sinn awer zouversiichtlech, datt mer eng Autorisatioun kréien.

Gira Carlo (CSV):

Meng Fro stellt sech nëmmen, virausgesat, mir kréien d'Autorisatioun fir dat ze maachen. Den Här Breyer huet gesot, datt musse Beem ewechgeholl ginn. Mussen déi wierklech verschwannen oder kënne mer déi net versetzen?

Breyer Roland, Schäffen:

D'Méiglechkeet fir se ze déplacéieren, besteet ëmmer. Et sinn awer meeschtens Conifèren. Et sinn elo keng wäertvoll Beem. Déi kënnen entweder ersat oder versat ginn. Et muss een awer kucken, op et den Opwand wäert ass fir se ze versetzen.

Approbation par 15 voix (CSV, LSAP, adr, DP) contre 2 voix (déi gréng).

13.1.13.

Budget rectifié de 2011 et budget de l'exercice 2012: travaux extraordinaires.

Acquisition de mobilier pour le Moulin Waxweiler – approbation du devis au montant de 100.000 euros.

Breyer Roland, Schäffen:

D'Aarbechten un der Waxweiler Millen gi virun a mir rechnen nach ëmmer optimistesch domatter, datt mer am Juni/Juli funktiounsfäeg ginn. Dat bedéngt, datt mer och esou lues un d'Equipement mussen denken. Mir hu mat eiser Architektin a mat eisem Conseiller culinaire e puer Modeller duerchgekuckt, wat dohinner géif passen, an hei ass d'Propositioun:

Am Restaurant sollen eng 43 Plazen entstoen. Do sinn 8 Taboureten dobäi an 35 normal Brasseries-Still, déi awer e gewëssene Charme hunn. Dobäi kommen nach déi néideg Dëscher. Bei der Terrasse gesitt der, datt alleng beim Restaurant 80 Plaze sinn. Do ginn e bëssen aner Designer-Still geholl. An den Atelieren uewenop, wou d'Activités artistiques stattfannen, sollen och Still an Dëscher dohinnerkommen, fir datt déi Aktivitéiten och kënne geschéien. An am Daachgeschooss soll déi Kleinkunstbühne équipéiert gi mat 72 Still a mat 'tables pliantes', déi zu gewëssenen Uläss – wéi zum Beispill 'réceptions dinatoires' – kënne gebraucht ginn.

Fir alles zesumme beleeft sech den Devis op 100.000 Euro. Dir gesitt och, datt kee Miwwel vun der Brasserie dran ass, well mer sécher sinn, datt mer mat der Brauerei – déi eis de Béier liwwert – en Accord fannen, fir datt si dat Equipement komplett iwwerhuelen.

Gira Carlo (CSV):

Déi Bühn, déi an der Millen ass, ass déi fest? Oder kann een déi eventuell esou aménagéiere wéi am Home, fir de Sall méi flexibel kënnen ze notzen?

Breyer Roland, Schäffen:

Déi Bühn ass amovibel. Si ass geduecht, fir datt se opgeriicht ka ginn an dann zweckméisseg a polyvalent kann agesat ginn. Mä si léisst sech och ganz ewechhuelen.

Gira Carlo (CSV):

Dat kann ech dann nëmme begréissen. Mä ass déi dann an engem aneren Devis mat dran?

Breyer Roland, Schäffen:

Déi Bühn gehéiert zum Equipement vum Haus. Déi ganz Bühn an déi ganz Technik ass am Devis vum Equipement vum Haus mat dran.

Approbation à l'unanimité.

13.1.14.

Budget rectifié de 2011 et budget de l'exercice 2012: travaux extraordinaires.

Aménagement d'une centrale de cogénération et d'un réseau de chauffage urbain au Centre sportif de Pétange – approbation du devis au montant de 640.000 euros.

Linden Jeannot, Schäffen:

Et ass fir de 'Campus' ronderëm eis Péitenger Sportshal iwwer en 'Blockheizkraftwerk' (BHKW) ze bedreiwen. Dat BHKW soll hanner de Centre kommen. Et muss och nach en Transformator dohinner kommen. Dee kënnt e bësse méi an den Hiwwel eran. Dee Wee, deen uewendriwwer verleeft, gëtt duerno dann och erëm a Stand gesat. Dat BHKW ass geduecht fir d'Schoul 'An Eigent', d'Maison Relais an d'Sportshal ze hëtzen. Weider ass virgesi fir eng Leitung a Richtung fréieren LTMA ze zéien. Wann den LTMA bis ewechgerappt ass, ginn dat jo garantéiert Terrainen, déi ze verkafe sinn a wou och drop gebaut gëtt. An da kënnen déi Gebailechkeeten, déi do opgeriicht ginn, mat un dat BHKW ugeschloss ginn.

Sudgaz engagéiere sech fir d'Approvisionnement vun der Hëtzt a fir dat ze maachen. Mir als Gemeng droen d'Fraisë fir d'Grief ze maachen an d'Réier ze verleeën. Déi ganz Saach ass natierlech och net grad bëlleg. Mir hunn dofir emol 640.000 Euro festgehalen. An den Zweck vum Opriichte vun esou enger Anlag ass, fir den CO2-Wäert ze reduzéieren, andeem mer dee Quartier mat Fernwärme alimentéieren.

Welter Gilbert (DP):

De Schäfferot proposéiert dem Gemengerot haut, fir d'Devisen an d'Pläng vun enger Cogénératiounsanlag guttzeheeschen an den Accord ze gi fir d'Aarbechten ulafen ze loossen. Wann dësen Dossier haut gréng Luucht kritt, da stelle mer spéider fest, datt mer eng komplett falsch Décisioun geholl hunn. Ech hunn iech bei de Budgetsdiskussioune vum leschte Méindeg gesot, datt den Dossier, esou wéi en hei presentéiert gëtt, op kee Fall realiséiert dierf ginn.

Dir wëllt dës Anlag nach virum 31. Dezember 2012 lafen hunn, a mir wësse firwat. Dat steet esouguer am Dossier. De Stat subventionéiert net méi nom 31. Dezember 2012, 'et pour cause'. Och duerch eng Cogénératiounsanlag gëtt d'Loft viru verdreckst an d'CO2-Wäerter gi weider erop. Beim Opriichte vun enger Photovoltaikanlag wier dat net de Fall.

Zweetens, wat vill méi schlëmm ass, de Schäfferot verstoppt eis dat Wichtegst a weist eis just dat éischt Kapitel vum Buch, a soss näischt. Dobäi leien d'Detailer op hire Pulter. Déi Anlag, déi gebaut soll ginn, ass net ausgelaascht a vill ze grouss. A Sudgaz schreift dat. Ech zitéieren de Bréif vum 24. August. « L'installation d'un modèle de taille inférieure n'apporte aucun avantage réel sur le prix de revient de la chaleur ». Ech sinn averstanen, datt dës Anlag eventuel rentabel kéint sinn, falls d'Gemeng eng nei Cité baue léisst wou elo de Lycée steet. Dat ass vläicht a 4 Joer, vläicht a 6 Joer, oder nach méi spéit. Kee weess et, well den Terrain gehéiert nach ëmmer dem Stat. D'Conventioun mat Sudgaz leeft 15 Joer. Falls déi Cité da wierklech gebaut géif ginn, da stellen ech mer d'Fro, ob mer d'Ukeefer vun engem Haus forcéiere kënne fir sech un eis Anlag uschléissen ze loossen, an se domatter ze rentabiliséieren. Oder ob déi Leit eng modern Sonnenenergieanlag op hiren Daach baue kënnen, wat natierlech e weidert negativt Resultat op dës Anlag chiffréiere géif.

De Schäfferot huet eng Conventioun mat Sudgaz virleien, datéiert op den 25. August, déi schonns vun den Häre Hoffmann a Wurth ënnerschriwwen ass. An dëser Conventioun huet de Schäfferot Detailer virgeluegt kritt, an do geet och Rieds dra vum Kilowatt-Präis vum Gas. An dat ass net nëmmen en normale Gaspräis – wéi jiddwereen e vun eis bezilt – mä hei kënnt och nach de 'prix pour la puissance thermique' dobäi. An dee gëtt esouguer verrechent 'en absence de toute consommation'. Esou steet et an der Conventioun, déi mir bewosst net an den Dossier 'pour information' geluegt kruten.

Wa mir dësen Dossier gewëssenhaft wëllen ugoen, da brauche mir déi néideg Detailer vun de Fachleit. E Responsabele vum Bureau d'études soll hei am Gemengerot Stellung huelen. Da géif ech och nach gären d'Meenung héiere vum Här Polfer, President vun der Finanzkommissioun. Vläicht gouf hie guer net iwwer d'Detailer informéiert. Och dem Här Rosenfeld, als Vertrieder vu Sudgaz, seng Detailer miisste mer emol héieren.

Ech ka mer bal net virstellen, datt d'Gemengevertrieder blannemännches Jo soen, an dofir proposéieren ech fir dëse Punkt vun der Dagesuerdnung erofzehuelen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Äer Propose ass ganz legitim, mä da muss de Gemengerot domatter averstane sinn. Ech wäert dat net stëmmen, an dat soen ech ganz kloer. Well deen Dossier ass laang preparéiert ginn. An dat, wat Dir do sot, dat stëmmt. Effektiv ass et net esou rentabel wéi et urspréinglech de Fall gewiescht wier. Mir sollten ee Moment den Hotel Threeland mat dobäihuelen. Déi sinn awer dunn net mat op dee Wee gaangen. Mir sinn awer der Meenung, datt mer eppes solle fir eis Ekologie maachen an deen Effort hei maachen. Ob een ee ka forcéieren oder net, fir sech unzeschléissen, wann deen Areal vum LTMA nei aménagéiert gëtt, esou kann ech Iech do e gutt Beispill ginn. Dir waart jo selwer am Schäfferot mat dobäi an Dir konnt jo selwer mat erliewen, datt – an där neier Cité, déi realiséiert gëtt bei der Croix St Pierre an dem Brouckerwee – och do esou eng Anlag gebaut gëtt an och do ginn déi Haiser ugeschloss. An déi Leit, déi do bauen, mussen op dee Wee matgoen. An ech weess, datt do och zum Beispill Sudgaz an enger éischter Phas gesot huet, datt si nach gären en Approvisionnement vun normalem Gas an dësem Lotissement wëllen. Dat gouf awer net zeréckbehalen, well och um Niveau vun der Plaz, déi an deene Stroossen ass, dat net méiglech war. Et kann ee scho ganz kloer bei deene Gebaier d'Conditioun, fir sech dorunner unzeschléissen, mat integréieren.

Wat richteg ass, dat ass, datt déi Anlag fir de Moment ze grouss ass. An dir hutt dat richteg zitéiert. Et bréngt awer näischt, fir eng méi kleng Anlag ze maachen, well d'Differenz vun deem Präis esou minimal ass, datt et absolut sënnlos ass fir eng méi kleng Maschinn dohinner ze stellen. An doduerch huet Sudgaz – an dat hutt Dir richteg zitéiert – eis dann awer proposéiert, fir trotzdem déi Gréissenuerdnung do ze bauen, well de Präisënnerscheed esou minimal ass, datt et kee Sënn mécht fir op eng kleng Maschinn zeréckzegräifen.

Ech stinn do formell hannendrun. Iwweregens hutt Dir deen Dossier am Schäfferot jo laang genuch matbegleet an ech wonnere mech iwwer dee Wandel, deen ech elo haut hei vun Iech héieren.

Welter Gilbert (DP):

An der leschter Versammlung, déi stattfonnt huet – Här Buergermeeschter – ass den Dossier negativ presentéiert ginn. An dat war déi lescht Sëtzung, déi ech dobäi war. Wou e positiv presentéiert ginn ass, a wou mer alleguerten déi Detailer nach net woussten – datt se ze grouss wier, datt de Stat dat Gesetz géif änneren – war ech positiv fir déi Saach agestallt. Mä nodréiglech huet sech nëmmen Negatives erausgeschielt. An ech hunn deemools an der Sëtzung gesot, datt ech net positiv dozou géif stoen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dat hat ech dann net matkrut. Mä effektiv – wat d'Rentabilitéit ubelaangt – ginn ech Iech vollkomme Recht. Wann een et

reng vun der Rentabilitéit hier kuckt, da géif een et net maachen. Mä wann een e bësse gréng wëll denken, da muss een och vläicht eppes maachen, wat e puer Euro méi kascht. An dat ass eben dee Wee, dee mir dem Gemengerot proposéieren.

Pierre Norbert (LSAP):

De Site vum LTMA gëtt jo eng Kéier verbaut. Do geschitt jo iergendwéi eppes drop, wou Gas oder Hëtzt gebraucht gëtt. Déi Leitunge gi jo bis op dee Site verlängert. Och wann déi Anlag elo ze grouss ass, esou huet ee besser fir mat eppes unzefänken, wat am Ufank e bëssen ze grouss ass wéi ze kleng. Well mir hunn an deem noe Beräich nach weider administrativ Gebaier vun eis stoen. Esou kéint ee weider bei d'Maison de Soins, laanscht Kierch bis bei d'Schoul fueren. Esou ee Projet soll een net vu Ufank u limitéieren. De Projet soll erweiderungsfäeg sinn. An da si mer domatter um richtege Wee.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech kann deem nëmmen zoustëmmen. Effektiv – an dat ass fir nach eng Kéier ze widderhuelen – wann den Hotel Threeland mat op dee Wee gaange wier – an et freet ee sech nach, ob se net an e puer Joer agesinn, datt et interessant wier fir matzemaachen – da wier et äusserst rentabel gewiescht. Dann hätte mer och nach alleguerten déi Subside krut, déi am éischte Worf virgesi waren.

Doduerch datt den Hotel gesot huet, datt se net matmaachen, doduerch datt mer déi Subsiden net kréien, gëtt déi Rentabilitéit sécherlech méi kleng, respektiv gëtt de Käschtepunkt méi héich fir déi Anlag hei, esouwuel wat de Verbrauch vum Gas, esouwuel wat de Verbrauch vun Energie a wat den Invest fir de Bau ubelaangt.

Trotzdem bleiwen ech der Meenung, datt mir och mussen als Gemeng mam gudde Beispill virgoen. An dat hei ass fir mech e gutt Beispill a mir weisen, datt mer als Gemeng en Effort maachen. Mir maachen als Gemeng och op anere Plazen Efforten, déi net esou rentabel sinn.

Mat Hëllef vun enger Cogénératiounsanlag speise mer elo Gemengegebaier, wuelwëssend, datt dat net esou rentabel ass wéi et urspréinglech geplangt war.

Gira Carlo (CSV):

Wann een als drëtte Riedner un d'Rei kënnt, dann huet een et e bësse méi schwéier. Meng Fro, ob d'Capacitéit vun där Anlag ausgelaascht ass, ass jo scho beäntwert ginn.

Den Här Pierre huet jo och gesot, datt een déi Anlag nach kéint ausweiden an aner Gemengegebaier kéint mat abannen. Dat ass jo och méiglech – esou wéi ech héieren hunn – esou datt déi Anlag sech mëttelfristeg kéint rentabiliséieren.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech sinn elo net de perfekten Techniker. Wat awer sécher ass, wat ee méi wäit fiert, wat et méi schwiereg gëtt. Mä den LTMA ass nobäi genuch. A beim Site vum LTMA hu mer jo am Oktober schrëftlech vum Minister matgedeelt krut, datt se drun denke fir déi Gebaier am Laf vun 2012 ofzerappen. A mir wëllen och net nach 3, 4, 5 Joer an dësem Quartier en eidelen Terrain stoe loossen. Esou datt mer Uganks vum nächste Joer mam Ministère Kontakt ophuele fir déi Planung vun deem Site fir d'Zukunft ze preparéieren. An ech ka mer virstellen, datt mer am Kader vun deem PAG, nodeem mer déi Ëmklasséierungen – déi noutwenneg sinn – gemaach hunn, datt mer spéitstens 2014 mat den definitiven Aarbechten op dësem Terrain ufänken. A wa mer 2014 ufänken, dann ass d'Cogénératiounsanlag just ee Joer a Betrib, esou datt dat net esou ass, datt mer Jorzéngte géife waarde bis déi nei Consommateuren um Site vum LTMA do wieren.

Mir mussen eis schonn als Zil setzen, datt an 3, 4 Joer do reell Projeten entstinn an entwéckelt wäerte ginn. Ech sinn och net der Meenung, datt de Stat interesséiert wier, fir Terrainen an der Mëtt vun enger Uertschaft komplett brooch leien ze loossen, ëmsou méi wou se ëmmer Demandeur si fir weidere Wunnengsraum ze schafen.

Et ass un eis, fir hannendrun ze bleiwen an dee Projet weider ze dreiwen.

Becker Romain (déi gréng):

Mir schwätzen hei vum Site vum fréieren LTMA, wann do eng Kéier Lotissementer sollen hikommen. De Stat finanzéiert jo déi Cogénératiounsanlagen ab 1. Januar 2012 net méi. An dat huet – wéi den Här Welter et och gesot huet – seng Ursaachen. Well et ekologesch net esou sënnvoll ass, finanzéiert de Stat dat net méi. Wann dann awer elo déi Lotissementer an 4, 5, 6 Joer dohinnerkommen, da kënne mer déi Leit dach net zwénge fir sech un déi Anlag unzeschléissen, wuelwëssend, datt dat net esou ekologesch ass wéi ugeholl gi war. Souwisou – mat deenen neie Klassifizéierungen – sinn déi Leit jo awer éischter bereet Photovoltaikanlagen a Solarpanneaue fir waarmt Waasser oder nei Energieformen, déi vum Stat matfinanzéiert ginn, ze benotzen.

Mir kënnen se net zwénge fir sech un eng Cogénératiounsanlag unzeschléissen, wou Stat seet, datt et net ekologesch wier.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech mengen net, datt de Stat seet, et wier net ekologesch. E subventionéiert et net weider an et muss ee kucken, a wéi fern de Stat an Zukunft och nach Photovoltaikanlage subventionéiert. Fakt ass, datt – wa mer et wëlle maachen – mir et och kënne maachen. Wa mer natierlech zu deene Conclusioune kommen, datt et besser wier op een anere Wee ze goen, da musse mer se net forcéieren. Op der aner Säit sinn ech awer der Meenung, datt mer als Gemeng vläicht nach déi eng oder aner Infrastruktur uwennen. Et ass net sécher, datt all dat, wat do entsteet, och reng privat ass. Dat musse mer nach diskutéieren, an déi Diskussioune wäerte mer am Laf vun 2012 nach féieren. An da gesäit een, wat dohinner kënnt, wat privat ass a wat eng aner Installatioun gëtt.

Ech bleiwen awer dobäi, datt mer déi Anlag solle bauen. De Gemengerot ass nach ëmmer fräi ze décidéieren, mä meng Meenung ass fir et ze maachen. Och wann et net esou rentabel ass.

Becker Romain (déi gréng):

Wann déi Anlag, wéi dat elo gesot ginn ass, zevill Kapazitéit huet oder ze grouss geduecht ass, dann hypothekéiere mer eis jo selwer. Well da brauche mer ni méi vun erneierbaren Energien an deem Quartier ze schwätzen, well mir soen, datt ee sech un déi Anlag uschléisse muss well nach esouvill Kapazitéite fräi sinn.

Mir sinn am gaangen eis op deem Site selwer zouzebauen a Saachen erneierbar Energien.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mir hunn 3 Uertschaften, wou mer eng ronn 7.000 Haiser hunn, a wou erneierbar Energie ka genotzt ginn. Mir ënnerstëtzen a mer fördere selbstverständlech all Initiativ, déi an déi Richtung geet. Mir sinn nach net esouwäit, datt mer

d'Leit zu eppes forcéieren. An enger éischter Phas maache mer 2 Saachen. Mir schléissen eis Sportshal, eis Schwämm, de Campus 'Eigent', de Keelen- an Tenniszentrum un a mir ginn d'Méiglechkeet fir um fréiere Site vum LTMA déi Méiglechkeet och ze schafen.

Wann um Site vum LTMA dat net realiséiert gëtt, da fonctionnéiert déi Cogénérationsanlag op deene 4 Siten. Dann ass se fir mech och nach gutt. A wann eng Noutwennegkeet besteet fir de fréiere Site vum LTMA och mat unzeschléissen, dann hu mer d'Moyenë fir dat ze maachen. De Präis vun der Anlag variéiert net därmoossen ob et elo eng kleng oder eng grouss Anlag ass. De Käschtepunkt variéiert nëmme wéinst den zousätzleche Leitungen, déi mer musse bis bei de fréieren LTMA zéien. A mir sollen eis déi Méiglechkeet ginn, fir – wann e Besoin do ass – mer et och kënne maachen.

Ob mer d'Leit elo forcéiere sech dorunner unzeschléissen, wäerte mer nach – dee Moment wou et zur Fro steet – hei am Gemengerot diskutéieren an décidéieren.

Ech kann iech awer soen, datt zu Rodange elo e Lotissement realiséiert gëtt, wou dat doten am Kader vum PAP festgehale gëtt a wou déi Haiser un eng Cogénérationsanlag mussen ugeschloss ginn.

Welter Gilbert (DP):

Här Buergermeeschter, déi 4 Gebaier, déi elo opgezielt goufen, hunn déi alle véier eng Heizung, a wat geschitt mat deenen?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Déi Heizung an der Eigent-Schoul miisst erneiert gi wa mer net op deen dote Wee géife goen. Déi Heizung fir d'Maison Relais miisst och erneiert ginn, well et mat der Kapazitéit vun der ablécklecher Heizung net duergeet. Beim Keelenzentrum maache mer e Provisorium bis d'Anlag besteet. Dat heescht, alleguerten déi Gebaier sinn esou konzipéiert, datt mer op dat heite gebaut hunn. Wa mer déi Anlag elo net maachen, da musse mer an deene Gebaier an nei Heizungen investéieren. Well mat deenen Heizungen, déi de Moment nach do sinn, geet et net méi duer.

Dofir ass de Moment dee richtegen, fir elo eng Cogénérationsanlag ze maachen.

Scheuer Romain (déi gréng):

Dir hat elo de Keelenzenter ernimmt, datt dee géif mat ugeschloss ginn. Dee steet awer am Text net mat dran.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

De Keelenzenter ass awer mat dobäi. Dir fannt dat op der Säit 345 vum Aide-mémoire.

Rosenfeld Romain (CSV):

Dat dote war grad déi Ursaach, firwat den Threeland net matgemaach huet. Si hate frësch an eng nei Heizung investéiert an dofir war et fir si net ekonomesch sënnvoll, fir direkt an d'Cogénérationsanlag mat eranzeklammen.

Ech kommen awer nach op d'Remarque vum Här Welter zeréck, wou hie sot, datt een an de Gremien nëmme mam Kapp wénkt an alles matstëmmt. Esou ass dat jo awer net. De Projet vun der Cogénérationsanlag ass – wat Sudgaz betrëfft – zu Esch entstanen. Mir hunn näämlech e Projet fir Esch gemaach an do ass gesot ginn, datt mer déi Cogénérationsanlag finanzéieren a mer an der Gemeng Esch d'Hëtzt verkafen.

Wat elo d'Investitioun betrëfft – wat den Här Welter och ugeschwat huet – sief gesot, datt d'Investitioun eng Saach an den ekologesche Volet eng aner Saach ass. Dat war zu Esch och de Fall. D'Subventioun nom 1. Januar spillt natierlech eng grouss Roll. Et gëtt net méi esou subventionéiert. Et kéint eventuell och sinn, datt den Zeréckkaf vun Energie net méi esou héich vu staatlecher Säit ausfält.

Et gesäit een awer trotzdem, datt nach vill Cogénérationsanlagen opgeriicht ginn. Dat geschitt jo awer net vun Topegkeet, well soss géif eng privat Firma, wéi dat elo zu Rodange geschitt, sech net doranner investéieren.

Zu der Gréisst vun der Maschinn muss ee soen, datt den Ënnerscheed am Präis vis-à-vis zu enger méi klenger Maschinn net esou ausschlaggebend ass, an et sollt ee sech net aschränke fir datt een net méi ausbaufäeg wier.

Sudgaz huet u sech net immensen Intressi fir grouss z'investéieren. Well si liwwere jo och de Gas bei déi bestehend Heizungen. Déi Differenz ass guer net esou grouss an huet och net deen Impakt. Sudgaz mécht eng Avance fir déi Cogénérationsanlag ze bauen an ze finanzéieren.

Approbation par 15 voix contre 1 voix (DP). M. Bosseler, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

13.1.15.

Budget rectifié de 2011 et budget de l'exercice 2012: travaux extraordinaires.

Aménagement d'un garage et divers travaux de réaménagement – approbation du devis au montant de 40.000 euros.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Mir hu wëlles, fir op eisem Site op der Lénger-Strooss en 'garage amovible' hinzesetzen, fir esou nach en Deel vun eisem Fuerpark ënner ze kréien. Dësweidere mussen d'Sanitaire reaménagéiert ginn, fir dann och elo getrennt Duschen an Toilettë fir Häre a fir Dammen ze maachen.

Mir hunn op deem Site fir de Moment keng Duschen an Toilettë fir Dammen. Wa mer emol eng Damm an de Service Parc géife kréien, da wiere mer net méi conforme. Esou datt mer am Kader vun de Reaménagementsaarbechten op deem Site dës Saach an engems wëllen a Conformitéit setzen.

Approbation à l'unanimité. MM Pierre et Thein, ayant quitté la salle, n'ont pas pris part au vote.

13.1.16.

Budget rectifié de 2011 et budget de l'exercice 2012: travaux extraordinaires.

Travaux de conservation au sous-sol de la piscine PiKo de Rodange – approbation du devis au montant de 110.000 euros.

Linden Jeannot, Schäffen:

Bei der Budgetspresentatioun hat ech och schonn drop higewisen, datt am Keller vun der Schwämm Infiltratioune vum Waasser sinn. De Problem muss onbedéngt behuewe ginn, net datt nach weider Schied do entstinn, well d'Waasser do erakënnt.

Den Detail fannt der an ären Ënnerlagen, esou datt et elo kee Wäert méi huet fir nach emol op alles anzegoen.

Bei den Aarbechten ass ënner anerem virgesinn, fir den Agankssschacht bei den 'bâches tampon' ofzesécheren an eng dicht Dier unzebréngen.

Et huet sech och erausgestallt, datt verschidde Réier bal komplett vum Kallek zougesat sinn. An dat muss erëm fräigefreesst ginn. Bei engem anere Rouer, wou d'Waasser erëm eropgepompelt gëtt, kënnt et zu engem Réckschlag, well dee Rouer och zou ass. Déi Aarbechte mussen och gemaach ginn.

Brecht Guy (LSAP):

Wa mer elo déi Aarbechte gemaach hunn, si mer da roueg a brauche mer déi Iwwerschwemmungen, wéi mer se an deene leschte Joeren ëmmer am Keller haten, net méi ze fäerten?

Linden Jeannot, Schäffen:

Mir hoffen, datt domatter de Problem vum Dësch ass. Et sinn awer och nach aner Aarbechten an der Schwämm ze maachen, déi elo net an dësem Devis virgesi sinn. Déi Aarbechten am Keller vun der Schwämm ginn 'au fur et à mesure' gemaach.

Polfer John (CSV):

Här Linden, ech wollt iech mat op de Wee gi fir déi Péitenger Schwämm net ze vergiessen. Mir kënnen eng Kéier zesummen op d'Plaz kucke goen an da kënnt der Iech dovunner iwwerzeegen, datt do och nees d'Waasser steet.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Effektiv ass eng Plaz an der Péitenger Schwämm, wou e Problem besteet. Ech hoffen, datt d'Behiewe vun deem Problem net esou en Dauerbrenner gëtt wéi bei der PiKo-Schwämm.

Approbation à l'unanimité. M. Thein, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

13.1.17.

Budget rectifié de 2011 et budget de l'exercice 2012: travaux extraordinaires.

Renouvellement du réseau de l'antenne collective de télévision dans la Cité CFL à Pétange – approbation du devis adapté au montant de 97.800 euros.

Breyer Roland, Schäffen:

Dës Aarbechte si scho praktesch ofgeschloss. Mir haten am Kader vun deenen Aarbechten eng Virfinanzéierung vu Sudgaz kritt, fir esou kënnen d'Gemeinschaftsantenn mat an de Buedem ze leeën. Mir haten do eng Virfinanzéierung vun 67.200 Euro. Et huet sech awer während den Aarbechten erausgestallt, datt d'Réseauen e bëssen ënnerberechent waren, an datt awer méi un Aarbechte géif ufalen. Während den Aarbechte sinn och nach Kanäl fonnt ginn, déi net an de Pläng agedroe waren an déi hu miisste versat ginn.

Duerch déi zousätzlech Aarbechten ass eis Participatioun op 97.800 Euro geklommen ass. Sudgaz ass och averstane fir déi Zomm virzefinanzéieren. A wann de Gemengerot elo heimatter averstanen ass, da musse mer déi Zomm am Budget 2012 zeréckbezuelen.

Approbation à l'unanimité. M. Thein, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

13.1.18.

Budget rectifié de 2011 et budget de l'exercice 2012: travaux extraordinaires.

Travaux de reprofilage et renouvellement de la couche de roulement de diverses rues – approbation du devis au montant de 300.000 euros.

Breyer Roland, Schäffen:

A verschidde Stroossen aus eiser Gemeng sinn d'Infrastrukturen am Buedem nach gutt, awer de Belag schlecht. Dofir hu mer wëlles de Belag e bëssen ofzedroen a nei ze maachen. Dat soll geschéien:

- an der Batty Weber Strooss hei zu Péiteng, den Deel tëscht dem fréiere Lycée bis un d'Haaptstrooss;
- déi ganz rue des Prés zu Rolleng;
- eng Partie vun der Grousswiss zu Rolleng, dat ass laanscht de Fräizäitzentrum;
- den ieweschten Deel vun der rue de la Montagne zu Rolleng
- esou wéi d'Guillame an d'Adolphe-Strooss zu Rodange.

De Käschtepunkt fir dës Aarbechte belafe sech viraussiichtlech op 300.000 Euro.

Scheuer Romain (déi gréng):

An der Grousswiss zu Rolleng war jo geplangt, fir déi Inselen ewechzehuelen. Gëtt dat d'nächst Joer net gemaach?

Breyer Roland, Schäffen:

Dat soll matgemaach ginn. Mir hunn eis nach miisste vergewësseren ob mer rechtlech an der Rei sinn. Et muss ee kucken ob, wou d'Lotissement gemaach ginn ass, dat net e Stéck vum Lotissement war. Déi eng Insele waren am Pavé gebaut an déi aner goufe begréngt. Mir mussen nach nopréifen, op d'Begrénge vu verschiddenen Inselen net eng Konditioun vum Lotissement war.

D'Leit waren am Prinzip averstane fir déi Inselen ewechzehuelen.

Approbation par 16 voix et une abstention (adr).

13.2.

Administration générale.

Budget rectifié de l'exercice 2011 et budget de l'exercice 2012 – approbation.

Le budget rectifié de l'exercice 2011 est arrêté par 11 voix (CSV, DP, Mme Gonçalves, M. Mertzig) et 6 abstentions (MM Brecht, Linden et Pierre, déi gréng, adr).

Le budget de l'exercice 2012 est arrêté pat 13 voix (CSV, LSAP) contre 3 voix (déi gréng, DP) et 1 abstention (adr).

Gemeinderatssitzung vom 9. Dezember 2011

Anwesend:

Mellina Pierre, Bürgermeister (CSV)	**Breyer Roland**, 1. Schöffe (CSV) **Conter-Klein Raymonde**, 2. Schöffe (CSV) **Linden Jeannot**, 3. Schöffe (LSAP)	
Conzemius-Holcher Josette (CSV) **Gira Carlo** (CSV) **Polfer John** (CSV) **Rosenfeld Romain** (CSV)	**Brecht Guy** (LSAP) **Gonçalves Cátia** (LSAP) **Mertzig Romain** (LSAP) **Pierre Norbert** (LSAP)	**Becker Romain** (déi gréng) **Scheuer Romain** (déi gréng) **Welter Gilbert** (DP) **Thein Joé** (adr)

Abwesend und entschuldigt:

Bosseler Camille (CSV)

1. - Abgeänderter Haushalt des Jahres 2011 sowie Haushaltsentwurf 2012 der Gemeindeverwaltung.

Vorstellung und Kommentare durch den Schöffenrat.

Gemeinderatssitzung vom 12. Dezember 2011

Anwesend:

Mellina Pierre, Bürgermeister (CSV)	**Breyer Roland**, 1. Schöffe (CSV) **Conter-Klein Raymonde**, 2. Schöffe (CSV) **Linden Jeannot**, 3. Schöffe (LSAP)	
Conzemius-Holcher Josette (CSV) **Gira Carlo** (CSV) **Polfer John** (CSV) **Rosenfeld Romain** (CSV)	**Brecht Guy** (LSAP) **Gonçalves Cátia** (LSAP) **Mertzig Romain** (LSAP) **Pierre Norbert** (LSAP)	**Becker Romain** (déi gréng) **Scheuer Romain** (déi gréng) **Welter Gilbert** (DP) **Thein Joé** (adr)

Abwesend und entschuldigt:

Bosseler Camille (CSV)

1. - Personal

Demission eines Gemeindebeamten - Beschluss.

Dieser Punkt wurde in geheimer Sitzung behandelt.

2. - Personal

Laufbahnänderung eines Gemeindebeamten - Beschluss.

Dieser Punkt wurde in geheimer Sitzung behandelt.

3. - Mitteilungen des Schöffenkollegiums

Dankesworte an alle Helfer, welche die Spendenaktion *Péiteng hëlleft* unterstützt haben.

4. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten

Gerichtliche Klage gegen die Verteilung diffamierender Faltblätter an die Haushalte der Gemeinde Petingen – Beschluss.

Der Gemeinderat

- drückt seine Abneigung bezüglich jenes fremdenfeindlichen Gedankenguts aus;
- verurteilt die Verteilung des Faltblattes, welches diffamierende, verleumderische und rassenverherrlichende Elemente enthält;
- unterstützt den Bürgermeister in seinem Vorhaben, den Generalstaatsanwalt darum zu bitten heraus-zufinden, inwiefern eine gerichtliche Verfolgung des Autors vorgenannten Faltblattes wegen Diffamierung, Verleumdung, Rassenverherrlichung und –trennung möglich sei.

5. - Raumplanung

Einfacher Bebauungsplan des Zentrums von Rodange – endgültige Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

6. - Rektifizierter Haushalt des Jahres 2011 und Haushaltsvorlage für das Jahr 2012

Diskussionen und Beurteilungen der Gemeinderäte – Beantwortung der Fragen durch den Bürgermeister sowie die Schöffen.

Gemeinderatssitzung vom 16. Dezember 2011

Anwesend:

Mellina Pierre, Bürgermeister (CSV)	**Breyer Roland**, 1. Schöffe (CSV) **Conter-Klein Raymonde**, 2. Schöffe (CSV) **Linden Jeannot**, 3. Schöffe (LSAP)	
Bosseler Camille (CSV) **Conzemius-Holcher Josette** (CSV) **Gira Carlo** (CSV) **Polfer John** (CSV) **Rosenfeld Romain** (CSV)	**Brecht Guy** (LSAP) **Gonçalves Cátia** (LSAP) **Mertzig Romain** (LSAP) **Pierre Norbert** (LSAP)	**Becker Romain** (déi gréng) **Scheuer Romain** (déi gréng) **Welter Gilbert** (DP) **Thein Joé** (adr)

Abwesend und entschuldigt:

/

1. - Personal

Beförderung von vier Beamten - Beschlüsse.

Dieser Punkt wurde in geheimer Sitzung behandelt.

2. - Allgemeine Verwaltung

Mitteilungen des Schöffenrates.

Keine

3.1.1. - Allgemeine Verwaltung

Erneuerung der beratenden Ausschüsse des Gemeinderates – Beschlüsse.

Als Mitglieder der folgenden beratenden Ausschüsse wurden ernannt:

Kulturausschuss

Conzemius-Holcher Josette (CSV) - *Vorsitzende*
Antinori-Di Giusto Adrienne (CSV), Schmit-Hamen Christiane (CSV), Perrard Joseph (CSV), Fostier Florence (LSAP), Mentz Danielle (LSAP), Lambert-Gres Brigitte (déi gréng), Mines Robert (DP), Thein Joé (adr)

Bauausschuss

Reder Robert (CSV) - *Vorsitzender*
Quintus Roland (CSV), Remacle Patrick (CSV), Weintzen Jean-Pierre (CSV), Roth-Bosseler Danielle (CSV), Kaufmann Nico (LSAP), Gomes José (LSAP), D'Orazio Cyril (LSAP), Becker Romain (déi gréng)

Ausschuss für Verkehr und öffentlichen Transport

Stoffel Marco (LSAP) - *Vorsitzender*
Polfert Robert (CSV), Stracks Jean (CSV), Lutgen Léon (CSV), Linden Léon (CSV), Brecht Guy (LSAP), Fassbinder Emile (LSAP), Scheuer Romain (déi gréng), Bouché Claude (DP)

Ausschuss zur Überwachung der Musikschule

Hermes-Bettinger Danièle (CSV) - *Vorsitzende*
Stracks Jean (CSV), Quintus Roland (CSV), Lunkwig Nadja (CSV), Schmit Jean (LSAP), Gomes José (LSAP), Stracks-Von Gemünden Suzette (LSAP), Thermont-Ihry Marianne (déi gréng), Di Domenico Laura (adr)

Ausschuss für Finanzen, Haushalt und Verordnungen

Polfer Johny (CSV) - *Vorsitzender*
Pica Alvaro (CSV), Goedert Marco (CSV), Lutgen Léon (CSV), Laures Claude (CSV), Gonçalves Cátia (LSAP), Birtz Gaby (LSAP), Morais Bruno (déi gréng), Wagner Guy Joseph (DP)

Jugendausschuss

Arendt Patrick (CSV) - *Vorsitzender*
Glod Yannick (CSV), Martins Dias Rui (CSV), Beauchaud Laurent (CSV), Gonçalves Cátia (LSAP), D'Orazio Cyril (LSAP), Kauth André Jr. (déi gréng), Frisch Alain (DP), Weber Jules (adr)

Ausschuss für Sport und Freizeit

Brecht Guy (LSAP) - *Vorsitzender*
Glod Jean-Pierre (CSV), Schaus Elisabeth (CSV), Polfer-Koster Eliane (CSV), Heiar Marcel (CSV), Fassbinder Emile (LSAP), Hahn Patrick (LSAP), Bormes Robert (déi gréng), Bouché Claude (DP)

Ausschuss für Familie, drittes Alter und Behinderte

Schmit Jean (LSAP) - *Vorsitzender*
Polfer Robert (CSV), Masutti Raymond (CSV), Arendt-Streveler Stéphanie (CSV), Hermes-Bettinger Danièle (CSV), Mentz Danielle (LSAP), Tartarelli Francesco (LSAP), Teixeira Lopes Alberto José (déi gréng), Thein-Weber Monique (adr)

Umweltausschuss

Stoffel Marco (LSAP) - *Vorsitzender*
Arendt Patrick (CSV), Baltes Guy (CSV), Vallender Christian (CSV), Beauchaud Laurent (CSV), D'Orazio Cyril (LSAP), Schmit Jean (LSAP), Hengen David (déi gréng), Di Domenico Pipino (adr)

Ausschuss für Öffentlichkeitsarbeit, Kommunikation, Veranstaltungen und Tourismus

Metz François (CSV) - *Vorsitzender*
Pica Alvaro (CSV), Bellion Jean (CSV), Conzemius-Holcher Josette (CSV), Simon Claude (LSAP), Birtz Gaby (LSAP), Hahn Patrick (LSAP), Scheuer Romain (déi gréng), Bouché-Berens Marie-Louise (DP)

Ausschuss für Chancengleichheit

Masutti Raymond (CSV) - *Vorsitzender*
Antinori-Di Giusto Adrienne (CSV), Monteiro-Martins Edith (CSV), Glod Jean-Pierre (CSV), Filaferro Nathalie (LSAP), Mauer Jos (LSAP), Bamberg Patrice (déi gréng), Schmidt Roland (adr)

3.1.2. - Allgemeine Verwaltung

Erneuerung der beratenden Ausschüsse des Gemenderates (Einwohner) – Beschlüsse.

Resultat der geheimen Abstimmung:

Kulturausschuss

Guiliani Serge (6 Stimmen)
Krecké Alain (15 Stimmen) - gewählt
Moes Lydie (12 Stimmen) - gewählt

Ausschuss für Finanzen, Haushalt und Verordnungen

Kerger Thomas (9 Stimmen) - gewählt
Wald Guy (17 Stimmen) - gewählt

Jugendausschuss

Barbosa Freire Nathalie (16 Stimmen) - gewählt

Ausschuss für Sport und Freizeit

Giuliani Serge (16 Stimmen) - gewählt
Krecké Alain (14 Stimmen) - gewählt

Ausschuss für Familie, drittes Alter und Behinderte

Hoffmann-Feller Josée (15 Stimmen) - gewählt
Kinnen Marie-Jeanne (17 Stimmen) - gewählt
Mauer-Brazdeikis Nelly (1 Stimmen)

Ausschuss für Öffentlichkeitsarbeit, Kommunikation, Veranstaltungen und Tourismus

Alomerovic Alen (16 Stimmen) - gewählt
Kerger Thomas (1 Stimmen)
Krecké Alain (2 Stimmen)
Moes Lydie (14 Stimmen) - gewählt

3.2. - Allgemeine Verwaltung

Ernennung der Mitglieder des Schulausschusses – Beschluss.

Resultat der geheimen Abstimmung:

Krecké-Even Lydie (16 Stimmen) - gewählt
Lunkwig Nadja (16 Stimmen) - gewählt
Brecht-Baulisch Chantal (16 Stimmen) - gewählt
Gomes José (16 Stimmen) - gewählt
Termont-Ihry Marianne (16 Stimmen) - gewählt
Hutmacher-Kalmes Jeanny (16 Stimmen) - gewählt

3.3. - Allgemeine Verwaltung

Ernennung der Delegierten der Vereinigungen mit kommunalem Interesse – Beschlüsse.

Es sind ernannt:

Les Amis de l'Histoire de la Commune de Pétange – Geschichtsfrënn vun der Gemeng Péiteng – a.s.b.l.:

- M. Roland Breyer (14 Stimmen) – faktisches Mitglied
- M. Guy Brecht (16 Stimmen) – Vertreter

Les Amis des Jumelages de la commune de Pétange a.s.b.l.:

- M. Roland Breyer (15 Stimmen) –faktisches Mitglied
- M. Romain Mertzig (16 Stimmen) – Vertreter

Klimabündnis Lëtzebuerg:

- M. Jeannot Linden (16 Stimmen)

Ordre de la Chevalerie du 7e Centenaire de Pétange:

- M. Jeannot Linden (16 Stimmen)
- M. Romain Rosenfeld (16 Stimmen)

La Sécurité routière, association luxembourgeoise pour la prévention des accidents de la route:

- M. Jeannot Linden (16 Stimmen)

Foyer de l'Enfance de Rodange-Lamadelaine a.s.b.l.:

- Mme Conter-Klein Raymonde (16 Stimmen) – Delegierte im Verwaltungsrat
- M. Norbert Pierre (16 Stimmen) – Delegierter im Überwachungskomitee

Borne du Passeur a.s.b.l.:

- M. Pierre Mellina (16 Stimmen)
- M. Roland Breyer (16 Stimmen)
- Mme Raymonde Conter-Klein (14 Stimmen)
- M. Jeannot Linden (15 Stimmen)
- M. Joé Thein (9 Stimmen)

3.4. - Allgemeine Verwaltung

Erneuerung der Gemeindedelegierten innerhalb des SYVICOL: Bestimmung eines Kandidaten (m/w) – Beschluss.

Mit 16 Stimmen sowie einer Gegenstimme wurde Herr Pierre Mellina zum Kandidaten für die Delegiertenwahl des SYVICOL-Komitees, welcher die Gemeinden Niederkerschen/Künzig, Differdingen und Petingen vertritt, ernannt.

3.5. - Allgemeine Verwaltung

Billigung der Abrechnungen.

Erneuerung des Außenausbaus der Neiwiss-Schule in Rodange

Genehmigter Kostenvoranschlag:	*230.000,00 €*
Genehmigte Finanzmittel:	*230.000,00 €*
Realausgabe	*224.362,74 €*

Einstimmige Billigung der Abrechnung.

Erneuerung des Pausenhofes der Neiwiss-Schule in Rodange

Genehmigter Kostenvoranschlag:	*440.000,00 €*
Genehmigte Finanzmittel:	*440.000,00 €*
Realausgabe:	*437.731,07€*

Einstimmige Billigung der Abrechnung.

Ausbau der Schule Am Paesch in Rodange

Genehmigter Kostenvoranschlag:	*2.817.690,92 €*
Genehmigte Finanzmittel:	*2.765.389,17 €*
Realausgabe:	*2.755.757,17 €*

Einstimmige Billigung der Abrechnung.

Erneuerung des Außenausbaus der Schule An Eigent in Petingen

Genehmigter Kostenvoranschlag: *309.866,91 €*
Genehmigte Finanzmittel: *213.953,31 €*
Realausgabe: *188.953,31€*

Einstimmige Billigung der Abrechnung.

Einrichtung eines Klassenzimmers im letzten Stockwerk der Schule Am Park in Petingen

Genehmigter Kostenvoranschlag: *60.000,00 €*
Genehmigte Finanzmittel: *60.000,00 €*
Realausgabe: *51.070,92 €*

Einstimmige Billigung der Abrechnung.

Installation einer neuen Feuermeldeanlage in der Fonderie-Schule in Rodange

Genehmigter Kostenvoranschlag: *25.000,00 €*
Genehmigte Finanzmittel: *25.000,00 €*
Realausgabe: *24.934,39 €*

Einstimmige Billigung der Abrechnung.

Installation einer neuen Einbruchmeldeanlage im Jugendhaus in Rodange

Genehmigter Kostenvoranschlag: *5.000,00 €*
Genehmigte Finanzmittel: *5.000,00 €*
Realausgabe: *4.776,03 €*

Einstimmige Billigung der Abrechnung.

Erneuerungsarbeiten im Gebäude, in dem sich das Sozialamt befindet

Genehmigter Kostenvoranschlag: *72.000,00 €*
Genehmigte Finanzmittel: *72.000,00 €*
Realausgabe: *71.676,07 €*

Einstimmige Billigung der Abrechnung.

Bau einer neuen Kinderkrippe gelegen hinter dem Home St Hubert in Petingen

Genehmigter Kostenvoranschlag: *2.480.000,00 €*
Genehmigte Finanzmittel: *2.343.474,73 €*
Realausgabe: *2.275.280,79 €*

Einstimmige Billigung der Abrechnung.

Instandsetzung der Fassade sowie des Dachbelags des Gebäudes, in dem die Musikgesellschaft, der Gesangverein sowie das Jugendhaus in Petingen untergebracht sind

Genehmigter Kostenvoranschlag: *170.000,00 €*
Genehmigte Finanzmittel: *170.000,00 €*
Realausgabe: *134.602,98 €*

Einstimmige Billigung der Abrechnung.

Sanierung des Entwässerungssystems in verschiedenen Straßen

Genehmigter Kostenvoranschlag: *50.000,00 €*
Genehmigte Finanzmittel: *50.000,00 €*
Realausgabe: *48.139,37 €*

Einstimmige Billigung der Abrechnung.

Einrichtung eines Kunstrasenspielfeldes in Rodange

Genehmigter Kostenvoranschlag: *1.100.000,00 €*
Genehmigte Finanzmittel: *1.133.026,63 €*
Realausgabe: *1.130.919,26 €*

Einstimmige Billigung der Abrechnung.

Erneuerung des Unterbaus in einem Teil der rue de la Montagne in Lamadelaine

Genehmigter Kostenvoranschlag: *298.000,00 €*
Genehmigte Finanzmittel: *298.000,00 €*
Realausgabe: *252.378,75 €*

Einstimmige Billigung der Abrechnung.

Abtragen und Erneuerung der Trag- und Deckschicht verschiedener Straßen

Genehmigter Kostenvoranschlag: *430.000,00 €*
Genehmigte Finanzmittel: *430.000,00 €*
Realausgabe: *376.561,68 €*

Einstimmige Billigung der Abrechnung.

Erneuerung des Unterbaus in der Terre Noire Straße in Rodange

Genehmigter Kostenvoranschlag: *597.000,00 €*
Genehmigte Finanzmittel: *546.404,90 €*
Realausgabe: *485.573,16 €*

Einstimmige Billigung der Abrechnung.

Markierung der Straßen

Genehmigter Kostenvoranschlag: *50.000,00 €*
Genehmigte Finanzmittel: *50.000,00 €*
Realausgabe: *48.139,37 €*

Einstimmige Billigung der Abrechnung.

Einrichtung eines Busunterstandes gegenüber des Cactus Supermarkts

Genehmigter Kostenvoranschlag: *60.000,00 €*
Genehmigte Finanzmittel: *60.000,00 €*
Realausgabe: *50.823,20 €*

Einstimmige Billigung der Abrechnung.

4. - Öffentliche Ordnung

Genehmigung einer Spendensammlung in der Ortschaft Rodange – Beschluss.

Einstimmig ist die Spendensammlung der Vereinigung *Amicale Nidderréideng* in der Ortschaft Rodange in der Zeit zwischen dem 16.01.2012 und dem 16.02.2012 genehmigt.

5.1. - Personalfragen

Verlängerung der Probezeit eines Gemeindebeamten – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

5.2. - Personalfragen

Festlegung des Stellenplans im „cadre fermé“ der Laufbahn der Gemeindebeamten - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Becker hat nicht an der Abstimmung teilgenommen, da er den Raum verlassen hatte.

5.3. - Personalfragen

Schaffung diverser Angestelltenposten (ehemals Arbeiter) - Beschluss.

Beschluss einstimmig bezüglich der Schaffung 8 neuer Angestelltenposten – halbtags sowie zeitlich unbefristet – für die Abteilung Reinigung und Lager sowie 1 neuer Posten –

ganztags und zeitlich unbefristet - des Portiers und Handwerkers.

5.4. - Personalfragen

Überprüfung des Personalstammes für die Laufbahn des Reinigungsangestellten sowie des Portiers und Handwerkers– Beschluss.

Beschluss einstimmig.

5.5. - Personalfragen

Schaffung diverser Angestelltenposten (ehemals Privatbeamten) für die Kinderkrippen - Beschluss.

Beschluss einstimmig bezüglich der Schaffung von 37 zeitlich unbefristeten Posten unter dem Statut des Angestellten für die Kinderkrippen.

5.6. - Personalfragen

Festlegung der Führungskräfte des Erzieherpersonals in den Kinderkrippen – Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Brecht hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

6. - Unterricht

Festlegung der Zulagen, welche den Schulärzten zusteht - Beschluss.

Beschluss einstimmig bezüglich der Zulagenfixierung auf 2,25 Euro, Lebenshaltungskosten-Index 100, pro Schüler. Herr Brecht hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

7. - Musikunterricht

Unterschrift eines Arbeitsvertrages mit dem Ersatz-Lehrpersonal der Gemeindeschulen – Ratifizierung.

Ratifizierung einstimmig.

8.1. - Liegenschaften

Zusatz zum Mietvertrag mit Frau Marie-Albertine Genevo aus Petingen zwecks Vermietung eines Parkplatzes – Billigung.

Billigung mit 15 Stimmen und 2 Gegenstimmen (déi gréng).

8.2. - Liegenschaften

Mietvertrag mit Frau Marie-Josée Wagener aus Rodange zwecks Vermietung eines Gartens – Billigung.

Billigung einstimmig. Herr Welter hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

8.3. - Liegenschaften

Vergleich bezüglich den Kauf von Grundstücken in Lamadelaine (Standort *Im Walterfeldchen)* und in Rodange (Standorte *Am Doihl, Am Chaux Four)* von Herrn Jean Théophile Rongveaux – Billigung.

Der Gesamtkaufpreis beläuft sich auf 164.225 Euro.

Billigung einstimmig.

9.1. - Soziales

Ersetzung eines Mitglieds des Sozialamt-Vorstandes – Beschluss.

Resultat der geheimen Abstimmung:

Frau Lily Bertang verw. Gansen: 12 Stimmen (gewählt)

Herr Romain Becker: 5 Stimmen

Frau Lily Bertang verw. Gansen wird zum neuen Vorstandsmitglied des Sozialamtes ernannt um das Mandat von Herrn Jeannot Linden, welches zur Verfügung stand, zu Ende zu führen.

9.2. - Soziales

Abgeänderter Haushalt des Jahres 2011 sowie Haushaltsentwurf 2012 des Sozialamtes – Billigung.

Billigung einstimmig. Herr Thein hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

9.3. - Soziales

Dritte Welt-Hilfe: Projekt für körperbehinderte Kinder in Nepal – Beschluss.

Beschluss einstimmig. Der Gemeinderat beschließt, der *ONGD-FNEL scouts & guides pour le développement communautaire a.s.b.l.* aus Luxemburg eine Subvention über 10.000 Euro zukommen zu lassen.

9.4. - Soziales

Dritte Welt-Hilfe: Projekt, welches die Recycling-Mitarbeiter im indischen Dehli unterstützt - Beschluss.

Mit 16 Stimmen und 1 Gegenstimme (adr) beschließt der Gemeinderat, dem VoG *Action Solidarité Tiers Monde* aus Luxemburg 5.000 Euro zuzugestehen.

9.5. - Soziales

Dritte Welt-Hilfe: Unterstützung von Kindern, deren Eltern in Nepal im Gefängnis sind - Beschluss.

Mit 16 Stimmen und 1 Enthaltung (adr) beschließt der Gemeinderat, der *ONGD-FNEL scouts & guides pour le développement communautaire a.s.b.l.* aus Luxemburg eine Subvention über 10.000 Euro zuzugestehen.

9.6. - Soziales

Konvention mit ProActif bezüglich der Wiedereingliederung junger Arbeitsloser auf dem Arbeitsmarkt – Beschluss.

Die Konvention, die 12 Monate ab dem 1. Januar 2012 gültig ist, bietet die Möglichkeit einer stillschweigenden Verlängerung und hat ein Volumen von 260.000 Euro.

Beschluss einstimmig.

10. - Sport und Freizeit

Zusatz zu einer Konvention mit der Gemeinde Düdelingen zwecks zeitweiliger Bereitstellung des Petinger Schwimmbades – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

11. - Umwelt

Jahresaktionsprogramm für das Geschäftsjahr 2012 des SICONA - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

12. - Forstwesen

Betriebsplan der Gemeindewälder für das Jahr 2012 – Billigung der Kostenvoranschläge und der Pläne.

Voraussichtliches Defizit laut Betriebsplan: 55.870 Euro.

Billigung einstimmig.

13.1. - Abgeänderter Haushalt des Jahres 2011 sowie Haushaltsentwurf 2012 – außerordentliche Arbeiten: Billigung der Kostenanschläge.

Sanierungsarbeiten im Kellergeschoss der Fonderie-Schule in Rodange – Billigung des Kostenvoranschlags über 72.000 Euro.

Billigung einstimmig.

Erneuerungsarbeiten an den Fassaden der zur Schule *In Eigent* gehörenden Gebäude in Petingen – Billigung des Kostenvoranschlags über 100.000 Euro.

Billigung einstimmig.

Materialkosten zwecks Einrichtung eines Sozialgemischtwarenladens in Petingen – Billigung des Kostenvoranschlags über 117.897,03 Euro.

Billigung einstimmig.

Erstellung eines Ausführungsplanes „Pétange Ouest“ und des Standortes *Am Grond* in Petingen – Billigung des Kostenvoranschlags über 70.700 Euro.

Billigung einstimmig.

Erstellung eines einfachen Bebauungsplanes für den Hinterhof des Kulturhauses *A Rousen* und das angrenzende Stadtviertel in Petingen - Billigung des Kostenvoranschlags über 100.000 Euro.

Billigung einstimmig.

Einrichtung und Aufwertung eines Grundstücks am Standort *Im Kaepgesfeld* nahe beim Petinger Friedhof - Billigung des Kostenvoranschlags über 100000 Euro.

Billigung einstimmig.

Errichtung eines zusätzlichen Kolumbariums auf dem Petinger Friedhof - Billigung des Kostenvoranschlags über 10.580 Euro.

Billigung einstimmig.

Errichtung eines zusätzlichen Kolumbariums auf dem Rodanger Friedhof - Billigung des Kostenvoranschlags über 13.524 Euro.

Billigung einstimmig.

Aufwertung der von Privatleuten abgetretenen Konzessionen auf dem Petinger Friedhof - Billigung des Kostenvoranschlags über 6.555 Euro.

Billigung einstimmig.

Sanierungsarbeiten des Unterbaus im Chemin de Brouck in Rodange - Billigung des Kostenvoranschlags über 62.000 Euro.

Billigung einstimmig. Herr Rosenfeld hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

Sanierung des Unterbaus in Lamadelaine - Billigung des Kostenvoranschlags über 47500 Euro.

Billigung einstimmig.

Einrichtung eines umweltfreundlichen Parkplatzes in der Umgebung der Waxweiler Mühle - Billigung des Kostenvoranschlags über 180.000 Euro.

Billigung mit 15 Stimmen bei 2 Gegenstimmen (déi gréng).

Kauf des Mobiliars für die Waxweiler Mühle - Billigung des Kostenvoranschlags über 100.000 Euro.

Billigung einstimmig.

Einrichtung einer Kogenerationszentrale und eines urbanen Heiznetzes im Sportzentrum Petingen - Billigung des Kostenvoranschlags über 640.000 Euro.

Billigung mit 15 Stimmen und 1 Gegenstimme (DP). Herr Bosseler hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

Einrichtung einer Garage sowie diverse Erneuerungsarbeiten - Billigung des Kostenvoranschlags über 40000 Euro.

Billigung einstimmig. Die Herren Pierre und Thein haben nicht an der Abstimmung teilgenommen.

Unterhaltsarbeiten im Kellergeschoss des Schwimmbades PiKo in Rodange - Billigung des Kostenvoranschlags über 110.000 Euro.

Billigung einstimmig. Herr Thein hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

Erneuerung des Gemeinschaftsantennennetzes in der *Cité CFL* in Petingen - Billigung des Kostenvoranschlags über 97.800 Euro.

Billigung einstimmig. Herr Thein hat nicht an der Abstimmung teilgenommen

Abtragen und Erneuerung der Trag- und Deckschicht in diversen Straßen - Billigung des Kostenvoranschlags über 300.000 Euro.

Billigung mit 16 Stimmen und 1 Enthaltung (adr).

13.2. - Abgeänderter Haushalt des Jahres 2011 sowie Haushaltsentwurf 2012 – Abstimmung beider Haushalte.

Der abgeänderte Haushalt des Jahres 2011 wird mit 11 Stimmen und 6 Enthaltungen (die Herren Brecht, Linden und Pierre, déi gréng, adr) gutgeheißen.

Der Haushaltsentwurf 2012 wird mit 13 Stimmen und 3 Gegenstimmen (déi gréng, DP) und 1 Enthaltung (adr) gutgeheißen.